

The background of the entire page is a photograph of a railway track in a forest. The tracks are made of metal rails and wooden sleepers, and they are heavily covered with bright yellow-green moss. The forest is dense with trees and foliage, creating a natural, somewhat overgrown atmosphere. The text is overlaid on this image.

INFO BLAT

°06 19

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

**GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 19. JUNI 2019**

Séances du 17 juillet 2019

Séance du 19 juin 2019

Séance du 5 juin 2019

Séance du 15 mai 2019

Séance du 6 avril 2019

Séance du 6 mars 2019

Séance du 30 janvier 2019

Séance du 16 décembre 2018

Séance du 5 décembre 2018

Séance du 21 novembre 2018

Séance du 14 octobre 2018

Séance du 10 septembre 2018

Séance du 14 juillet 2018

Séance du 6 juin 2018

Séance du 25 avril 2018

Séance du 7 mars 2018

Séance du 25 janvier 2018

Séance du 14 janvier 2018

Conseil communal du 17 juillet 2019

Conseillers présents

Roberto Traversari (bourgmestre, délégué), Tina Hiesling (CD, déléguée), Georges Liesch (député, délégué), Laura Prigun (députée, déléguée), Robert Mangen (député, délégué), Guy Akensiedt (LSAP), Fred Berliand (LSAP), Christiane Brunel-Rausch (députée, déléguée), Gary Dieckhoff (député, délégué), Serge Gollux (LSAP), Jerry Flammig (CD), Frédéric Melch (DP), Ernie Müller (LSAP), Yvonne Richartz-Nilles (députée, déléguée), Ali Hachem (KPL), Christelle Naud (DP), Frédéric Schwachtmann (député, délégué), Guy Lampade (LSAP)

Absent et excusé: Paulo Aguiar (député, délégué)

Ordre du jour

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.

▶ ◀ 00:00

2. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: projet d'aménagement particulier au boulevard "Boulevard Garçon - rue des Ligures - Tover" à Miesdelt, présenté par le collège communal pour le comité de Miesdelt - Développement SA.

▶ ◀ 00:00

3. Office social de Differdange: convention 2019.

▶ ◀ 00:00

4. Actes et conventions:

A. Accord relatif à l'immobilier d'habitation et de commerce situé au boulevard "Avenue de la Liberté" à Differdange.

Infos & renseignements



Liens rapides

[Agenda](#)

[Avis aux](#)

[Cartes du citoyen](#)

[Départements administratifs](#)

[Formulaires administratifs](#)

[Galerie photos](#)

[Informations locales](#)

[Mairie de la](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{06 19}

COMPTE-RENDU DU 19 JUIN 2019

3-49

CARTE D'INVALIDITÉ

50

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© PHOTO Couverture: Noé Steffenmünzberg

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 06/2019, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 19 JUIN 2019

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)

Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : procédure d'adoption du nouveau projet d'aménagement général de la Ville de Differdange – saisine du conseil communal suivant article 10 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.
3. Actes et conventions :
 - a. Avenant à un contrat de bail d'un espace au 1535° Creative Hub ;
 - b. Contrat de bail avec le CIGL portant sur un local commercial situé au n° 18 de l'avenue Charlotte à Differdange.
4. Règlements communaux :
 - a. Adaptation des indemnités pour les membres du jury, accompagnateurs et remplaçants au sein de l'école de musique ;
 - b. Règlements temporaires de circulation.
5. Changements au sein des commissions consultatives.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ouvre une des séances les plus importantes de ces dernières années. Il s'agit de la présentation du nouveau PAG par M. Liesch. Ce document représente un morceau du futur de Differdange. Bien entendu, il pourra être adapté régulièrement. Aujourd'hui, le conseil communal décidera dans un premier vote dans quelle direction Differdange doit aller. Roberto Traversini profite de l'occasion pour remercier M. Muller pour le travail qu'il a accompli au cours des dernières années avec les services communaux.

Le bourgmestre ne souhaite pas entrer dans les détails, mais exposer quelques idées clés.

Le PAG est complexe. De nombreux citoyens ne savent pas ce que c'est et ne comprennent donc pas son importance. Ceci explique le relatif manque d'intérêt malgré les efforts de la commune.

Le PAG fixe les règles appliquées à Differdange lors d'aménagements. Concrètement, la commune est subdivisée en zones. Chaque zone peut accueillir différents types de constructions: des magasins, des appartements, des entreprises, des zones naturelles, des écoles, des aires de jeux, des routes, des pistes cyclables, etc. Le document fixe aussi les règles pour les quartiers existants, par exemple le type de bâtiments pouvant y être construits, leur hauteur, le nombre d'appartements, etc.

L'EES, l'étude environnementale stratégique définit, quant à elle, la façon dont la nature est protégée. Dans certains cas, des compensations sont nécessaires. Celles-ci doivent alors être réalisées sur place ou du moins dans la commune. Pour Roberto Traversini, il faut veiller à ce qu'il reste suffisamment d'espaces à l'intérieur de la ville où se ressourcer. Car même si l'on habite un appartement, on doit pouvoir sortir et s'asseoir sur un banc. La nature contribue à la qualité de vie des habitants et le PAG en tient compte.

En tout, le projet d'aménagement général se compose de trois parties: le PAG, le PAP Quartiers existants et l'EES. Le document concerne tous les aspects du futur de Differdange: l'économie, la démogra-

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien an eiser Sitzung vum 19. Juni, eng wichteg Sitzung. Ech mengen, vun deene leschte Joren ass dat eng vun deene wichtigsten. Natierlech niewent dem Budget, dee mer all Joer mat Freed stëmmen.

Mir wëllen Iech en neie PAG virstellen. Mat „mir“ mengen ech de Liesch Georges. Dee wäert dat ganz gutt erklären. Mat deem Dokument, wat mer virun eis leien hu respektiv gewise kréien, schreiwe mer e Stéck Zukunft vun Déifferdeng. Dëst ass en extrem wichtegt Dokument.

Dat Dokument wäert natierlech kënne reegelméisseg adaptéiert ginn. A mir hoffen, datt et dann net Joerzéngte brauch, wéi et bis elo de Fall war.

Mir decidéieren haut, an och vläicht an engem Joer – well haut ass jo am Fong den éischte Vott, wou mer d'Présentation maachen –, d'Entwécklung vun Déifferdeng, wou et soll higoe respektiv net higoen. Dat erkläert, firwat et esou laang gedauert huet. An hei direkt e Merci, well soss hunn ech dat um Schluss bestëmmt vergiess. Ech wëll dem Erny Muller e grouse Merci soen, well e ganz vill an de leschte Joren dru geschafft huet. Mat eise ganzen Equippen an natierlech och mat de Services, déi eis begleet hu während bal zéng Joer, wann net méi laang.

Ech wëll net an d'Detailer goen. Dat wäert den Här Liesch an e puer Minute maachen. Just e puer Grondgedanken, ëm wat de PAG dréit, firwat en esou wichteg ass a wat eis Zukunftsvisionen vun dëser Stad sinn.

De PAG ass komplex. Vill Leit wëssen iwwerhaupt net, vu wat mer hei schwätzen a kënne sech schlecht eppes drënner virstellen, op alle Fall näischt Konkretes. A verstinn net, firwat et esou wichteg ass. A wann een dat net versteet, firwat et esou wichteg ass, dann ass den Interessi och net esou grouss. Obwuel mer och do vill versicht hunn, zënter Joren, fir d'Biergerinnen an d'Bierger matanzebannen.

De PAG setzt Regele fest, déi op eise Territoire applizéiert ginn, wann eppes amenagéiert gëtt. Dat heescht, d'Ge-

meng gëtt an Zonen opgedeelt. Et gëtt systematesch Stéck fir Stéck gekuckt, wat ech dierf a wou ech dierf bauen. Wou ech dierf meng Geschäfte hisetzen, meng Appartementer, meng Haiser, meng Industrie. D'Natur, wéi mer déi schützen, bis wouhinner. Wou mer d'Schoulen hisetzen, wou mer d'Spillplazen hisetzen, wou mer d'Vëlosweeër maachen, wou mer d'Stroosse maachen. Alles, wat hei an der Stad soll gemaach ginn.

Donieft, e ganz wichtegt Stéck, déi Quartieren, déi schonn existéieren, eis Quartiers existants: Wéi sinn do d'Regelen? Wéi sollen d'Neibauten an engem Quartier gebaut ginn? Wéi héich sollen déi ginn? Op wéi enger Plaz? Wéi vill Appartementer? Solle mer iwwerhaupt eng Residenz dohinner maachen? Wéi vill Parkplazen oder och keng?

An e ganz wichtigen Deel, den drëtten Deel, ass d'SUP, d'strategische Umweltprüfung. Dat ass am Fong geholl de Grond, firwat mer een, zwee Joer hannelnd sinn. Well déi wierklech gefeelt huet.

Mir müssen dofir suergen, datt eis Natur geschützt gëtt. Mir müssen awer och kënne bauen, op Plazen, wou vläicht d'Natur flott Saachen dohinner gesat huet. Mir müssen da versichen, déi Saachen op der Plaz ze kompenséieren. A wann et net op der Plaz selwer geet, dann awer wéinstens hei an der Gemeng. Dat versiche mer heimadder.

Datt eis Natur an der Stad bleift. Datt genuch Plazen an eiser Gemeng bliwen, wou ee sech kann erhuelen. Och wann een an engem Appartement wunnt, huet een d'Recht, sech eraus op eng Bänk setzen ze goen. Och matzen an enger Stad.

Mir müssen der Natur e wichtigen Deel loossen. Dat ass fir eis Liewensqualität. An dat ass an deem neie PAG berécksiichtegt ginn.

Et gëtt dräi Voleten: de PAG, de PAP Quartiers existants an d'strategische Umweltprüfung. D'Wichtigkeet vum Dokument concernéiert sämtlech Aspekter vun eiser Zukunft: wéi mer zesummeliewen, wéi mer zesumme wëlle liewen, eis Ekonomie, eis Demografie, d'Konstruktiounen a wéi déi sollen ausgesinn, wéi eis Stad soll ausgesinn,

d'Waassergestioun, natierlech d'Natur an d'Mobilitééit, déi sinn ëmmer méi wichteg.

Mir sinn déi drëttgréisst Stad, mir hu vill Defien. Eis Populatioun ass déi lescht 15 Joer rasant an d'Luucht gaangen. Mir hunn ëmmer méi Aarbechtsplaze geschaaft. Mir si méi attraktiv ginn. Mir hunn ëmmer méi Autoen. Mir hunn ëmmer méi Verkéier. Also musse mer elo festsetzen, wou mer wëllen higoen a wéi mer déi grouss Defie wëlle geréieren. Net, datt mer hannendru lafen. Mä mir solle soen, hei zesummen, wou mer sollen higoen.

Wichteg an deem heite PAG ass, datt eis Awunner, déi jo hei wunnen, d'absolutt Prioritéit kréien. Bauen, jo. Mä nëmmen, wann d'Liewenskonditiounen optimal bleiwe fir jiddwereen. Fir déi, déi do wunnen, respektiv fir déi, déi wëllen heihinner wunne kommen. D'Liewensqualitéit muss ëmmer ganz uewe stoen. Dat ass dat Wichtegst an enger Stad.

Mir musse Projeten ausschaffen, fir d'Natur ze schützen, mä och méi Natur an d'Stad erakréien. D'Gäert vläicht esou ëmsetzen, datt et accessibel gëtt fir jiddwereen.

D'Mobilitééit: Mir müssen oppassen, wou mer bauen a wat mer bauen. Dass ee kann ze Fouss hin- an hiegoen oder mam Vëlo. Gréngs an de Wunngebieder musse mer behalen, wa méiglech nach bäikréien.

Ganz wichteg och: Respekt virun eiser Vergaangenheet, virun der Industrie, déi mer hunn. An natierlech virun eisem Patrimoine, dee mer wëlle behalen a musse behalen, fir d'Séil an eiser Stad ze behalen.

Mir sinn all concernéiert dovunner, dat heescht de Gemengerot, wéi och de Schäfferot an natierlech eis Matbierger a Matbiergerinnen. Mir wëllen eng Stad, wou et sech gutt lieve léisst, haut, a fënnel Joer, an zéng Joer an och nach driwwer eraus. A fir Iech ze erklären, wat mer wëlle maachen a wou mer wëllen higoen, géif ech dem Här Liesch d'Wuert ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Gudde Moien alleguerten. Ech probéieren, Iech haut duerch eise PAG ze féieren. Vläch e puer Saachen am Ufank: No der Presentatioun ass jo den Tour fir jiddwer Conseiller, fir Stellung ze huelen zum PAG. Duerno géife mer proposéieren, eng kuerz Paus ze maachen. Wou mer all déi Suggestiounen, déi Froen, déi komm sinn, déi mer eis opschreiwe wäerten, kucken. Mir kucken, wat fir eng mer kënnen direkt beäntwerten, wou mer d'Äntwert honnertprozenteg direkt hunn. Do wou mer e Verdacht, en Zweifel hunn oder eppes müssen noliesen, géife mer d'Äntwert schrëftlech noreeche.

Well ech mengen, dat Dokument hei ass ze wichteg, fir dass mer mat hallwe Saachen hei schaffen. Mir wëllen hei 100% kloer soen, wéi d'Äntwerten och musse sinn.

Eppes Weideres, wat mer nogefrot hunn, dat ass, dass mer an dëser Prozedur, wou mer elo dra sinn, eigentlech an d'Saisine ginn. Dat heescht, mir stëmmen doriwwer of, dass mer déi Dokumenter, PAG a PAP Quartiers existants an d'Prozedur ginn.

Zu dësem Moment ass et also net méiglech, Suggestiounen, déi elo vun Ärer Sait kommen, direkt hei um Dësch anzubauen. Do hu mer eis juristesche ëmfrot. Och wa se eis alleguerten aliichten, ass et net de Moment, fir ze soen, dat do ass eng gutt Saach, dat iwwerhuele mer. Am Kader vun der Reklamatiounszäit musse mer dat abauen. Dat kënnen mer net haut maachen.

Ech wollt Iech dat just virdru soen. Mir hunn dat extra bei eisem Jurist nofroe gelooss, wéi mer domadder sollen ëmgoen. An de Jurist ass an där Fro ganz kloer.

Da géif ech ufänke mat der Presentatioun vun eisem PAG. Wéi de Buergermeeschter gesot huet, de PAG ass en Dokument, wou mer eis Gemeng an deenen nächste sechs Joer beschreiwen: wéi mer wëlle wuessen, wéi mer wëlle liewen, wéi mer wëlle wunnen, awer mat enger Vue op zwielef Joer. De PAG kuckt also méi wäit wéi seng eege Liewensdauer. E kuckt also nach weider sechs Joer an d'Zukunft, fir och do ze gesinn, wéi den Developpement ass.

phie, les constructions, la nature, la mobilité, la gestion de l'eau, etc.

En tant que troisième ville du pays, Differdange est confrontée à de nombreux défis. La population a fortement augmenté au cours des 15 dernières années. Des emplois ont été créés. Il y a de plus en plus de voitures. Il faut décider comment maîtriser les défis.

Ce qui compte, c'est accorder la priorité aux habitants. Il faut continuer à construire, mais uniquement si les conditions de vie restent optimales pour les Differdangeois et pour ceux s'apprêtant à y emménager.

Les projets doivent permettre de protéger la nature, mais aussi d'aménager plus de zones vertes à l'intérieur de la ville. Il faut pouvoir se déplacer à vélo ou à pied. Le passé industriel de Differdange mérite le respect.

Le PAG concerne tout le monde: le collège échevinal, le conseil communal, mais surtout aussi les habitants. On doit pouvoir se sentir à l'aise à Differdange aujourd'hui, dans cinq ans et dans dix ans.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) propose de céder la parole à chaque conseiller communal après la présentation. Après une courte pause, le collège échevinal répondra aux questions dont il connaît la réponse. En cas de doute, la réponse sera fournie par écrit ultérieurement. Le document est trop important pour ne pas être clair à 100 %. Le vote d'aujourd'hui permettra de lancer la procédure d'approbation du PAG et du PAP « Quartiers existants ». Par conséquent, les suggestions des conseillers communaux ne pourront pas être intégrées au document immédiatement. Il faudra attendre la période de réclamation. Le collège échevinal s'est renseigné auprès d'un juriste et c'est la façon dont il faut procéder. Le bourgmestre a expliqué que le PAG décrit la façon dont doit se développer la commune au cours des 6 prochaines années avec une vision portant sur 12 ans. Le PAG va donc plus loin que sa propre durée de vie.

Le document n'est pas écrit dans la pierre. Au cours des dernières années, le conseil communal a d'ail-

leurs modifié ponctuellement le PAG à plusieurs reprises — soit par obligation, soit parce que certains projets n'étaient pas prévus, mais constituent un avantage pour la ville.

Georges Liesch n'entrera pas dans les détails, mais présentera des éléments que le conseil communal connaît déjà. Car les citoyens sont moins bien informés. Or il est important que les personnes intéressées sachent quoi faire.

Un PAP dépend des lois nationales. D'après le calendrier, le PAG devra être introduit au plus tard en novembre.

Le PAG comprend une étude préparatoire dressant un état des lieux du patrimoine de la commune, mais également de ses atouts et de ses faiblesses. L'étude préparatoire est à la base du PAG.

Le PAP « Quartiers existants » reprend tout ce qui existe déjà et inclut une large partie du règlement des bâtisses.

L'étude préparatoire a commencé très tôt. La commune est entrée en contact avec les citoyens lors de la dernière période législative à travers des microtrottoirs, des visites de quartiers, un site internet, etc., même si elle ne leur a pas expliqué toute la réglementation immédiatement. Cela n'aurait servi à rien. Dans un premier temps, l'objectif était de savoir où se trouvaient les endroits intéressants et moins intéressants, si les Differdangeois se sentent à l'aise dans leur ville, ce qu'ils n'aiment pas... Toutes ces réflexions ont été incluses dans l'étude préparatoire.

Dans le cadre du PAG, Differdange doit être considérée de plusieurs angles: national, régional, mais aussi transfrontalier.

L'étude démographique a fourni des indications quant à la croissance de la commune.

Il faut tenir compte de la situation économique et de la situation foncière. La mobilité constitue un défi important. Differdange est entourée de zones vertes. C'est une bonne chose. Cette nature doit être préservée. Il faut tenir compte de tous ces aspects.

Differdange dispose d'un bon potentiel de développement. Il faudra en profiter, mais de manière intelli-

Wéi scho gesot, de PAG ass en Dokument, wat mer haut an d'Prozedur ginn. Et ass net a Stee gemeesselt. Mir hunn dat hei an der Gemeng, déi lescht Joren, oft exerceiert, dass mer Modifikatiounen zu PAGe gemaach hunn. Sief et, well mer et mussen, duerch déi Zonen – wat ech nach wäert erklären. Respektiv well Saache kommen, déi net virgesi waren an awer eis als Stad e Virdeel bréngen. Wou mer alleguerten der Meenung sinn, dass et eng gutt Saach ass, da musse mer déi Modifikatiounen um PAG maachen. Och dat ass nach ëmmer méiglech.

Dat ass e bëssen d'Introduktioun, wéi mer doduerch ginn. Ech gi kuerz op déi eenzel Saachen an. Erlaabt mer, dass ech heiansdo e bëssen, net an den Detail ginn, mä Saache widderhuelen, déi Dir als Conseiller natierlech scho wësst. Mä d'Leit dobaussen, déi eis nolauscheren, hu jo eigentlech vill manner Informatiounen zu deem hei. An ech mengen, et ass awer wichteg, de Leit dobaussen ze soen, wéi een dann elo als Bierger un déi dote Saachen erugeet, wann ech sech dofir interesséiert. Dofir wäert ech heiansdo Saache soen, déi Dir als Conseillere alleguerte scho kennt.

E PAP ass eppes, wat mer net erfondt hunn hei op der Gemeng, mä deen ënnerläit nationale Gesetzgebungen. Déi, déi hei um Tableau sinn, wäert ech elo net virlesen. Mä Dir wësst, dass mer eis an engem Timing beweegen, dass mer musse bis November de PAG erageeicht hunn, wat mer jo dann haut maachen. Soudass mer am Timing zwar knapp, awer gutt sinn.

Wat huet de PAG vun Dokumenter dran? Wat muss geliewert ginn? An der Étude préparatoire – ganz wichteg – geet et drëm, fir ze kucken, wou mer haut als Gemeng stinn. Wou si mer drun? Dat ass eng Bestandsopnam souwuel vun deem, wat mer hunn, vum Patrimoine, awer och vun den Nodeeler a vun de Virdeeler, wéi mer se an der Gemeng haut kennen.

Aus dëser Étude préparatoire entstinn d'Iddien zum Deel, déi mer dann herno erëmfannen am PAG. De PAG ëmgräift deemno alles, wat ka gebaut ginn. An net ze vergiessen de PAP Quartiers existants, mat all deem, wat scho gebaut ass. Wou mer eis och mussen driwwer

ënnerhalen. De PAP Quartiers existants begräift am Prinzip och e ganz groussen Deel vun eisem haitege Bautereglement.

Mat der Étude préparatoire hate mer ganz fréi ugefaangen. An der leschter Legislatur hate mer mat de Bierger Kontakt gesicht, hu Micro-trottoirë gemaach, hu Visite vu Quartiere gemaach mat de Bierger. Mir haten en Internetsite, dee „Cartice“ geheescht huet. Alles dat, ouni de Leit direkt schonn déi ganz Reglementéierung vum PAG an de Kapp ze geheien. Well domadder hätte se, zu deem Zäitpunkt, sécher näischt kënnen ufänken.

Déi Aktiounen ware geduecht, fir mat de Bierger a Kontakt ze kommen an ze kucken: Wou sinn déi flott Plazen? Wou sinn déi manner flott Plazen? Wou dréckt de Schong zu Déifferdeng? Wat ass d'allgemeng Wuelbefanne vun den Déifferdenger Leit? Wat soe se? Wat fanne se gutt? Wat fanne se manner gutt? Dat ass also een Deel, dee mer gemaach hunn an der Étude préparatoire. An déi Reflektiounen sinn an dës Étude préparatoire mat agefloss.

Mir beweegen eis hei an engem Kader, wou mer eis Gemeng mussen aus villen Ecker beliichten. Net nëmmen aus engem, mä aus villen. Mir wëssen, wou mer national, regional leien. Mir sinn awer och transfrontalier. Mir hunn also e ganz groussen Impakt, wat eis Grenzen ugeet.

Mir hunn eng Demografie, wou mer jo rezent eng Etüd maache gelooss hunn, déi eis weist: Wéi si mer gewuess? Wéi wäerte mer nach wuessen? Wat fir eng Zeenarie sinn denkbar? Mir hunn eng ekonomesch Situatioun an eng Situatioun foncière, déi mer musse respektéieren.

D'Mobilitéit als Beispill, wou mer jo wëssen, wou d'Problemer sinn. Wou mer och scho reagéiert hunn. Wou mer awer wëssen, dass wa mer haut net nach weider reagéieren, dass mer muer eigentlech erëm do sinn, wou mer virun e puer Jore waren.

Den Environnement. Wéi schonn an der Introduktioun gesot ginn ass, si mir hei zu Déifferdeng encercléiert vun Natur. Gott sei Dank. Esou ass dat och. An esou wëlle mer dat och behalen. All déi

2. PAG

Aspekter musse mer op jidde Fall berécksiichtegen.

Mir hunn e Potential vun Developpement, wéi mer eis nach kënnen entwéckelen. A mir mussen domadder geschéckt a clever ëmgoen, fir net alles ze verschwenden an deenen nächste Generatione vläicht guer näischt méi iwwreg ze loossen, wéi déi sech dann hir Gemeng an Zukunft virstellen.

Am PAG sinn net nëmmen eis eegen Iddeen a Wënsch, mä mir hunn och e Cadre légal mat ganz villen Dispositiounen, déi eis och e Kader ginn, an deem mer eis kënnen beweegen, fir de PAG hei ze maachen.

Deen heite Slide weist e wéineg, wéi d'Demografie an d'Potential vum Developpement an eiser Gemeng kéint ausgesinn. Et ass e kleng Bléck an d'Zukunft. Mä wann een eis Demografieentwécklung kuckt, dann erkennt een awer hei Verschiddenes.

Mir hunn an der Vergaangenheet verschidden Zeenarie gehat, wéi eis Gemeng gewuess ass. An den 90er Joren, vun 1990 bis 2000, hate mer e relativ gerénge Wuesstum. Mir hatten e Wuesstum an der Moyenne vun 1,33%, wat net ganz vill ass. Ech erënneren drun, dass an den 90er Joren Déifferdeng och net esou gutt do stoung. Et gouf Calicoten op Brécken, wou drop stoung: „Differdange, ville morte“.

Dat war eng Zäit, wou Déifferdeng net gutt gedréit huet, wou et Déifferdeng net gutt gaangen ass. An natierlech huet dat sech och erëmgespigelt an der Croissance. Ech mengen, net vill Leit hate Loscht, nach zu Déifferdeng ze wunne respektiv heihinner wunnen ze kommen. A vill Leit vun Déifferdeng hatten eis Gemeng verlooss.

Enn 90er Joren, Ufank 2000er Joren ass d'Croissance e bësse geklommen, bis op 2%. An dunn ëmmer méi rasant. Mir hatten eng maximal Progressioun vun 2,84%, bal 3% tëscht 2014 an 2019, also eng relativ grouss Croissance par rapport zu deem, wat mer an den 90er Joren hatten.

Wann ee sech déi Zeenarien ukuckt an déi Croissance weiderzeechent, da kann ee sech verschidden Zeenarien ausdenken: Wëlle mer weider esou

schnell wuessen wéi an deene leschte fënnef, sechs, siwe Joer? Wëlle mer vläicht e bësse manner wuessen? Wat sinn eis Foncieren? Wat sinn eis Terrainen, wou mer kënnen bauen? A wat erreeche mer?

Dësen Diagramm weist, dass, jee no deem, wéi een Zeenario gewielt gëtt, mer iergendwou tëscht 30.000 a 37.000 Leit wäerten iergendwann sinn, ouni weider Terrainen an de Bauperimeter eranzehuelen. Wat jo och nach eng Optioun ass.

Zur Erënnerung, de Pacte Logement gesäit eng Croissance vun 1,41% vir. Mir hunn dat Duebelt am Moment hei zu Déifferdeng.

Eng Reflektioun, déi mer am Schäfferot gemaach hunn an déi och erauskomm ass aus de Biergerbefroungen, ass, dass dat de Leit ze schnell am Moment geet. Dee Wuesstum, dee mer kannt hunn, dee war noutwendeg, fir aus deenen 90er Joren erauszekommen. Dee war gutt. Deen huet Déifferdeng no vir bruecht.

Mä elo musse mer soen, et ass an der Rei. Mir hunn elo eng Vitesse de croisière a mir mussen elo zrückschrauwen. D'Leit fille sech iwwerrumpelt. Et geet hinnen alles ze schnell. Mir wuessen ze séier. An den Diagramm weist och, dass mer eis Fläche relativ schnell géifen opbrauchen, wa mer an där doter Vitess géife weider wuessen.

Dëse Schäfferot wäert sech éischter Direktioun Pacte Logement beweegen, wéi d'Croissance nach eropzesetzen oder dës Croissance wëlle bäizebehalen. Dat hu mer och an de leschte Méint gemaach, andeem mer verschidden Aktiounen schonn ënnerholl hatten. Ech erënneren un de Schutz vun den Eefamilljenhaiser. De Schutz vun eisem Patrimoine. Alles dat huet mat sech bruecht, dass mer an der Croissance e Steuerungsselement agefouert hunn, wat eis e bësse vun där Vitess erofbréngt, déi mer grad hunn.

Aus dem Diagramm kënnt awer och eraus, dass et am Moment absolutt guer keng Noutwendegkeet gëtt, fir weider Terrainen an de Bauperimeter ze huelen. Dat steet och esou am Koalitiounsprogramm. An dat ass esou am

gente, afin de conserver une marge de manoeuvre pour les générations à venir.

Parallèlement aux différentes idées, le PAG doit aussi tenir compte du cadre légal.

Georges Liesch présente ce à quoi pourrait ressembler le développement démographique de Differdange. De 1990 à 2000, la croissance a été faible avec une moyenne de 1,33 %. C'était la période où l'on parlait de « Differdange, ville morte ». Peu de gens avaient envie de vivre à Differdange. Beaucoup sont partis.

À la fin des années 1990 et au début des années 2000, la croissance est passée à 2 %, puis à près de 3 % entre 2014 et 2019. Actuellement, la question se pose de savoir si la commune veut continuer à croître aussi rapidement ou si elle veut poser un frein à la croissance. Elle doit aussi tenir compte des terrains constructibles dont elle dispose encore. En fonction du scénario choisi, la population se montera à 30 000 ou 37 000 habitants, et ce, sans introduire de nouveaux terrains dans le périmètre de construction. Le Pacte logement prévoit une croissance de 1,41 %. Differdange compte le double actuellement.

D'après les sondages, tout semble aller trop vite pour les gens. La forte croissance était nécessaire pour sortir de la torpeur des années 1990. Mais maintenant, Differdange a atteint sa vitesse de croisière et doit freiner sa croissance. Sans oublier qu'en conservant la croissance actuelle, la commune risque de finir ses réserves foncières rapidement.

L'objectif du collège échevinal est de se diriger vers la croissance prévue par le Pacte logement. C'est dans ce contexte que s'inscrivent des mesures comme la protection des maisons unifamiliales et du patrimoine.

Le collège échevinal ne voit pas non plus l'utilité d'insérer de nouveaux terrains dans le périmètre de construction. Cela figure d'ailleurs dans le programme de coalition de la majorité.

Au cours des dernières années, la commune s'est développée même sans nouveau PAG. L'ancien PAG a

été modifié à de nombreuses reprises. La commune n'a donc pas attendu le nouveau PAG pour se développer.

Le premier objectif pour l'avenir est de terminer les projets en construction ou entrés en procédure. Comme l'a dit le bourgmestre, il s'agit surtout de garantir la qualité de vie des habitants de Differdange et de ceux qui y emménageront.

Le cadre national — notamment l'aménagement du territoire — fixe des limites au PAG de Differdange. Il faut aussi tenir compte de la protection de la nature. La ville compte une zone Natura 2000 et deux zones naturelles protégées. Les articles 17 et 21 mentionnent aussi d'autres biotopes. Les lois nationales sont prioritaires par rapport au PAG.

Le Service des sites et monuments a classé des bâtiments. Aucune discussion n'est possible à ce sujet dans le cadre du PAG.

Il en va de même des réseaux ferroviaires, des zones de bruit et des vestiges archéologiques. Il faut tenir compte de ceux-ci lors de la réalisation de chaque projet et le cas échéant, les lois nationales prévalent.

Georges Liesch rappelle que le PAG englobe tout le territoire communal. D'un point de vue purement mathématique, il constate que 91 ha sont retirés du périmètre de construction. À l'avenir, il ne sera donc plus possible d'y réaliser des constructions.

D'un autre côté, plusieurs maisons se trouvant actuellement dans une zone verte sont intégrées dans le périmètre afin de régulariser la situation. Il en va de même de zones vertes dont un bout se trouve dans une rue, et ce, afin de garantir une certaine continuité. En tout, il s'agit de 17,84 ha.

Comme l'annonçait le programme de coalition, le périmètre de construction ne sera pas du tout étendu.

L'objectif principal du PAG consiste à garantir la qualité de vie des citoyens. La croissance des 10 ou 15 dernières années était importante, mais elle a engendré des problèmes par exemple dans la politique scolaire, car la commune ne savait pas

PAG berécksiichtegt. Ech kommen nach eng Kéier drop zrëck.

An deene leschte Joren, och wa mer nach keen neie PAG haten, hu mer awer hei an der Gemeng geschafft – dësen an dee leschte Schäfferot, mat Iech zesummen. Mir hunn eis developpéiert. Mir si virukomm. Mir hunn immens vill PAG-Modifikatiounen gemaach.

Ech erënneren un dee Gemengerot, wou den Erny Muller nach Bauteschäfte war, wou mer zéng Modifikatiounen um Ordre du jour haten an engem Gemengerot. Wou Modifikatiounen vum PAG dra waren. Dat beweist, dass mer net drop gewaart hunn, dass deen neie PAG fäerdeg war, mä dass mer weider geschafft hunn um Developpement vun eiser Stad. Och wa mer dat Dokument nach net fäerdeg um Dësch leien haten.

De But fir d'Zukunft, ganz wichteg, ass, fir déi Projete fäerdegzemaachen, déi am Moment an der Ëmsetzung sinn, déi mer kënne fäerdeg maachen. Deelweis si se scho fäerdeg, duerch déi Modifikatiounen. Deelweis si se nach an de Prozeduren. An et gëllt virun allem, wéi an der Introduktioun vum Buergermeeschter gesot ginn ass, d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi zu Déifferdeng wunnen, awer och vun deenen, déi op Déifferdeng wëlle wunne kommen, ze verbesseren.

E kuerzen Iwwerbléck iwwert de Kader, vun deem ech geschwat hunn, dee mer national gesat kréien. Do hu mer ganz vill Dokumenter, déi an de PAG erafléissen, déi eis Limitte ginn, wou mer wat kënne maachen. Den Aménagement du territoire ass een Dokument.

D'Protektioun vun der Natur: Mir wëssen, dass mer hei zu Déifferdeng eng Habitat-Zon hunn. Mir hu souwuel en Natura2000-Habitat wéi och eng Protection oiseaux. Mir hunn de Präzenbierg als Naturschutzgebitt, an et kënn nach e weidert Naturschutzgebitt dobäi. Virun e puer Méint hate mer dat hei gestëmmt, dass mer Richtung Kiermerchen nach en neit Naturschutzgebitt wäerte bäikréien.

Mir hunn eng ganz Partie Biotopen, dat weist d'SUP, Artikel 17 an 21, déi mir an de PAG musse mat eranhuelen. Do gëtt et national Gesetzer, déi méi staark weie wéi eise PAG.

Mir hu Sites et Monuments. Mir hu Gebaier, déi klasséiert sinn. Och déi leien iwwer eise PAG. Do brauche mer net driwwer ze diskutéieren. Op staatlecher Plaz sinn d'Reglementer festgeluecht.

Et gëtt Zuchreseauen, national Stroossen, Zone-de-bruiten, déi leien och nach driwwer. An zu gudder Lescht hu mer archeologesch Vestigen, eppes wat e bëssen nei ass. Dir hutt vläicht gemierkt, mëttlerweil bei all Projet, dee mer maachen, kommen ëmmer Leit op den Terrain, fir ze sondéieren, ob net iergendwou eppes läit. A wann een eppes fënnt, spillen natierlech do déi national Gesetzer an net d'Gesetzer vum PAG.

Wa mer de Bilan, tout court, maachen, vun eise neie PAG, wann een dat einfach emol mathematesch resuméiert, da gesi mer an deem ganze PAG – well de PAG begräift jo dee ganzen Territoire vun der Gemeng –, datt mer eng Reduktioun hunn. Am Sënn, dass mer aktuell Terrainen, déi vläicht kéinte bebaut ginn, eraushuelen, wann een dat esou ka nennen. Et sinn 91 Hektar, déi erausgeholl ginn, wou also an Zukunft net méi ka gebaut ginn.

Mir hu Regulatiounen an Arrondissementer, dat si Flächen, déi bäikommen. Mir hunn eng ganz Partie Haiser, déi haut an der Zone verte sinn, an deen neie PAG erageholl. Well dat kee Sënn mécht, fir déi weider an der Zone verte leien ze loossen. Mir hu verschidde Parzellen, wou d'Zone verte en Eck an eng Strooss eramécht, mat erageholl. Well et do och Sënn mécht, dass eng Kontinuitéit kënn. Méi wäit an der Presentatioun komme mer op esou Fäll zrëck, am Ganze 17,84 Hektar. Dir gesitt, insgesamt geet de Bilan a Richtung mainer Bauterrain.

Extensiounen: null Hektar. Sou wéi et am Koalitiounsprogramm steet. Eng reng Extensioun vum Bauperimeter kënn net vir.

D'Zil vum PAG ass et, fir d'Liewensqualitéit vun de Bierger ze garantéieren. Awer och an engem, fir den Drock erauszehuelen, wéi mer am Moment wuessen. Dee Wuesstum, dee mer an deene leschten 10-15 Joer kannt hunn, wéi gesot, war noutwendeg a richteg. En huet eis awer och Problemer

bruecht. En huet Problemer bruecht, fir eng berechebar Schoulpolitik ze maachen, well een net weess: Wou wuesse mer? A wéi engem Quartier? Wéi schnell? Well mer dat eigentlech net méi an der Hand haten.

Mir hu Problemer gehat duerch d'Mobilitéit, aus deemselwechte Grond. Well mer erëm eng Kéier net woussten: Wou komme wéi vill Leit wunnen? Mat wéi villen Autoe kann ee rechnen? A gött eis Infrastruktur dat hier oder net?

Dësen, ech wëll et emol duuss ausdrécken, Wildwuchs, musse mer regléieren. Eng Gemeng kann an Zukunft nëmme geréiert ginn, wa mer et fäerdegbréngen, déi Augmentatioun an hire groussen Zich kënne virauszegesinn an dorobber ze reagéieren. Ech mengen, mir wëssen alleguerten, wéi laang et dauert, bis mer e Projet realiséieren. Ech ginn als Beispill d'Iddi: Mir wëllen eng Quartiersschoul bauen. Bis d'Quartiersschoul hir Dieren opmécht, vergeet bal eng Legislatur, bal d'Liewensdauer vun engem PAG. Also musse mer dat kënne am Viraus gesinn.

De PAG huet eng ganz Partie Schéma-directeuren. Déi sinn iwwerall do noutwendeg, wou nei Quartieren entstinn. Also wou haut nach näischt gebaut ass, mä wou eppes kéint gebaut ginn. Dat kann net einfach esou wäiss gelooss ginn. An Ärem Dossier fannt Der alleguerten déi nouveaux Quartiers erëm. Do si Schéma-directeuren drop, déi eis orientéieren: Wéi kéint esou eng wäiss Surface gebaut ginn, dass se an de Quartier passt? Am Sënn, dass se d'Liewensqualitéit vun de Bierger, déi scho ronderëm wunnen, respektéiert? An awer och kohärent ass mat de Liewenserwaardunge vun de Leit, déi dann dohinner wäerte wunne kommen.

E Schéma directeur ass net bindend, an deem Sënn. E gött eng Orientatioun un. E kann herno geännert ginn. Mä d'Ännerung muss awer argumentéiert sinn. Si muss eis kloer weisen, firwat e Schéma directeur dann ofwächt vun deem, wat virduun ausgewisen ass. Et kann een deemno net einfach e Schéma directeur ewechgeheien a soen, mir maachen elo eppes ganz anescht. Et muss argumentéiert ginn. All dës Schéma-directeure fannt Der an Ärem Dossier Étude préparatoire, do si se alleguerten dran.

Op dëser Kaart hei gesäit ee graff, wéi d'Situatioun an der Gemeng ass. All déi faarweg Flecken, déi Der op dëser Kaart gesitt, bedeuten, dass mer entweder e Schéma directeur hunn oder vläicht schonn e Schrëtt méi wäit sinn, dass et schonn e PAP gött respektiv e PAP, deem och scho vläicht autoriséiert ass.

Et ass also nach eppes lass an der Gemeng. Et gött nach Plazen, wou en Développement méiglech ass. Dat sinn déi grouss Flaatschen, déi Der gesitt, a Richtung Nidderkuer, um Woiwer souwéi am Zentrum vun Déifferdeng, wou mer éischter Quartieren hunn, déi a Mutatioun, am Wiessel sinn.

D'Entrée en ville ass, mengen ech, e gutt Beispill dofir, wann een dat esou kann ausdrécken. Wou eigentlech kee Steen méi op deem anere bleift. Wann een zéng Joer no vir kuckt, dann ass do alles geännert ginn, wat mer virun zéng Joer do stoen haten. E gutt Beispill dovunner, wéi een e ganze Quartier innerhalb vun enger Gemeng kann ëmbauen.

Als Beispill vun esou engem Schéma directeur hu mer eppes geholl, wat Der alleguerte gutt kennt, wat mer am Gemengerot schonn diskutéiert hunn: zu Nidderkuer am Péitenger Wee, wou déi nei Spillplaz ass. Wou mer jo den Terrain getosch hunn, fir eng Quartierschoul zu Nidderkuer ze bauen.

Do gött et haut e Schéma directeur, wéi eng Implementéierung an Zukunft kéint ausgesinn. E weist also schonn aus, wou déi Fläche sinn, déi kënne versigelt ginn, verbaut ginn. Wéi d'Fluxe vun de Foussgänger sinn, wéi d'Fluxe vum Auto sinn. Mat deem grénge Feil gesitt Der, dass eng Verbannung vun engem Corridor vert ugeduecht ass an dësem Schéma directeur.

Herno gesäit de Plang, wa mer e bis hei an de Gemengerot kréien als PAP, vläicht liicht anescht aus. Mä e muss, an de ganz groussen Zich op jiddede Fall, dem Schéma directeur hei Rechnung droen. Et kann net op eemol dat Duebelt oder dat Dräifacht si vun deem, wat hei gebaut gött. E muss sech ganz staark heirun orientéieren.

De PAG – nach eng Kéier wichteg fir d'Leit dobaussen: Mir schwätzen ëmmer vun engem Bebauungsplang, dat

à quelle vitesse la population allait croître dans les différentes localités. Les mêmes problèmes se posent dans le domaine de la mobilité.

La commune doit réagir face à cette croissance sauvage. Une gestion efficace dépend d'une estimation réaliste de la croissance. Georges Liesch cite l'exemple d'une école de quartier dont la construction dure des années — pratiquement la durée de vie d'un PAG. Il faut donc prévoir les besoins futurs.

Les schémas directeurs sont nécessaires à l'aménagement de nouveaux quartiers. Ils donnent une orientation aux projets et répondent à la question de l'intégration de nouveaux immeubles dans un quartier, et ce, dans le respect de la qualité de vie des habitants actuels et futurs. Respecter un schéma directeur n'est pas obligatoire. Cependant, toute modification doit être argumentée. Un projet ne peut donc pas être totalement différent de ce qui est prévu. Les schémas directeurs figurent dans le dossier des études préparatoires.

Georges Liesch passe à une carte reprenant les schémas directeurs et les PAP sur le territoire communal. Certains quartiers sont en mutation. L'entrée en ville constitue un bon exemple de la manière dont un quartier peut évoluer dans une commune. En dix ans, il a complètement changé.

Le projet de la route de Pétange à Niederkorn constitue un bon exemple de schéma directeur. Georges Liesch rappelle que la commune y a échangé un terrain pour construire une école de quartier. Le schéma directeur reprend les surfaces pouvant être bâties, indique les flux de piétons et de voitures, etc. Lorsque le collège échevinal présentera le PAP, il sera peut-être légèrement différent, mais il tiendra compte dans ses grandes lignes du schéma directeur. On ne pourra pas y construire trois fois plus que prévu.

Pour ce qui est du PAG, on parle souvent de plan d'aménagement, mais il s'agit en fait du plan d'aménagement général. Il concerne donc tout le territoire de la commune: les espaces où l'on vit, travaille et passe son temps libre, mais aussi les zones vertes.

Le PAG est subdivisé en zones. Du type de zone dépend ce que l'on peut construire. Sur ces zones peuvent se trouver des corridors ou des zones superposées. Le dossier est donc complexe, mais Georges Liesch voudrait que les citoyens comprennent de quoi il s'agit. Tous les documents seront publiés sur le site internet de la commune après la séance. Les citoyens pourront également venir les consulter à la mairie.

En ce qui concerne les différentes zones, un règlement national les reprend en détail. Le texte n'est pas compliqué. Les plans de Differdange contiennent de nombreuses zones jaunes. Il s'agit de zones d'habitation 1. Cela signifie que la plus grande partie du territoire est donc destinée à des maisons unifamiliales. Cela ne signifie pas que l'on ne peut pas y construire une résidence, mais ces zones accueilleront avant tout des maisons.

Les zones d'habitation 2 sont destinées aux résidences ou aux maisons pour plusieurs familles. Pour le collège échevinal, il s'agit de sites où une plus forte densité est pertinente.

Les zones rouges représentent les zones mixtes urbaines et les zones mixtes urbaines centrales.

Parmi les nouveautés figurent les zones REC. Le collège échevinal a reclassé de nombreux terrains constructibles en zones de récréation. Il s'agit par exemple de zones sans accès entre deux rues. À l'avenir, il sera impossible pour vingt propriétaires de vendre ces terrains pour y faire construire un nouveau quartier — avec tous les avantages et les inconvénients que cela comporte. Ces REC se trouvent sur des terrains privés, mais elles n'impactent pas les propriétaires. Ceux-ci peuvent continuer à cultiver leurs jardins. Mais ils ne pourront plus vendre ces terrains à un promoteur. Les zones REC servent aussi à aménager de nouveaux couloirs. Le collège échevinal s'est demandé comment la commune pourrait optimiser la mobilité douce en tenant compte des infrastructures routières existantes. La rue Pierre-Gansen a par exemple été refaite, mais son gabarit ne permettait pas la construction d'une piste cyclable.

ass eigentlech awer ze kuerz gegräff. De PAG ass e Plan d'Aménagement Général. E begräift also net nëmmen dat, wat mer bauen oder wëlle bauen, mä e begräift dee ganzen Territoire vun der Gemeng. Dat heescht also net nëmmen do, wou mer haut wunnen, schaffen an eis Fräizäit verbréngen, mä och eis grouss gréng Deeler, d'Zone-verten. Et kann een de PAG graff andeelen an eng Zone verte, déi net soll bebaut ginn, net urbaniséiert soll ginn, an eben an déi aner Zon, déi urbaniséiert gëtt.

Dorobber komme mer an deenen nächste Minutten ze schwätzen. Mir wäerte gesinn, wéi de PAG pro Quartier dann ausgesäit. Iwwer all Quartier, iwwert deem ganze PAG leien Zonen. Dës Zonen erklären e bësse méi detailléiert: Wat kann een an enger gewësener Zon maachen? Wéi kann ee bauen? Wat ka gebaut ginn? Wéi dicht? Wat fir eng Zort vu Bebauung kann do stattfannen?

Déi Zone kucke mer eis nach e wéineg un, wéi déi ausgesinn. Zum Deel leien dann och nach Korridoren oder Zones superposées driwwer, wou ech nach e bësse méi an den Detail ginn. Dir gesitt, et ass e komplexen Dossier. Ech probéieren et awer gemittlech de Leit ze erklären. Dass och d'Leit dobaussen, déi nolauschten, e bësse verstinn, wat mer maachen.

All dës Dokumenter si fir de Public zougänglech. Mir wäerten déi no dësem Gemengerot op eise Internetseite verëffentlechen. All d'Dokumenter, déi d'Conseilleren haut hunn, si muer fir d'Bierger op eise Internetseite zougänglech, an allen Detailer. A si kënnen se natierlech och op d'Gemeng kucke kommen. Do kommen ech nach eng Kéier drop zrëck.

Erlaabt mer, e puer Wuert iwwert d'Zonen ze verléieren: wat am Règlement steet, ouni dass ech elo all Zon hei opzielen. Et gëtt en nationaalt Règlement – och dat wäerte mer op eise Internetseite publizéieren –, wéi déi eenzel Zonen heeschen a wat se bedeuten. Dat kann ee liesen, dat si keng laang Texter. Et ass net komplizéiert, fir dat ze maachen.

Ech huelen emol déi Zonen eraus, déi mer bei eis an der Gemeng vill erëmfannen. Op de Pläng sinn dat déi hellgiel

Faarwen, déi dominéieren. Déi hellgiel Faarf, déi een iwwerall gesäit op eise Pläng, ass Zone d'habitation 1. Dat ass dat, wat mer verstinn ënner zrëckgoen an der Vitesse de croissance.

Déi gréisste Surfacen an eiser Gemeng sinn deemno destinéiert fir Eefamilljenhaiser. Zone d'habitation 1 ass haaptsächlech fir Eefamilljenhaiser. A wann ech soen haaptsächlech, heescht dat net, dass an esou enger Zon net kann eng Residence stoen. Mä dat heescht ganz einfach, dass dee gréissten Deel vun dëser Zon müssen Eefamilljenhaiser sinn.

Zone d'habitation 2, dat ass déi, wou mer soen, do ass de Plurifamilial méi dominant. Also do, wou mer Appartements oder Méifamilljenhaiser gesinn, wou mer eng Verdichtung gesinn. Wou mer soen, do mécht et Sënn, do ass dat gutt. Dat ass Zone d'habitation 2, wou méi dicht ka gebaut ginn.

Weider Zonen, déi bei eis an der Gemeng relativ oft virkommen, déi mer zum Deel kennen, sinn déi Zones mixtes urbaines centrales a Zones mixtes urbaines. Am Stadkär vun Déifferdeng ass dat rout. Ech kommen nach eng Kéier dorobber zrëck.

Wat nei ass, a wat een och ganz vill op eise Pläng gesäit, si sougenannte Zones REC, REC fir Récréation. Mir hunn eng ganz Partie Terrainen, déi an eise aktueller PAG Bauterrain sinn, reklasséiert a Zones de récréation. Haaptsächlech – ech kommen do och nach eng Kéier drop zrëck – sinn et Zonen tëschent zwou Stroossen, wou am Moment haut keen Accès ass. Wou een och net drun denkt, dass do jeemools en Accès wäert geschéien. A wou een och net drun denkt, dass 20 Propriétaires hir Terrainen, hir Gäert, zur Halschent verkafen, fir dass do op eemol bannen an deem Ilot en neie Quartier géif entsto. Dat geet haut net méi.

Mir hunn déi RECen agefouert. Dat heescht, déi leien op de Leit hiren Terrainen. Dat huet fir d'Leit selwer, déi do wunnen, absolutt keen Impakt. D'Leit hunn nach ëmmer hire Gaart do. Si kënnen nach ëmmer hiert Gaardenhaiser dohinner bauen. Si kënnen dee Gaart verwalten. Dat ass guer kee Problem. Mä, et kann net méi geschéien, dass e Promoteur do x Terrainen op-

keeft, do en neien Ilot, en neie Quartier entstoe léisst mat alle Vir- an Nodeeler, déi dat mat sech bréngt. Dir fannt déi Zones REC relativ oft erëm.

Déi Zones REC hu mer och agesat, fir nei Couloiren ze maachen. Mir hu gekuckt, wou mer eis Mobilitéit verbessere kënnen. Wéi kréie mer d'Mobilitéé douce mat eiser Stroosseninfrastruktur, wéi mer se haut kennen, optiméiert?

Ech huelen als Beispill d'rue Pierre Gansen. Do wësse mer, d'Strooss ass nei gemaach ginn. De Gabarit hat deemools net erlaabt, fir eng Vëlospist ze maachen. Et wär jo predestinéiert gewiescht, mä d'Plaz war nun eemol net do.

D'Iddi ass also gewiescht, fir lénks a riets vun dëser Strooss Zones REC ze definéieren, wou net ka gebaut ginn. Mä wou een awer eng Vëlospist kann amenagéieren. Wou een e Foussgängerwee kann amenagéieren. Wou een hannert den Haiser, lénks a riets, ka sécher laanschtgoe mam Vëlo, ze Fouss. Richtung Suessem, zum Beispill.

Zones REC fannt Der och erëm, wou mer Saache regulariséiert hunn. Ech soen emol just de Fussballsterrain, den Hondsterrain. Saachen, déi an der Zone verte louchen, déi mer eranhuelen, wann een dat esou wëll, an d'Zone urbanisée – awer mat Contrainten. Um Hondsterrain, deen dann haut net méi an der Zone verte läit, ass also elo eng Zone REC virgesinn. Dat heescht, et kann een do Saachen amenagéieren, mä et kann een natierlech keng Residence oder soss e grousst Gebai dohi bauen. Et kann een eppes maachen, wat am Sënn vu Récréation, vu récréativer Aktivitéit stattfënnt.

Dir fannt nach esou e puer, ech nennen et emol e bësse méi exotesch Saachen, erëm, déi Zone-spécialen. Och där gëtt et der e puer. Déi Zone-specialen hu mer haaptsächlech agesat, wou mer haut Tankstellen, zum Beispill hunn. Wou mer soen, do mécht et och Sënn, dass do eng Tankstell ass. Ech verstoppen net, dass verschidden Tankstellen net méi an enger Zone spéciale sinn. Dat heescht, wa se eng Kéier verschwannen, ka keng Tankstell méi dohinner kommen. Mir hunn eis Entrée en ville an esou eng Zone spéciale gesat. An de Chemin de fer.

D'Zones de jardin vläicht nach kuerz. Där hu mer der och eng Partie agesat, zum Beispill fir eis Gaart-an-Heemer, déi bis ewell an enger Zone verte louchen. Wat Nuisancé mat sech bruecht hat fir déi, déi iergendepes wollte realiséieren. Déi hu mer erageholl an eng Zone de jardin. Dat heescht, déi ënnerleien elo der Gemeng an net méi dem Ëmweltministère. Do kënnen Aktivitéite stattfannen. Et kann och eppes gebaut ginn, mä am Sënn vun enger Activité jardinière.

Deen zweeten Deel vum PAG ass dat, wat mer Zones vertes nennen. Zones destinées à rester libre. Wou mer also soen, do soll op kee Fall gebaut ginn. Och do gëtt et verschidden Zonen.

Dir gesitt esou wäiss Flächen, dat si Zones agricoles. Dir gesitt Bëscher a Zones forestières. Och déi Zone fannt Der am PAG. Déi sinn awer net méi an eiser Kompetenz. Fir alles, wat do geschitt, muss eng Demande beim Ministère gefrot ginn. An eréischt da kann d'Gemeng eng Autorisatioun ginn. Dat betrëfft e ganz, ganz groussen Deel vun eise Gemengenterritoire, déi Zones destinées à rester liber, wou also net urbaniséiert gëtt.

Wann een elo eng Zon huet, geet de Bierger vläicht als éischt hin, sou wéi mir och wahrscheinlech, a kuckt: Wou ass mäin Haus? E fënnt säi Quartier, e fënnt seng Strooss, e fënnt säin Haus, e fënnt seng Faarf. Leien ech an enger Zone d'habitation 1? Leien ech an enger Zone d'habitation 2? Wat bedeit dat fir mäin Haus? Wat bedeit dat fir meng Strooss, wou ech wunnen? Däerf do verdicht ginn oder net? Da wäert e feststellen um Plang, dass iwwert där Faarf nach eng Zone superposée ass – eng Aart Schrafféierung mat Méiglecheeten, déi et do gëtt.

Wann een da wierklech am Detail wëll wëssen, wat mat där Parzell ass, mat där Strooss, mat deem Eck, da muss ee sech déi Zones superposées nach eng Kéier ukucken, wat déi bedeuten. An duerfir wëll ech kuerz op déi Zones superposées agoen.

Mir hunn Zonen, déi geduecht si fir nouveaux Quartiers. A mir hunn Zonen, déi geduecht si fir Quartiers existants. Mir hunn awer och Zonen, déi en Aménagement différé hunn. Wou

Désormais, l'idée consiste à prévoir des zones REC à droite et à gauche de la rue pour y aménager une piste cyclable en direction de Sanem.

Les zones REC servent aussi à régulariser certaines situations. À titre d'exemple, le terrain de football et le terrain d'entraînement pour chiens ont été reclassés de zones vertes en zones urbanisées, mais avec des contraintes. En effet, des aménagements sont possibles dans une zone REC, mais pas de grands bâtiments.

Georges Liesch passe aux zones spéciales, qui accueillent notamment des stations-service. Il avoue que certaines stations-service ne se trouvent pas dans une zone spéciale. Si elles ferment un jour, elles ne pourront pas être remplacées par une autre station-service.

Des zones de jardin sont prévues notamment pour «Gaart an Heem». L'association disposait de jardins dans des zones vertes. Désormais, leurs terrains dépendent de la commune et non du ministère de l'Environnement.

Les zones vertes constituent la deuxième partie du PAG. Elles sont destinées à rester libres. Les zones agricoles sont représentées en blanc. Les bois se trouvent dans des zones forestières. Elles tombent sous la compétence du ministère. Les zones destinées à rester libres représentent une grande partie du territoire communal.

Un citoyen peut rechercher son quartier, sa rue ou sa maison sur les plans. La couleur lui indiquera dans quelle zone il se trouve. Sur cette zone se trouveront des rayures, c'est-à-dire une zone superposée. Pour savoir exactement ce qu'il en est d'une parcelle, il faut tenir compte de ces zones superposées.

Certaines zones sont destinées à de nouveaux quartiers, d'autres à des quartiers existants. D'autres zones enfin sont à «aménagement différé». Le collège échevinal ne sait pas encore dans quelle direction aller. Ces modifications devront être approuvées par le conseil communal le moment venu.

Georges Liesch mentionne notamment des servitudes établies dans le cadre de l'EES. Ces couloirs sont importants pour garantir des flux

d'air à travers la ville. Les hachures signifient que des connexions sont nécessaires. Mais ces connexions pourront être adaptées dans le cadre d'un PAP.

Des zones ont aussi été créées pour la mobilité douce. Il s'agit de relier entre eux les quartiers, les pistes cyclables, etc. Ces zones sont aussi hachurées, ce qui signifie que ces connexions sont obligatoires, mais qu'elles ne doivent pas se situer à un emplacement précis.

Georges Liesch passe aux zones de protection environnement. Il s'agit de zones protégées à l'intérieur de zones d'habitation. Il est par exemple interdit d'y installer une maisonnette de jardin.

Les zones superposées servent aussi à signaler les maisons protégées — par exemple les colonies ouvrières que le collège échevinal veut conserver ensemble.

Il est donc important de vérifier les zones superposées apportant des précisions sur ce qui peut être construit sur un site donné. Le PAG comprend un tableau résumant ce qui peut être aménagé par projet, et notamment le volume, la surface et la hauteur des bâtisses. La densité de logement est également un facteur important. Elle définit le nombre de logements pouvant être construit dans un volume donné. S'il s'agit d'une résidence pour étudiants par exemple, des unités plus petites sont pertinentes. Dans d'autres cas, il convient de privilégier une certaine mixité. Une densité plus faible signifie que l'on peut construire des appartements plus grands. La densité influence donc le nombre d'habitants vivant par mètre carré.

Georges Liesch passe à un document reprenant toutes les servitudes. Sur certains sites, le collège échevinal veut conserver des corridors d'une certaine taille. Il s'agit surtout de terrains le long de la voie ferrée. Ces corridors permettent de garantir des connexions écologiques.

Cela ne signifie pas que l'on ne puisse rien bâtir dans ces corridors. Mais toute construction devra respecter l'idéologie de la zone. Georges Liesch pense par exemple à une piste cyclable ou un parking écologique.

mer soen, et ass haut nach net kloer, a wéi eng Richtung dat do wäert goen. Dat wëlle mer eis nach ukucken, wann et méi kloer ass. Dee Moment müssen dann och nach d'Modifikatiounen am Gemengerot gestëmmt ginn, wann et méi kloer ass.

Mir hunn zum Beispill Servituden, déi aus der SUP-Etüd erauskommen. Couloiren, déi mer eis ginn, wou mer soen, déi si wichtig, déi wëlle mer eis erhalten. Herno um Plang, um Modell gesäit een dat e bësse besser.

Mir hu Couloiren agebaut, wou mer soen, déi si wichtig, fir de Loftaustausch an eiser Stad ze garantéieren. Dës Couloire sinn agezeechent mat enger Schrafféierung, wat bedeit, dass do eng Verbindung muss geschaaft ginn. Déi ass awer net parzellegenau. Déi kann am Kader vun engem PAP, deem da gemaach gëtt, liicht geréckelt ginn. Mä si muss awer gemaach ginn.

Mir hunn Zone geschaaft fir d'Mobilité douce. Och do soe mer, do muss eng Verbindung entstoen an engem neie Quartier, fir zukünfteg Vëlosweeër a bestoend Vëlosweeër mateneen ze verbannen. Déi hunn och eng Schrafféierung. Och do ass et esou, dass et e Couloir ass, wou mer haut soen, do muss eng Verbindung entstoen, mä si muss haut net gezeechent sinn, well am Kader vum PAP, deem entwéckelt gëtt, kann een dat da méi präzis feststellen.

Mir hunn Zones de protection environnement. Zonen, wou mer soen, do wëlle mer net, dass een drugeet. Obwuel et an enger Zone d'habitation zum Beispill läit, gëtt et awer vläicht an där Zon Deeler, wou mer soen, do w.e.gl. net, bleift do ewech.

Beispill: Een, deem en Haus huet, en Terrain huet, deem direkt un de Bësch grenzt. Wou mer soen, déi lescht Meter, w.e.gl., do wëlle mer net, dass eppes gebaut gëtt. D'Gaardenhaische soll net do stoen. Et soll vläicht e bësse méi virdru stoen.

Da fannt Der an deene Zones superposées eppes, wat mer scho kennen, nämlech de Secteur protégé. Wou mer soen, dat wat scho gebaut ass, Haiser, déi et scho gëtt, déi mer wëlle schützen, déi zu Déifferdeng Bestand hunn, wëlle mer halen. Et gëtt eis Aarbechterkolo-

nien, déi mer als Ensembl wëllen halen. An et gëtt eis Fassaden, wou mer soen, déi Fassad muss stoe bleiwen, an de Rescht kann eventuell ewech.

Et muss een also bei all Zon wierklech nach eng Kéier déi Zones superposées kucken: Wat erlaben déi? A wat gi se hier? Ech ginn nach eng Kéier dorobber an.

Am PAG fënnt een eng kleng Tabell bei all Projet, déi am Résumé engem direkt seet, wat do ka gebaut ginn. Dat sinn Termen – zum Beispill den COS –, déi mer hei schonn oft benotzt hunn an déi eis soen, wat d'Occupation du sol ass: Wéi vill vun engem Terrain brut kann netto versigelt ginn, fir eppes ze bauen? Den COS seet eis: Wann ech en Terrain op der Surface versigelen, wéi vill Metercarré kann ech dann an d'Héicht bauen? Och dee Facteur ass wichtig, fir ze steieren, wat mer do wëllen a wat mer net wëllen.

A schlussendlech och d'Densité logement, e ganz wichtige Facteur, dee seet: Wann ech dee Volume bis gebaut hunn, wéi vill Logementer däerf ech do maachen? Däerf ech do lauter kleng Unitéite maachen? Wann et zum Beispill eng Studentewunneng ass, ass dat vläicht sënnvoll. Oder muss ech e gewëssene Mix maachen? Ass meng Densité logement relativ geréng, da muss ech méi grouss Unitéiten zum Beispill bauen. Och dat ass e Steuerungsfacteur, wéi dicht et gëtt, wéi vill Leit schlussendlech pro Metercarré an eng Gemeng wunne kommen.

Dat fënnt een also all Kéiers erëm an enger klenger Tabell, déi eis doriwwer Bescheid gëtt.

Dann nach déi Servituden, déi mer bei eis an der Gemeng esou fannen. Ech ginn net am Detail doduerch, mä esou, dass een awer e bësse d'Philosophie an d'Iddi hannendru versteet.

Mir hu gewësse Corridors de déplacement, zum Beispill. Wou mer soen, dat si Korridoren, déi mer eis hale wëllen. Déi, an dësem Fall zum Beispill, fënnef Meter Breet hunn. An Dir gesitt op de kleng Pläng hei, dat sinn haapt-sächlech Korridoren, déi mer elo laanscht d'Eisebunnsschinn geluecht hunn. Wou mer soen, do hätte mer gär e Korridor, fir dass mer och do déi eko-

logesch Verbindunge kënne mat garantéieren – well den Zuch fiert jo duersch eis ganz Gemeng.

Dat heescht awer net, dass an esou engem Korridor guer näischt dierf gebaut ginn. Och do si verschidde Saachen erlaabt. Mä si mussen natierlech d'Ideologie vun där Zon respektéieren a si mussen doranner passen.

Et kann ee sech virstellen, dass do e Wee doduerch geet, e Vëloswee, eventuell souguer e Parking écologique dran ass. Alles dat si Saachen, déi an där Zon trotzdeem dierfe gemaach ginn. Mä si musse passen.

Dann hu mer eng Zon, wéi ech se grad beschriwwen hunn, hei zu Uewerkuer, wou Der esou e schrafféierten Dräieck gesitt. Dee geet uewe vum Vëloswee bis erof an d'Woiwerwisen. Dat ass e Korridor, wou mer soen, deem ass wichteg, fir de Loftaustausch erof an de Quartier Fousbann ze bréngen.

All future Developpement vun de Woiwerwisen – an Dir gesitt, et ass jo alles giel agezeechent, dat ass Habitat 1 – muss iergendwou am PAP dëse Korridor berécksiichtegen. Wou e genau läit, wéi genau en herno gezeechent gëtt, kënne mer festhalen. E muss awer weinstens zéng Meter Breet hunn. Et ka kee kommen a soen, ech maachen do just eng Rei Hecken, an dann ass et gutt. Domadder ass et net gedoen.

Och an där Zon kann ee sech Saache virstellen, déi kënne realiséiert ginn. Et kann een an enger Zon, wou een dee Loftaustausch garantéiert, Plaze schaffen, wou d'Bierger sech ophalen, wou Bänke sinn. Alles dat ass machbar. Mä d'primär Aufgab vun där Zon ass eben, dëse Loftaustausch, zum Beispill hei elo zu Uewerkuer, ze assuréieren.

Dann hu mer sougenannten Zones tampons definéiert. Sou wéi den Numm et seet, sinn dat Pufferzonen, déi tëschent verschidde komplett ënnerschiddlechen Typpe vun Zone leien. Am frappantsten ass et natierlech do, wou d'Zone verte op d'Zone urbanisée trëfft. Fir dat ofzeschwächen, hu mer eng Zon definéiert, wou mer laanscht de Bëschrang, wann een dat vereinfacht esou ka soen, gesot hunn, do musse weinstens fënnef Meter fräi bliwen. Dat heescht, dass een, dee säi private

Gaart do huet, do säi Gaardenhaischen net dierf bauen.

Ech wëll awer betounen, wann d'Gaardenhaischen haut schonn do steet, dass et natierlech net muss ewechgerappt ginn. Alles, wat steet, wat do ass an autoriséiert ass, bleift autoriséiert. Mä wann eng nei Demande erakënnt, en neit Haus gebaut gëtt, an et kënnt esou eppes eran, da muss deem op jidde Fall dës Zon hei respektéieren. Fir eben déi Pufferzon tëscht der Zone verte, dem Bëschrang, an dem urbaniséierte Raum ze garantéieren.

Mir hunn och esou Zone geschaaft op anere Plazen, wou et éischer drëm geet, d'Liichtverschmutzung ze minimiséieren. En Thema, wat ëmmer méi aktuell gëtt a wou ëmmer méi Etüde weisen, wat fir een Impakt dat huet. Wann een déi hënnescht Rei vun den Haiser huet an do – ech iwwerdreiwen elo e bëssen – Dausend-Watt-Halogenstraler stinn, déi an de Bësch liichten, dann ass dat natierlech net gutt.

Mir wëllen do Zone schafen, wou den Impakt vun der Liichtverschmutzung méi kleng gëtt. Dat heescht, wou mer soen, do muss ee vläicht mat gréngen Hecke verdichten, fir dass eben déi Luucht, déi vum Privatterrain kënnt, net bis zu honnert Meter an de Bësch erastraalt. Dass deem Impakt do minimiséiert gëtt.

Mir hunn Zones tampons gemaach, laanscht eis Waasserleef, haaptsächlech laanscht d'Chiers vun Uewerkuer erower. Do sinn d'Restriktionen nach e bësse méi schaarf. Hei ass wierklech keng Bebauung méiglech. Mir wëllen hei e Couloir schafe vu weinstens zéng Meter op all Säit, wou also laanscht d'Chiers net dierf gebaut ginn, wou – näischt dierf hikommen. Dat aus Waasserschutzgrënn, fir d'Chiers ze schützen.

All dës Zonen, déi mer hei gesinn, resultéieren aus der SUP, déi eis als Dokument jo och virläit. Wou Bestandsopname gemaach goufen a Recommandationen dra waren, wéi mer mat esou Saachen ëmginn. Wéi gi mer mat Liichtverschmutzung ëm? Wéi gi mer mam Waasserschutz ëm? Wéi gi mer mam Naturschutz ëm? Déi Recommandationen hu mer iwwerholl an zum Deel op eis Terraine geluecht.

Georges Liesch passe à une zone à Oberkorn entre la piste cyclable et les Woiwerwisen. Ce corridor est important pour les flux d'air dans le Fousbann. Les Woiwerwisen se trouvent en large partie dans une zone d'habitation 1, mais tous les PAP devront respecter le corridor. Son emplacement n'est pas défini en détail, mais il devra faire au moins dix mètres de largeur. Parmi les aménagements possibles dans une telle zone figurent des bancs. Mais les flux d'air constituent l'objectif principal du corridor.

Les zones tampons séparent des types de zones totalement différents, par exemple des zones vertes et des zones urbanisées. Il s'agit de laisser cinq mètres entre la forêt et les constructions. S'il y a un jardin, le propriétaire ne pourra pas aménager une nouvelle maisonnette en bordure de forêt. En revanche, si la maisonnette existe déjà, elle ne devra pas être démolie. Il ne s'agit donc pas de révoquer des autorisations déjà émises. Mais pour chaque nouvelle construction, les zones tampons devront être respectées.

Les zones tampons peuvent aussi servir à réduire la pollution lumineuse dans les forêts provenant d'une rangée de maisons. L'objectif est de créer un écran vert grâce à des haies entre le terrain privé et la forêt.

Des zones tampons sont aussi prévues le long des cours d'eau et notamment à Oberkorn le long de la Chiers. Dans ces corridors de dix mètres de largeur de chaque côté, aucune construction n'est possible. Il s'agit de protéger l'eau.

L'instauration de ces zones découle de l'EES, qui énumère des recommandations sur la base de l'état des lieux. L'EES répond notamment à des questions concernant la pollution lumineuse, la protection de l'eau, la protection de l'environnement...

Georges Liesch mentionne ensuite les biotopes à conserver dans la ville. Le Haneboesch est concerné. La partie postérieure ne peut pas être viabilisée. De toute façon, il est improbable que quelqu'un veuille construire une halle au bord du ruisseau. Mais grâce à cette zone, il n'y a plus de discussions possibles.

Bien entendu, la commune soutient les activités économiques, mais la zone le long du ruisseau doit rester libre.

Une zone similaire se trouve à Oberkorn le long de la piste cyclable en direction de Belvaux. Il ne sera plus possible de toucher à la nature à cet endroit. Les projets devront tenir compte de ce couloir.

Georges Liesch revient ensuite sur les secteurs protégés. Il s'agit des cités ouvrières et des maisons et façades protégées. Sur le plan, les maisons protégées sont couleur bordeaux et les cités ouvrières sont en mauve. Les cités constituent un ensemble de maisons à conserver intégralement. Les maisons avec une ligne rouge ont une façade protégée. Concrètement, les propriétaires doivent tenir compte des restrictions en vigueur chaque fois qu'ils veulent réaliser des travaux. Bien entendu, les constructions à conserver ne peuvent pas être démolies. Les propriétaires ont droit à des subsides pour les transformations éventuelles.

Une façade protégée peut être modernisée. On peut remplacer les fenêtres, repeindre la maison, agrandir le toit, etc. Mais ces travaux doivent être harmonieux. La commune donne son avis et impose certaines règles.

Certaines zones dépendent des lois nationales. C'est notamment le cas des zones d'habitat, des zones Natura 2000, des réserves naturelles, des bâtisses protégées par le Service des sites et monuments... Les maisons classées sont protégées par les lois nationales.

Les cours d'eau sont protégés par les réglementations de la gestion des eaux.

Il reste des zones avec un PAP et des biotopes énumérés dans l'EES. Georges Liesch précise que rédiger ce document a constitué un travail énorme. Certains biotopes sont soumis aux lois nationales, qui doivent être respectées en cas de viabilisation.

Les mêmes remarques valent pour la voie ferrée, les lignes à haute tension, etc.

Le vote d'aujourd'hui permet de lancer la procédure d'approbation du PAG. Ensuite, la commune aura 15 jours pour organiser une réu-

Dann hu mer déi ganz Zone vu Biotopen a soss Elementer, déi mer an eiser Stad hunn an déi mer och wëllen halen. Och hei gesitt Der eng Schrafféierung. Wann ech dat iewescht Bild huelen, si mer hei am Haneboesch. Do gesi mer eng Schrafféierung, wou mer soen, deen hënneschten Deel soll net bebaut ginn. Dat géif och kee Sënn maachen.

Wahrscheinlech kéim och net een op d'Iddi, fir seng Hal wierklech bis hannen un de Baachlaf ze bauen. Mä mat dëser Zon hei, ass déi Iddi direkt vum Dësch. Mir brauchen net méi doriwwer ze diskutéieren. Eng Hal, eng ekonomesch Entwécklung ass natierlech erwënscht, soll och kommen. Mä déi lescht Zon hanne laanscht de Baachlaf soll awer bleiwen, wéi se ass.

Mir hunn nach weider esou Zonen. Ech kommen nach eng Kéier op Uewerkuerzréck, laanscht de Vëloswee, dee Richtung Bieles féiert. Hei hu mer nieft déi Zon, déi mer elo grad gesinn hunn, wou mer dee Loftaustausch wëllen hunn, eng Zon laanscht d'Schinnen, laanscht de Vëloswee geluecht. Wou mer soen, do soll eng Zon sinn, wou mer déi Natur, déi elo am Moment do ass, net wëllen upaken. Déi Zon leeft iwwert déi giel Faarf. An alles, wat do gebaut gëtt, muss dat dote berécksiichtegen. Dass also do vläicht éischter d'Gäert sinn an net d'Haus steet.

Eppes, wat mer heibannen alleguerte scho kennen, sinn eis Secteurs protégés, wou mer soen, eise Bestand vun Haiser, Fassaden, eis Cité-ouvriëren, déi wëlle mer halen. Dir gesitt hei verschidde Faarwen.

Wann een op de Plang kuckt, da gesäit een Haiser, déi esou eng bordeaux-rout Fëllung hunn. Dat heescht, dat Haus ass ze halen, d'Konstruktioun dovunner ass ze halen.

Mir hunn Haiser, déi eng mof Fëllung hunn. Dat sinn eis Cité-ouvriëren. Wou mer soen, do geet et net ëm dat eenzelt Haus, mä et geet ëm den Ensemblen vun dësen Haiser, déi mer wëllen halen.

A wann een e bësse méi genau kuckt, fënnt ee virun den Haiser heiansdo e roud Stréch. Dee roud Stréch weist drop hin, dass d'Fassad vun deem Haus ze halen ass. Wat dat bedeit, wësse mer. All Kéiers, wann Aarbechten dra ge-

maach ginn, mussen déi Restriktiounen, déi hei drop leien, erfëllt sinn.

Natierlech, wann et eng Construction à conserver ass, dierf se net ofgerappt ginn. Et kann een natierlech bannendra schaffen. Et kritt een och finanziell Hëllef. Mä d'Gebai muss awer stoe bleiwen.

Wann eng Fassad muss stoe bleiwen, dierf een natierlech an der Fassad schaffen. Et dierf een nei Fënstere maachen, et dierf een eng nei Faarf drop maachen, et dierf ee souguer den Daach ausbauen, mä et muss awer passen. Et muss also hei gekuckt ginn, mat eise Leit zesummen, ob et sech harmonesch upasst oder net. Et ass net esou, dass et e komplette Verbuet wär, fir iergendeppes ze maachen. Et ass just esou, dass d'Gemeng éischters emol bei all Modifikatiounen matschwätzt a verschidde Regeln imposéiert a seet, dat do geet ze wäit, dat do geet net.

Zu gudder Lescht hu mer nach déi Zonen, déi national doriwwer leien, déi anere Gesetzgebungen ënnerleien. Mir hunn Habitat-Zonen, mir hunn Natura2000-Zonen, déi zum Deel bis an eis Wunngebidd erarechen. Mir hu Réserves naturelles. Mir hunn eis Protection vu Sites et Monuments. Och do, wann en Haus klasséiert ass vu Sites et Monuments, brauche mir eis als Gemeng keng Gedanke méi ze maachen, well et d'national Gesetzgebung ass, déi dat dann dee Moment schützt.

Mir hunn eng Gestion de l'eau. Och d'Waasserleef selwer si geschützt iwwert d'Reglementéierung vun der Gestion de l'eau. Do muss mer eis also keng grouss Gedanke maachen, well eng Gesetzgebung do virläit.

Dann hu mer nach verschidden Zonen, wou d'PAPE schonn drop sinn. An – ganz wichteg –, wou d'Biotope sinn. Déi zum gréissten Deel, géif ech soen, reparéiert sinn iwwert d'SUP. Wat wierklech eng enorm Aarbecht war, fir dat Dokument ze eraassen. Wou mer also am Artikel 17 respektiv Artikel 21 Biotopen hunn, déi och national geschützt sinn. Wou mer eis och keng Gedanke mussen maachen. Déi mussen am Kader vun enger Bebauung respektéiert ginn an ënnerleien och deene Gesetzgebungen.

2. PAG

Datselwecht göllt natierlech fir Héichspannungsleitung respéktiv fir Schinnen an esou weider.

Wéi geet de PAG elo als Dokument an d'Prozedur? Dat ass jo dat, wat mer haut ofstëmmen, niest dem PAP Quartiers existants, op deem ech nach wäert kommen. An dat ass mengen ech och elo wichteg fir d'Leit dobaussen, fir ze wëssen: Wéi kann ech mech elo hei abréngen? Wéi kann ech mech mat deem Thema befaassen?

De PAG huet folgend Struktur: Mir huelen haut am Gemengerot de Vott fir d'Saisine, dass mer dat Dokument an d'Prozedur kënne ginn. Mir mussen innerhalb vu 15 Deeg eng Biergerversammlung ofhalen. Déi steet scho fest. Mir wäerten dat natierlech och publizéieren. Dat wäert direkt ab dësem Vott hei geschéien. A mir schécken dat Dokument un d'Ministèren, wat innerhalb vu 15 Deeg muss geschéien. Bei eis geet dat natierlech e bësse méi schnell. Mir wäerten dat relativ schnell un d'Ministère weiderginn.

Duerno besteet en Delai vu véier Méint fir d'Ministèren, wou si Zäit hunn, ze äntweren. Do kënne Suggestiounen a Recommandatiounen kommen. Mä méi wichteg ass den Delai vun 30 Deeg, deem d'Bierger hunn, fir Reklamatiounen, Suggestiounen, Ureegungen eranzeginn.

Et muss ee wëssen, dass en zweete Vott am Hierscht hei am Gemengerot wäert geholl ginn, deem op Basis vun dëse Reklamatiounen an Inputten, déi erakommen, ka modifizéiert ginn. Dat heescht: Wa Saachen erakommen, wou mer eis alleguerten heibannen eens sinn, dass déi Iddien, déi Remarken, déi Kritike berechtigt sinn, da kënne mer de PAG, an deem Sënn, modifizéieren.

Mir brauchen do d'Hëllef vun de Leit. Wa se Saache gesinn, déi eis vläicht duerch d'Fangere gaange sinn, wou mer net entdeckt hunn, wou de PAG net kohärent ass, da brauche mer d'Leit, déi eis do hëllefen an drop opmierksam maachen a soen, hei do ass eppes iwwersi ginn. Da kënne mer dat redresséieren.

Natierlech och Reklamatiounen. Wann d'Leit soen, ech sinn net mat där Aart a Weis, wéi Der dat klasséiert hutt, aver-

stanen, aus diverse Grënn. Och déi Reklamatiounen mussen mer erakréien. Do sinn der vläicht och dobäi, déi berechtigt sinn, wou mer soen, de Bierger huet recht, a mir änneren dat. Oder mir fannen, dass de Bierger net recht huet, a mir änneren dat dann net.

Iergendwann am Hierscht kënnt et dann an de Gemengerot zrëck, wou mer e Vott huelen, sou wéi mer dat bei Modifikatiounen kennen. Wou mer alleguerten déi Reklamante bis dohinner gehéiert hunn, déi eis erkläert hunn, wat se genau mengen mat hirer Reklamatioun. Wou dann am Gemengerot iwwert d'Reklamatiounen selwer an iwwert den definitive Plang ofgestëmmt gëtt.

Ass dee Vott bis ofgeschloss, am Hierscht, hunn d'Bierger nach eng Kéier d'Méiglechkeet, ze reklaméieren. Dat gëtt och publizéiert. Mä do hunn d'Bierger just nach d'Méiglechkeet, direkt un de Minister ze schreiwen. Do si mir net méi kompetent.

Een, deem dee Moment seet, ech sinn nach ëmmer net averstane mat der Aart a Weis, wéi Der dat do klasséiert hutt, kann dee Moment un de Minister schreiwen. An et ass dann um Minister, oder un de Ministère, deemno ëm wat et sech handelt, ze decidéieren, ob déi Reklamatioun zrëckbehale gëtt oder net.

Am anere Fall, kréie mer iergendwann vun deene Ministère e Retour, wou mer gesot kréien, dass eise PAG approuvéiert an en vigueur ass. An ab da göllt just nach deem neie PAG. Bis dohinner, ech kommen och nach eng Kéier drop zrëck, gëllen déi zwee PAGen.

Ech komme bei dat zweet Dokument. Dat befaasst sech mat de Quartiers existants, mat deem, wat schonn alles gebaut ass. Wann ee sech déi Pläng ukuckt, da mierkt een, dee gréissten Deel vun eiser Gemeng ënnerläit de Quartier-existants. Och do mussen mer natierlech wëssen: Wat ass do erlaabt? A wéi schonn am Ufank gesot, d'Quartiers existants iwwerhuelen zum ganz groussen Deel eise haitegt Bautereglement.

An ech géif Iech kuerz en Extrait weisen vun esou enger Tabell. Mir gesinn elo

nion d'information publique. Les documents seront également publiés et envoyés aux ministères compétents. Ceux-ci disposeront alors d'un délai de quatre mois pour envoyer leurs suggestions et recommandations. Les citoyens ont, quant à eux, trente jours pour réclamer.

Le PAG sera soumis à un deuxième vote du conseil communal sur la base de ces réclamations et suggestions. Cela signifie que le conseil communal pourra modifier le PAG s'il estime que les idées, remarques ou critiques sont pertinentes.

C'est pourquoi la commune a besoin de l'aide des citoyens. Si ceux-ci remarquent des incohérences, ils doivent attirer l'attention du collège échevinal sur ces problèmes. Bien entendu, les citoyens peuvent aussi déposer des réclamations. Si le conseil communal estime que ces réclamations sont fondées, le PAG pourra être modifié.

Le collège échevinal recevra tous les réclamants. En automne, le conseil communal prendra un deuxième vote portant sur les modifications du PAG comme cela est fait régulièrement. Ensuite, les citoyens pourront réclamer une deuxième fois, mais uniquement par écrit auprès du ministre compétent. Celui-ci prendra alors une décision. Si la réclamation n'est pas retenue, les ministères communiqueront à la commune que le PAG est approuvé et en vigueur. Jusquelà, les deux PAG sont en vigueur.

Le deuxième document concerne les quartiers existants et donc la plus grande partie du territoire communal. Il définit ce qui y est permis. Le PAP « Quartiers existants » se base avant tout sur le règlement des bâtisses actuel.

Les quartiers existants sont eux aussi subdivisés en plusieurs zones: celles avec des maisons unifamiliales et celles avec des résidences. Il y a aussi des zones mixtes urbaines. Le dossier comprend un tableau permettant de vérifier rapidement dans quelle zone les différentes maisons se trouvent. Ces zones sont soumises à des restrictions auxquelles il faut se tenir. Il est question d'écarts, de hauteurs, de niveaux, de reculs... Où puis-je construire un garage? Combien

d'étages ma maison peut-elle avoir? Quelle est la hauteur autorisée pour ma corniche? Puis-je agrandir mon toit?

Le document contient aussi des modèles et des esquisses, car les terrains ne sont pas tous semblables. Certains sont en pente; d'autres disposent d'un recul... Toutes ces informations se trouvent dans le document.

Chaque zone de Differdange est couverte par un PAP «Quartiers existants». Pour les services communaux, les citoyens et les promoteurs, cela signifie que le règlement des bâtisses est remplacé par trois documents: le PAG, le PAP «Quartiers existants» et le futur règlement des bâtisses. La situation n'est donc pas simplifiée, mais plus structurée.

Georges Liesch présente ensuite un tableau comparant les zones du PAG avec la situation dans les différents quartiers existants. Une zone classée zone Hab 1 dans le PAG et donc destinée à accueillir principalement des maisons unifamiliales peut être soumise à différentes séries de restrictions dans le PAP «Quartiers existants» en fonction de sa situation. Ainsi, ces maisons unifamiliales ne seront pas construites ou transformées de la même façon selon qu'elles se trouvent sur un terrain droit ou en pente, ou dans une cité ouvrière. Le dossier contient des tableaux de ce type pour toutes les zones de PAG. La procédure d'approbation du PAP «Quartiers existants» est plus rapide. Le PAP «Quartiers existants» sera publié en même temps que le PAG. Les citoyens auront trente jours pour déposer leurs réclamations et faire leurs suggestions. En revanche, les ministères ont moins de temps pour remettre leurs avis à la commune. Le deuxième vote du PAG et du PAP par le conseil communal aura lieu au même moment.

Georges Liesch passe aux nouveautés. La partie écrite du PAP «Quartiers existants» exigeait un minimum de 80 m² par logement. Cependant, cette règle n'est pas pertinente pour les logements d'étudiants, les demandeurs d'asile ou les jeunes encadrés. C'est pour-

en typescht Beispill, d'Quartiers existants sinn och erëm agedeelt a verschidden Zonen, déi Eefamilljenhaier betreffen, an Zonen, déi plurifamilial sinn. Et gëtt och Zones mixtes urbaines. Ech weisen dat an engem nächste Slide.

Mä all Zon fänkt u mat esou enger Tabell, wou een op ee Bléck relativ schnell gesäit: Mäin Haus, am Quartier existant wuelgemierkt, läit an dëser Zon. An do si Saache virgeschriwwen an un déi muss ech mech halen. Dir gesitt, do steet ganz vill vun Ofstänn, Héichten, Niveauen. Dat, wat mer am haitege Bautereglement hunn, gëtt hei festgeluecht. Wat sinn d'Reculen? Wou dierf ech meng Garage bauen, wann ech eng dierf bauen? Wéi vill Stäck dierf ech bauen? Wéi héich dierf meng Faltière sinn? Wéi héich dierf meng Corniche sinn? Dierf ech den Daach ausbauen oder net? Wéi vill Emplacementer muss ech hunn? Alles dat erkläert dësen Tableau.

A wann een nach e bëssen derduerchgeet, gesäit een all Kéiers Modeller, Skizzen, wéi déi Situatioun um Terrain kéint sinn. D'Terraine si jo net ëmmer d'selwecht. Déi eng befanne sech an enger Pente, déi aner net. Déi eng hunn e Recul, déi aner hu keen, well se schonn ugebaut sinn. D'Struktur fir dës Parzellen ass scho festgeluecht. Wéi vill Niveau dierf ech bauen? Dierf ech all Stack komplett ausbauen oder muss ech vläicht en retrait bleiwen zu verschiddene Stäck? Dat fënnt een alles an dësem Dokument erëm.

Ech ginn elo net weider an den Detail vun dësem Dokument. Mä Dir fannt all déi Zonen do erëm. All Zon an Déifferdeng ass duerch esou e PAP-Quartier ofgedeckt. Et gëtt also keng Zone méi, déi doranner fräi sinn.

Fir eis Servicer, an och fir d'Bierger a fir d'Promoteuren, déi sech bis elo op d'Bautereglement beruff hunn, fir ze kucken, wat een dierf a wat net, heescht dat, et muss een eigentlech haut an dräi Dokumenter kucke goen: an de PAG, an de PAP Quartiers existants, also dat heite Reglement, a gegebenenfalls nach an e Bautereglement, wat mer ausschaffen. Wat vläicht och nach Gemengecharakter huet, wou nach Saache wäerten drastoen. Dat mécht d'Saach net méi

einfach, mä op jidde Fall méi strukturiert.

Hei e klengen Tableau, deen nach eng Kéier weist, wéi d'Zonen am PAG ausgewise sinn a wat fir eng Zonen ech am PAP Quartiers existants erëmfannen, déi dat erëmspigelten. Dir gesitt, zum Beispill, an enger PAG-Zon HAB 1, also wou en Eefamilljenhaus am Prinzip steet, kann een awer verschidde Modeller hu vu Quartier-existants. Hei si se opgezielt: 1, 2, 2bis an 3. An dann och nach speziell Quartiere fir d'Cité-ouvrières.

Dat heescht, fir all dës Quartiere gëtt et speziell Virschreften, wéi een a wat een do dierf bauen. Dat differenzéiert sech: Wou sinn ech? Sinn ech an enger Hanglag? Sinn ech um riichten Terrain? Sinn ech ugebaut oder net? Sinn ech, zum Beispill, an enger Cité ouvrière, dann dierf ech do aner Saache maachen.

Och fir déi aner Zone gëtt et esou Tableauen, déi d'Büroen eis gemaach hunn – eng Géintwuerstellung, wou ee sech e bësse méi schnell erëmfënnt: A wéi enger Zon befannen ech mech am Quartier existant?

De PAP Quartiers existants huet e bëssen eng aner Prozedur, déi eigentlech méi schnell ass, déi awer zum selwechten Zäitpunkt hei an de Gemengerot kënnt, fir d'definitiv Approbatioun ze kréien. Och heifir ass eng Publikatioun virgesinn. Mir maachen dat alles zesammen.

Och ass eng Phas vu Reklamatioun fir d'Bierger virgesi vun 30 Deeg, also genau esou laang wéi beim PAG. A mir waarden natierlech d'Avisen vun de Ministären of. D'Ministären hunn hei awer manner Zäit. Dat heescht, mir kréien den Avis vun de Ministären éischter zréck. Mä mir wäerten awer de Vott hei am Gemengerot zur selwechter Zäit huele wéi dee vum PAG. Sou wéi mer dat haut och maachen.

E puer Niegkeeten hu mer agebaut an d'Quartiers existants. Et war eis opgefall, dass mer an der Partie écrite stoen haten, dass mer e Minimum vun 80 Metercarré pro Logement fuerderen, fir am Prinzip esou kleng Studioen ze vermeiden. Dat heescht net, dass een där keng dierf bauen.

Mä mir hunn awer festgestallt, dass dat net ëmmer sënnvoll ass, well mir hu jo Logementer, zum Beispill, vu Studenten oder Demandeurs d'asile. Mir schaffen u Projete fir Logement encadré pour jeunes um Funiculaire. Wou dat natierlech net sënnvoll ass. Et mécht kee Sënn, dass e Student, deen op der Uni hei zu Déifferdeng oder op der Uni Belval studéiert, 80 Metercarré muss hunn an déi och nach muss bezuelen. Also hu mer gesot, dass mer dat fir dës Type vu Logementer derogéieren. Dat heescht, dass déi 80 Metercarré net musse spille.

En zweete Punkt, dee mer dragesat hunn: Mir stelle fest, dass mer ëmmer erëm Demanden erakréie vu Leit, déi prett sinn, hir Stuff, hir Kichen um Rez-de-chaussée ze opferen, fir hiren allerléifsten Auto ënnerdaach ze setzen. Dat wëlle mer an Zukunft net méi. Dat heescht, et ass net méi erlaabt, eng Surface habitable ëmzebauen an eng Garage fir eng bleche Këscht.

Eng aner Neierung ass, dass mer an d'Partie écrite geschriwwen hunn – wat mer eigentlech awer och am aktuelle Bauterèglement hunn –, dass mer eng Zon an Déifferdeng hunn, wou obligatoresch e Commerce oder e Service, e Restaurant, e Café muss um Rez-de-chaussée sinn. Mir wollten dat net iwwert déi ganz Zon leeën. Dir gesitt, déi ganz Zon ass e bësse méi hellrout. Wa mer dat iwwert déi ganz Zon geluecht hätten, dann hätt dat vläicht iwwerdriwwe geschéngt. An ech mengen, et wär och iwwerdriwwen.

Déi Zon, wou mer eis wierklech wëlle konzentréieren, wou Commerce, wou d'Stadlieue sech soll developpéieren, soll een net ze grouss maachen. Mir wollten déi e bëssen aschränken. An dat hu mer gemaach, andeem mer eng donkelrout Faarf driwwer geluecht hunn, wou dat da muss stattfannen.

Ier ech op d'Prozedur aginn, wollt ech kuerz op d'SUP agoen. Ech wäert elo net déi 170 Säiten duerchgoen, ech wëll awer eng Kéier op d'Philosophie agoen, virun allem, wat dat Dokument eis wäert ass. Net nëmmen, dass mer elo en Dokument hunn, eng SUP, déi mer mussen hunn, fir de PAG an d'Prozedur ze ginn, mä et ass en enorm gudden Inventaire vun deem, wat mer an eiser Gemeng hunn.

Mir wëssen alleguerten, dass mer eng gutt, eng flott Natur hunn. Mä hei kréie mer et Schwaarz op Wäiss, wat fir eng Natur mer hei an der Gemeng hunn. Mir kréien awer och gesot, wou déi Schutzgebiddern sinn, déi mer onbedéngt mussen halen. A wat fir ee Wäert se hunn, net nëmme fir d'Déieren a fir d'Plazen, mä och fir eis Mënschen.

A virun allem: Dir gesitt hei Schutzgut Boden, Schutzgut Wasser, wou op déi eenzel Thematiken agaange ginn ass. Wou mer natierlech ganz vill Konklusiounen aus dësem Dokument erauszunn hunn, fir an eise PAG anzebauen.

Fir déi Leit, déi wierklech Loscht hunn, dat duerchzekucken, et ass extrem explizit gehalen, wat an dësem Dokument dran ass. An et ass flott opgebaut.

Ech wëll deen Tableau kuerz weisen. Wéi mer de Schéma directeur entwéckelt hunn, ass gekuckt ginn: Wéi ass den ëmwelttechneschen Impakt? Ass e geréng, mëttelhéich oder souguer ganz héich op verschidden Zorte vun Ëmweltaspekter, vun Déieren a Planzenaarten? A jee nodeem, wéi dat Resultat ausfällt, kann ee sech de Schéma directeur dann nach eng Kéier iwwerleeën a soen: Wann ech vill Rout a Mof dran hunn, da muss ech mäi Schéma directeur ëmänneren, fir dass ech déi dote Saachen ewechkréien an déi méi flott Faarwen erakréien.

En Dokument, wat eis wierklech vill gehollef huet. Och wann et laang Zäit gebraucht huet, fir et opzestellen an en immense Retard kritt huet, war et trotzdem wichteg, fir eise PAG a virun allem fir déi Schéma-directeuren opzebauen.

Wat d'Leit dobause vläicht am meeschten interesséiert: Wat sinn dann elo déi grouss Changementer? Wat huet elo wierklech geännert? An ech géif kuerz – an da kommen ech zum Schluss – duerch eis Uertschafte goen a soen, wat sech an de grouss Linne geännert huet.

Ech fänken u mat Nidderkuer. Un de Faarwe gesitt Der, dass sech esou munches gedoen huet. Déi hellgiel Faarf dominéiert ëmmer nach. Mir hunn also ganz vill Eefamilljenhaiser. Mir hunn eng Zone économique am Haneboesch, déi zwou Faarwen huet: eng Kéier méi eng liicht an eng e bësse méi schwéier,

quoi une dérogation est prévue pour ces cas.

Une deuxième nouveauté concerne les garages. De nombreux propriétaires n'hésitent pas à sacrifier leur salon ou leur cuisine au rez-de-chaussée pour faire de la place à leur caisse en tôle. Dorénavant, il ne sera plus possible de sacrifier de la surface habitable pour un garage.

Autre nouveauté: des commerces et services sont obligatoires au rez-de-chaussée dans une zone prédéfinie à Differdange. Sur le plan, il s'agit de la zone en rouge clair. Pour Georges Liesch, cette zone n'a pas besoin d'être particulièrement grande.

L'échevin passe à la philosophie de l'EES. Ce document ne sert pas seulement à lancer la procédure du PAG, mais dresse aussi un inventaire de ce qui se trouve dans la commune. Où les zones protégées se trouvent-elles? Quelle importance ont-elles pour les animaux, les plantes et les hommes? L'EES s'intéresse aussi à l'eau, à la terre... Georges Liesch trouve que le document est explicite et bien construit. Lors de l'élaboration des schémas directeurs, on a tenu compte de l'impact écologique sur les plantes et les animaux. Les schémas directeurs comprenant beaucoup de rouge et de mauve doivent être retravaillés.

La rédaction de l'EES a occasionné des retards conséquents, mais le document s'est révélé important pour le PAG et pour les schémas directeurs.

Pour les citoyens, les changements sont ce qui compte le plus. Georges Liesch va commencer par Niederkorn. La couleur jaune domine encore sur les plans, ce qui signifie que les maisons unifamiliales sont nombreuses. La zone économique Haneboesch se compose de deux couleurs: une couleur claire et une couleur plus foncée en fonction du type d'industrie. Il y a aussi des zones vertes. Il s'agit de terrains appartenant à ArcelorMittal.

La commune a procédé à plusieurs régularisations dans la rue Prënzebiërg. Il restait notamment du terrain constructible situé en zone verte. Désormais, la route pourra

être aménagée jusqu'à la dernière maison.

Le PAG prévoit des zones vertes dans les zones d'activité. Par conséquent, il ne sera plus possible d'installer des activités industrielles sur les sites où se trouvent des étangs ou des forêts sans approbation du ministère de l'Environnement.

À Niederkorn, des zones jardin sont prévues dans les ilots. En d'autres termes, les ilots entre deux rues ne sont plus classés Habitat 1, mais zones de jardin. Cela peut avoir son importance pour les propriétaires et les promoteurs, car ces sites ne peuvent plus être urbanisés. Une extension dans la rue des Lignes permet de rendre le quartier plus cohérent. Une zone de transition est prévue dans la zone Haneboesch. Le collège échevinal souhaite développer l'activité économique et créer des emplois, mais veut aussi conserver une bande verte le long du ruisseau.

En ce qui concerne Differdange, Georges Liesch rappelle que le PAG a été modifié ponctuellement lors de la dernière séance pour permettre l'aménagement d'un parc de stationnement dans la partie postérieure de l'entrée en ville. Le PAG prévoit un agrandissement de cette zone. Le développement du Science Center a été pris en considération. La dernière fois, il n'était question que du parking.

Dans le centre-ville, les rez-de-chaussée doivent accueillir des commerces, des restaurants ou des cafés. Comme à Niederkorn, des zones de jardin sont prévues dans les ilots.

Le quartier le long de la voie ferrée, où se trouve la rue du Chemin-de-Fer, est en pleine mutation. Mais les garages sur ce site appartiennent à de nombreux propriétaires différents et il faudra du temps pour tous les racheter. Cependant, la commune dispose d'un droit de préemption. Et si un des garages est démolé, il ne pourra pas être remplacé par un autre garage. Comme le quartier est en mutation et que le collège échevinal ne sait pas encore quoi faire, une modification du PAG sera nécessaire.

Le Thillenbergt a été reclassé de zone verte à zone de sport et loisirs.

wat d'Industrie ass. Et gesäit een awer och ganz vill gréng Flächen, wou haut en Terrain ass vun ArcelorMittal. Gréng heescht also Zone verte.

Mir hu kleng Regulariséierung virgeholl an der rue Pränzebierg. Do war, an ass haut nach ëmmer, eng Baulück, wann een dat esou kann nennen, déi an der Zone verte louch. Déi hu mer regulariséiert. Déi Strooss ka weidergebaut gi bis bei dat lescht Haus am Pränzebierg.

Mir hunn Zone-vertë gemaach an eisen Aktivitéitszonen. Dat heescht do, wou haut Weiere sinn, Bëscher sinn op Terrain, deem eis net gehéiert, kann an Zukunft keng Industrieentwicklung méi stattfannen. Déi leien an enger Zone verte an ënnerleien, ab deem Moment, wou mer dat hei gestëmmt hunn, enger Geneemegung vun eis an och vum Ministère.

Mir hunn a ganz ville Beräicher, an dat net nëmmen zu Nidderkuer, sougenannten Zones jardins gemaach bannen an den Iloten. Eppes, wat ech virdu schonn erkläert hunn. Tëscht zwou Stroossenzich, wou Iloten entstane sinn, hu mer dat net méi als Habitat 1 klasséiert, mä als Zone de jardin. Wat, wéi gesot, fir d'Leit, déi do wunnen, absolutt guer näischt ännert. Et ännert eventuell eppes fir d'Ierwen, déi net zu Déifferdeng wunnen an dat wëlle vläicht verkaufen. Et ännert eppes fir d'Promoteuren, déi vläicht wëllen do urbaniséieren. Dat ass net méi méiglech.

Mir hunn an der rue des Lignes eng kleng Extensioon gemaach, fir de Quartier kohärent ze maachen, also och eng Upassung un d'bestoend Bebauung, déi schonn do stattfonnt huet. A mir hunn déi Transitiounszone gemaach an der Zon Haneboesch, wou mer soen, do muss eppes erhale bliwen.

Dir gesitt, zum Beispill, ganz uewe riets am Haneboesch ass en dominanten Ecran vert agezeechent. Jo, mir hunn do nach Aktivitéit, mir wëllen do nach ekonomesch Entwicklung hunn, mir wëllen do Aarbechtsplaze kreéieren, dat ass och wichteg fir eis Gemeng. Mä mir wëllen awer gläichzäiteg laanscht d'Kor eng Bande Gréng behalen an och hannen, laanscht déi Baach, eng grouss

Bande behalen, wou den Naturschutz dominiert.

Ech kommen dann op Déifferdeng. Fir Déifferdeng hu mer am leschte Gemeengerot schonn eng Modifikatioun vum aktuelle PAG gemaach, wou mer den ënneschten Deel vun der Entrée en ville ëmklasséiert hunn, fir e Parking ze maachen. An ech hat deemools scho gesot, dass am Kader vum PAG déi Zon wäert erweidert ginn. Dat ass also heigeschitt.

Dir gesitt, déi Zon geet elo erop a begräift vill méi eng grouss Parzell, wou dann och de Science Center mat dran ass. Wou deem Developpement mat berécksiichtegt gëtt. Et ass also net vergiess ginn. An et ass esou gemaach ginn, wéi ech et d'leschte Kéier gesot hunn, dass mer dat haut maachen an net an eiser Modification ponctuelle vun der leschte Kéier, well et do ëm d'Parkhaus gaangen ass.

Mir hu geännert, dass am Centre-ville musse Commercen am Rez-de-chaussée gemaach ginn: Commercen, Restaurants oder Cafén. Mir hunn zu Déifferdeng datselwecht gemaach wéi zu Nidderkuer – an dat hu mer eigentlech iwwerall gemaach –, Zones de jardins innerhalb vun Iloten tëscht zwou Stroossenzich.

Mir hunn awer och e Quartier en mutation, e spezielle Quartier, deem Der alleguerter kennt, laanscht d'Eisebunn hannen, wou d'rue du Chemin de Fer ass. Wou haut nëmme Garagë stinn. Wou mer eis, mengen ech, awer alleguerter eppes kënne virstellen, wat méi schéin ass wéi déi Garagen. Am Wëssen natierlech, dass déi Garagë ganz ville Proprietäre gehéieren, an dass et wahrscheinlech laang wäert daueren, bis mer do eppes anescht kënne realiséieren.

Mä mir hunn eis awer d'Moyene ginn. Dat heescht, eischtens hu mer den Droit de préemption. Wann eng Garage verkaf gëtt, musse mer gefrot ginn, a mir kënne se kafen. A wann eng Garage ofgerappt gëtt, ka keng nei gebaut ginn. Et ass e Quartier en mutation. Do muss also ofgewart ginn. A wann et bis esouwäit ass, kënnt dat eng Kéier an de Gemeengerot, da musse mer eng Modification du PAG maache fir déi doten Zon, wa mer bis genau wëssen, wat mer eis do virstelle kënnen. Mä ech

mengen, alles ass besser wéi dat, wat elo do ass.

Um Thillebiërg hu mer eng Modifikatioun gemaach. Mir hunn deen aus der Zone verte geholl an an eng Zone de sports et loisirs gesat, mat bâtiments et équipements publics. Soudass all Diskussioun vu Cité, déi vläicht do sollt gebaut ginn, déi souwisou schonn eng Kéier vun engem Minister net approvéeiert gouf, vum Dësch sinn. Mir gesinn an deem Eck éischter Sport- a Fräizäitaktivitéite vir.

Da komme mer Richtung Fousbann. Hei hu mer erëm déi Zones de récréation innerhalb vun den Iloten, wou mer keng Verdichtung innerhalb vun zwee Stroossenzich wëllen hunn. Mir hu verschidde Garagen an eng Zone spéciale geholl. Well et am Contraire zu deene Garagen, déi mer grad am Centre-ville haten, verschidde Sammel-Garagë gëtt, déi Sënn maachen.

Wou mer soen, et ass sënnavoll, dass déi Sammel-Garagë bestoe bleiwen an och kënne weider gebaut ginn. A wann eng ofgerappt gëtt, eng nei kéint gemaach ginn. Anerer hu mer net iwwerholl. Déi fannt Der net an där Zone spéciale. Dat heescht, dass déi Garagen, à long terme, eng Kéier kéinte verschwannen. An dass ee sech do aner Saache virstelle kéint.

An der Aktivitéitszon, déi hei Richtung Fousbann geet, gesitt Der e relativ groussen Ilot vis-à-vis vun dem Portal, wou et eropgeet an d'Schmelz. Am Moment ass do e Feld, eng grouss Wiss. Do wëlle mer net, dass nach weider ekonomesch Entwécklung stattfënnt. Do kéinte mer eis eppes anescht virstelle wéi nach weider Economie op deem Terrain.

Schlussendlech gi mer op Uewerkuer a Lasauvage. Dat kënne mer e bësse matenee maachen. Hei hu mer nach deen eenzege gléckleche Fall, wou mer e Bauerebetrib an der Uertschaft hunn. Deen huet eng speziell Zon, fir seng Aktivitéit weiderzeféieren, déi net ageschränkt gëtt. Déi Zon kann net verbaut ginn. Do kann also kee Wunnquartier entstoën. Dee Bauerebetrib, deen am Moment do ass, ka seng Aktivitéit an Zukunft weiderféieren an ass total réglementaire zu där neier Zon.

Och hei hu mer eng Partie Iloten, déi mer geschützt hunn an als Zones de jardins ausgewisen hunn. D'Eefamilljenhaiser si weider geschützt. Och do hu mer eng Partie Saache réglementéiert, wéi de Boule-Terrain, de Schéissstand. Déi hu mer aus der Zone verte geholl, fir dass déi net dauernd mussen iwwert de Minister fueren, wa se eppes wëllen änneren.

Zu Lasauvage hu mer eng Zone de parc ausgewisen, do, wou eben haut och schonn e Park ass.

Bei Uewerkuer kann een nach soen, dass mer och do eng Zon hunn, wou vill Garagë sinn. Notamment, wou et bei d'Schwämm geet. Do kéint ee sech an Zukunft och eppes anescht virstelle wéi déi Sammel-Garagen. Um Plang hutt Der bestëmmt gesinn, dass net all Sammel-Garage iwwerholl ginn ass. Net bei all Sammel-Garage hu mer fonnt, dass se sënnavoll wär, do, wou se haut steet. Verschiddener schonn. Et hängt e bëssen dovunner of, wou se grad läit.

Da ginn ech nach eng Kéier kuerz op d'Prozedur an. Mir hunn also haut déi Prozedur vum PAG, vun der SUP a vum PAP, déi mer haut votéieren an an d'Prozedur ginn. Wat mer, mat allem, wat mer haut virgestallt hunn, publizéieren an de Leit wäerte virstellen. Den Owend ass schonn eng Versammlung fir all eis Kommissiounen. Da geet se op d'Ministèren, wou mer d'Avisen zréckkréien. An da gesi mer am Hierscht, wéi et wäert weidergoen. Kuerz resuméiert.

Dann nach fir d'Leit, dass mer dat an deenen nächsten Deeg um Internet publizéiere wäerten. De 26. Juni ass déi Biergerversammlung um hallwer aacht am Stadhaus, wou mer de Leit dat virstellen. Mir wäerten do probéieren, manner technesch Virstellungen ze maachen a méi Raum ze gi fir Froen.

Déi Versammlung wäert esou oflafen, dass mer eng Presentatioun maachen iwwert de PAG, wéi en haut ass, an dee ganzen éischte Stack opdeelen a véier Ecker: Quartier Nidderkuer, Uewerkuer, Fousbann an Déifferdeng. Wou d'Leit kënnen an dee Raum goen, wou iwwerall och Experte stinn, wa se ganz spezifesch Froen hunn zu hirem Eck, zu hirem Quartier, zu hirer Strooss.

Au Fousbann, des zones de récréation sont prévues dans les ilots. Plusieurs garages ont été intégrés dans une zone spéciale. Sur ce site, le collège échevinal trouve que des garages sont pertinents. D'autres garages pourront cependant être démolis à l'avenir.

Dans la zone d'activités en direction du Fousbann, Georges Liesch attire l'attention sur un îlot relativement grand en face du portail de l'usine. Le collège échevinal ne veut pas d'activités économiques sur cette prairie.

Georges Liesch passe à Oberkorn et Lasauvage, où se trouve une ferme. Cette zone ne pourra pas être viabilisée. Il ne sera donc pas possible d'y aménager un lotissement.

Plusieurs ilots sont classés en zone de jardin. Le terrain de boules et le stand de tir ont été sortis de la zone verte. Une autorisation du ministère ne sera donc plus nécessaire pour chaque modification.

Le parc de Lasauvage fait désormais partie d'une zone de parc.

À Oberkorn, il y a de nombreux garages à proximité de la piscine. Le collège échevinal trouve que certains sont pertinents et d'autres pas.

Georges Liesch rappelle que le vote d'aujourd'hui permet de lancer la procédure d'approbation du PAG, de l'EES et du PAP. Ce soir aura lieu une réunion de présentation pour les commissions. Le dossier sera publié et présenté au public. Il sera envoyé aux ministères pour avis. Un deuxième vote du conseil communal aura lieu en automne. Le 26 juin, une réunion d'information au public est prévue à 19 h 30 à l'Aalt Stadhaus. La présentation sera moins technique et les gens pourront poser des questions. Concrètement, la réunion commencera par une présentation du PAG. Ensuite, le premier étage sera subdivisé en quatre parties: Niederkorn, Oberkorn, Fousbann et Differdange. Des experts répondront à des questions spécifiques sur les différents quartiers et les différentes rues. Les gens pourront aussi s'informer sur les modalités de réclamation.

Georges Liesch remercie le conseil communal, qui a participé au déve-

loppement de Differdange au cours des 15 dernières années. Même si tous les conseillers communaux n'étaient pas d'accord avec tous les projets, les résultats ont été positifs dans leur ensemble. Georges Liesch remercie particulièrement M. Muller, qui était responsable des bâtisses au sein du dernier collège échevinal et auquel il a fallu beaucoup de patience pour terminer l'EES à temps. M. Muller a réalisé un travail exemplaire.

L'échevin remercie ensuite les services communaux, et en particulier Véronique Grün et Manuel Lopes, les architectes, qui se sont occupés de l'étude préparatoire et du PAG. Le PAP « Quartiers existants » explique comment mettre en pratique les idées du collège échevinal sur le terrain. Cet énorme travail a été réalisé par le service technique sous la direction de Giorgio Ricciardelli. Tous les détails ont été analysés à travers des simulations.

Le service écologique a accompagné le dossier EES, qui fait 170 pages. Ce dossier a été réalisé par des bureaux d'experts, mais le service écologique a apporté une contribution importante.

Enfin, Georges Liesch remercie les bureaux de paysagistes, les urbanistes et ceux qui ont rédigé l'EES. Il ne peut pas les énumérer tous, mais tient à mentionner M^{me} Nunes, qui a fait preuve d'énormément de patience au cours des dernières années. Sans son engagement et son travail exemplaire, le dossier n'aurait pas été terminé à temps.

Georges Liesch remercie les conseillers communaux pour leur patience.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que la présentation de M. Liesch n'était pas seulement longue; elle était aussi excellente. (Interruption et rires)

ERNY MULLER (LSAP) *explique qu'il a été heureux de travailler sur ce dossier. Il souhaite commencer par un historique.*

Da kann een dat an engem Sall diskutéieren an déi Saachen direkt ophuelen an de Leit erklären. An och, wa se mat eppes net averstane sinn, wéi se kënnen reklaméieren, a wéi enger Form, wéi se dat musse maachen an och a wéi engem Delai.

Voilà, ech wär elo um Enn ukomm. Ech géif wëllen ofschléisse mat engem ganze Koup Mercien, déi de Buergermeeschter schonn ugedeit huet. Ech wëilt mech deem ralliéieren. Ech géif ufänke mat engem Merci un de politeschen Niveau, wann een dat esou kann nennen.

Dat ass éischtens hei de Gemengerot, deen an deene leschte 15 Joer den Developpement vun Déifferdeng gesteeuert huet, positiv gesteeuert huet. Och wann net ëmmer jiddweree mat allem averstane war, ass d'Resultat awer insgesamt fir Déifferdeng ganz positiv an deene leschte 15 Joer hei geschitt. An do schwätzen ech vun deene leschten dräi Schäfferéit, déi hei aktiv waren.

E besonnesche Merci, wann ech därfer een eraushiewen, geet un den Erny Muller, deen als Bauteschäffen dësen Dossier an der leschter Mandatsperiod hei am Schäfferot weidergedriwwen huet an dofir gesuergt huet, dass mer dat oft um Ordre du jour haten a weiderkomm sinn. Dee mat ville Saachen ze kämpfen hat, zum Beispill, fir d'SUP matzäit op den Dësch ze kréien. Dat huet em, mengen ech, seng lescht Hoer kascht. Dofir e ganz grouse Merci un den Erny Muller, deen dat am leschte Schäfferot ganz exemplaresch gemaach huet. Haaptsächlech, wat de PAG ugeet.

En zweete grouse Merci geet un eis Gemengeservicer hei am Haus, déi doru geschafft hunn. Ugefaange mat der Étude préparatoire an dem PAG, wou eis Urbanisten an Architekten, d'Véronique Grün an de Manuel Lopes ganz intensiv dorunner geschafft hunn, dat entwéckelt hunn, begleet an opgestallt hunn.

Dee ganze Volet PAP Quartiers existants, wou et drëm gaangen ass, déi politesch Iddien, déi mir haten, ze kucken: Wéi kréie mer déi ëmgesat an engem Quartier existant? Wéi kréie mer déi erfogeluecht op Reglementéierungen? Dat war eng enorm Aarbecht am Service technique, ënnert der Leedung

vum Giorgio Ricciardelli, mat senger ganzer Equipe vum Service technique. Déi sech Mëtteger agespaart hunn, fir wierklech alles am Detail auszeschaffen, Simulationen ze maachen: Geet dat do? Wou si Fäll, wou et net geet? Vlächht hu mer se net all erwëscht. Mä déi Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass, ass enorm.

Och eise Service écologique, deen dee ganzen Dossier SUP mat begleet huet. Dir gesitt jo d'Envergure vum Dossier SUP, 170 Säiten. Natierlech hunn d'Büroen dorunner geschafft. Awer eise Service écologique huet sech hei wierklech erageknéit, fir matzehëllefen, deen Dossier opzesetzen an op der Plaz hinne Saachen nach ze weisen.

E leschte grouse Merci geet un déi Büroen, déi heiru geschafft hunn. Dat waren der eng ganz Partie, souwuel d'Pay-sagisten, de Büro, deen un der SUP geschafft huet, wéi och den Urbanistebüro. Ech ka se net all opzielen. Et waren eng ganz Partie Leit.

E besonneschen, perséinleche Merci géif ech gär dem Brigida Nunes ausschwätzen, wat hei eng enorm Gedold mat eis alleguerte bewisen huet an deene leschte Joren. Haaptsächlech mat mir vlächht, dat ka sinn. Mä ech mengen, ouni hatt an ouni säin Asaz a säin Éiergäiz wär dësen Dossier net am Timing fäerdeg gewiescht. Eis Leit hunn natierlech och vill dru geschafft. Mä e ganz grouse Merci awer un hatt fir déi exemplaresch Aarbecht. Ech soen Iech Merci fir dat laangt Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat war net nëmme laang, et war exzellent erkläert. Et mierkt ee gutt, datt Der Schoul haalt, Här Liesch. Op alle Fall elo schonn e Merci un Iech.

Här Muller, w.e.gl. No deem ville Luef!

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Merci direkt fir de Luef. Ech muss soen, ech hu gär an déi Richtung geschafft.

Léif Kollegeinnen a Kollegen heibanen, an och vun der Press, ech wëll

ufänke mat engem klengen Preliminaire. Well et war gesot ginn, wéi ass dat, wéi huet d'Wirkung ausgesinn? Duerfir erlaabt mer kuerz, an der Aleedung e klengen Historique iwwert d'Ausschaff vum neie PAG ze maachen.

Laang Joren ass, ënner verschidde Schäfferéit, un dësem PAG geschafft ginn. Bis en dann endlech haut, den 19. Juni 2019, dem Gemengerot virläit. Ugaangen ass et an den 90er Joren. Wéi eise PAG esouwäit fäerdeg war, ass 2004 d'Gesetz geännert ginn, a fir Déifferdeng ass de PAG deemno fir d'éischt op Äis geluecht ginn.

De Pacte Logement kout 2009. An, mir wëssen et, Déifferdeng ass ëmmer méi gewuess. D'Instrument heifir war d'Modification ponctuelle vum PAG. Am Ganze si bis haut zirka 15 esou Modification-ponctuellé virgeholl ginn. Esou ass zum Beispill de Plateau du funiculaire entstanden a wichteg aner PAPen.

Weider weeweisend Schrëtt an der Stadentwécklung an zum haitege PAG war den 1. Oktober 2014 de Vott am Conseil iwwert d'Servitude vun de Maisons unifamiliales. Eng wichteg Decisioun, fir den onkontrolléierte Wuesstem ze bremsen an d'Liewensqualitéit an de Quartieren oprechtzëerhalen.

An den 21. Juni 2017 de Schutz vun eisem Patrimoine architectural. Zu engem groussen Deel déi speziell Fassaden, awer och komplett Haiser oder souguer d'Cités ouvrières. Mir schwätzen hei vum Secteur protégé, wéi den Här Liesch schonn ervirbruecht huet.

Wann ech mer och virgeholl hat, de PAG a menger Amtsperiod als viregte Bauteschaffen ofzeschléissen, dann hat awer leider de Büro, deen d'SUP erstallt huet, mer e Stréch duerch d'Rechnung gemaach.

Zweete Punkt: Dat sinn allgemeng Appreciatiounen zu deem neie PAG. An der Partie graphique fir déi verschidde Gemengesektiounen, am Dossier als Zones de base betitelt, fanne mir d'Partie 2 Nidderkuer-Déifferdeng, d'Partie 3 Déifferdeng-Fousbann an d'Partie 4 Uewerkuer-Lasauvage souwéi déi jeeeweileg Dokumenter PAP Quartiers

existants an d'Partie écrite zu deene proposéierten Elementer.

Als Ennerlagen hate mir nach eng Étude préparatoire an d'SUP, d'strategische Umweltprüfung.

Ech muss ugangs direkt soen, dass ech mer virgeholl hunn, dem Här Schwachtgen, dee jo en Expert an deem do Beräich ass, de Volet SUP ze iwwerloossen. Dass mer do op d'mannst keen double Emploi wäerte maachen.

Bei der Étude préliminaire stécht besonnesch den Développement urbain ervir. Mir kënnen erkennen, dass d'Sad Déifferdeng à court terme op 30.000 Awunner wüsst a souguer à moyen terme, dat heescht bis 2030, ëmmerhi schonn an zéng Joer, bis op 37.000 Awunner ka wuessen.

Déi eenzeg Méiglechkeet, des Tendenz ze steieren ass iwwert d'PAPen nouveaux Quartiers. An haaptsächlech déi, wou d'Gemeng Déifferdeng d'Soen huet.

Aus der Étude préliminaire ginn eng Partie Erkenntnisser ervir, wéi zum Beispill d'Zones de bruit, de Kaméidi an esou virun. D'Ëmweltauswirkungen op de Mënsch, d'Natur, de Buedem, d'Waasser, de Klima, d'Loft an esou virun. Dës Analyse goufen an der SUP nach verdéift. Selbstverständlech sinn des Recherchen, souwäit se opportun waren, mat an de PAG gefloss.

Et schéngt mer wichteg, dass mer all déi Iwwerleeungen am Regëster androen an onofhängeg vum PAG e Plan d'action ausschaffen. Et geet och iwwert d'Waasser rieds, a mir erënneren un dee schonn ëfters gefuerderte Quelleregëster.

Elo zum PAG selwer. Positiv ze bewäerten ass éischters: Wichteg um Niveau vum PAG respektiv PAP Quartiers existants ass, dass d'Baudicht jee no Quartier gesteiert gëtt. Et muss awer genuch Gréngfläch am Quartier erhale bleiwen. Dës Erhale vun de Gréngflächen ass am neie PAG definéiert duerch déi sougenannten Zones de jardins. Wat eiser Meenung no eng gutt Initiativ ass géint d'allgemengt Zoubetonéieren. Si zéie sech duerch dee gesamte Gementerritoire vun Nidderkuer bis op Uewerkuer.

Il aura fallu de longues années de travail pour pouvoir présenter le PAG ce 19 juin 2019. Les travaux ont commencé au début des années 1990. Une fois le PAG terminé, la loi a été modifiée en 2004. Le PAG de Differdange a donc été bloqué.

En 2009, le Pacte logement a été introduit. La population de Differdange a commencé à croître de plus en plus vite. Le conseil communal a modifié ponctuellement le PAG une quinzaine de fois. C'est ainsi que le plateau du Funiculaire, par exemple, a vu le jour.

Le 1^{er} octobre 2014, une servitude a été placée sur les maisons unifamiliales afin de maîtriser un accroissement sauvage de la population et de préserver la qualité de vie dans les quartiers.

Le 21 juin 2017, la protection du patrimoine architectural a été approuvée, c'est-à-dire de façades, de maisons entières et des cités ouvrières.

Erny Muller souhaitait achever le nouveau PAG quand il était échevin, mais la réalisation de l'EES a pris du retard.

Dans le PAG, les sections de la commune sont appelées zones de base. Erny Muller mentionne également le PAP Quartiers existants et l'EES. M. Schwachtgen commentera l'EES étant donné qu'il s'y connaît.

L'étude préliminaire met en avant le développement urbain. À court terme, Differdange va atteindre 30 000 habitants et à moyen terme, elle pourrait en compter 37 000. Cette évolution ne peut être maîtrisée qu'à travers les PAP. L'étude mentionne aussi les zones de bruit et les conséquences du développement sur l'homme, la nature, l'eau, le climat, l'air... Ces questions ont été approfondies dans l'EES et intégrées le cas échéant dans le PAG.

Pour Erny Muller, il faudrait aussi intégrer ces réflexions dans un plan d'action indépendant du PAG. Il rappelle qu'il a aussi été souvent question d'un cadastre des sources d'eau.

Erny Muller ajoute que le PAG et le PAP Quartiers existants définissent la densité de construction quartier par quartier. Les zones de jardin constituent aussi une bonne initia-

tive. Il y en a à travers la commune, de Niederkorn à Oberkorn.

Le PAG ne prévoit pas d'agrandissement du périmètre de construction à quelques exceptions près.

La servitude sur les maisons unifamiliales a eu des conséquences négatives à Oberkorn dans la rue de Belvaux. C'est pourquoi il faut étendre la servitude à Oberkorn du Rattem à Belvaux et à Niederkorn dans la route de Pétange.

Le terrain industriel de l'Arbed est reclassé en zone spéciale. Erny Muller espère que le ministère approuvera la définition donnée par la commune. Il est question du site des hauts-fourneaux dans le centre et à Niederkorn, du carreau et du stade du Thillenbergh.

Les socialistes regrettent que les routes, la voie ferrée et les futures places de stationnement ne figurent pas sur les plans. Le volet de la mobilité douce n'est pas complet non plus puisqu'il manque la nouvelle piste cyclable entre Differdange et Niederkorn.

Dans le PAP Quartiers existants figurent cependant le futur passage souterrain à hauteur de la barrière d'Oberkorn et les futurs tracés du quartier Woiwerwisen.

Erny Muller passe à Niederkorn et mentionne les zones jardin entre la rue de Pétange et le Prënzebiérg ainsi qu'entre la rue de Pétange et la rue de Bascharage. Une grande zone jardin se trouve aussi derrière les maisons de la rue de Pétange et de la rue Prënzebiérg.

Un nouveau lotissement est prévu derrière la rue des Ligures.

Erny Muller trouve intéressantes les zones REC 1 jouxtant la zone industrielle Haneboesch derrière les maisons en direction de Gadderscheier. Il faudrait que la commune rachète ces surfaces.

La nouvelle zone à côté de Collé est classée ECO C1 comme la zone d'activités du Haneboesch.

Qu'en est-il de la résidence pour séniors dans l'avenue de la Liberté et du PAP de la rue Pierre-Gansen où l'AIS Kordall doit construire des appartements? Quand le projet de la SNHBM dans la route de Pétange sera-t-il lancé?

Pour ce qui est de Differdange, Erny Muller souligne l'importance d'une harmonisation des nouveaux

Zweetens: keng Erweiterung vum Bauperimeter. Bis op e puer kleng Plazen, wou elo am PAP Quartiers existants eng Entwécklung vu Bauprojeten zougelooss gëtt.

Drëttens: Aus der Erfahrung vun der Servitude Maisons unifamiliales, wou jo nëmmen nach an den Zoufaartsstroossen Appartementshaiser autoriséiert ginn, hu mer eng negativ Tendenz haaptsächlech zu Uewerkuer an der Bielesser Strooss erlieft. Dofir ass et wichteg, dass dës Moossnam ausgedeeent gëtt, an zwar zu Uewerkuer ab dem Accès Rattem bis Ausgang Richtung Bieles, an och zu Nidderkuer am Péitenger Wee. Wou dann och elo d'Eefamilljenhaiser geschützt ginn.

Véiertens: Rekonversioun vun dem industriellen Terrain vun der fréierer ARBED, mat der Aféierung vun der Notion Zone spéciale, déi mir jo am Fong selwer définéiert hunn – ech hoffen, dass de Ministère dat och esou gesäit – um ancien Site Hauts-Fourneaux, Contournement an Zentrum. Awer och zu Nidderkuer, déi fréier Entrée an d'Schmelz duerch d'rue Pierre Gansen. Datselwecht gëllt fir d'Terrainen um Carreau a Stade du Thillenbergh. Et ass ze begrëssen, dass elo endlech, nodeems de Real Estate vun ArcelorMittal sech nei opgestallt huet, et zu engem Fortgang an dësem Dossier kënnt.

Mir stellen eis awer d'Fro, firwat net am Kader vun der Mobilitéit d'Stroossen an och d'Zuchlinn, déi eis ganz Gemeng vun Uewerkuer bis Nidderkuer duerchleeft, an de Pläng mat agedroe sinn. Och hu mer keng aktuell oder zukünfteg Parkgeleeënheeten an deene Pläng konnt erkennen.

Mir vermëssen dann nach d'komplett Mobilité douce. Zum Beispill deen neie Vëloswee vun Déifferdeng op Nidderkuer, eis zwou nei Brécken an de sougenannte „Wuerm“ a Richtung Uewerkuer. Ech schwätze wuelverstane vun de Pläng vum PAG an net vun der Étude préparatoire.

Am PAP Quartiers existants an nouveaux Quartiers sinn zwar gestrécht engersäits d'spéider Unterführung zu Déifferdeng, déi de leidege Problem vun der Uewerkuerer Barrière soll léisen, an zousätzlech Tracéen am zukünf-

tegen neie Quartier Woiwerwisen virgezunn.

Ech géif kuerz op déi relevant Moossnamen am PAG agoen. Éischtens fir Nidderkuer: Gréisser Zones de jardins tëschent der rue de Pétange a Prënzebiérg an tëschent der rue de Pétange a rue de Bascharage. Des Weideren eng gréisser Zone de jardins hannert den Haiser rue de Pétange a rue Prënzebiérg a Richtung Tëteliébiérg. Hei kënnt et zu kenger Erweiterung vum Bauperimeter.

Am Beräich vun der rue des Ligures, hannendrun op dem Kiirchepäärchen, ass en neie Perimeter fir e Lotissement agedroen. Interessant sinn d'Arealer REC-1, ugrenzend un d'Industriezon Haneboesch an d'Trägerlager, an an der rue Pierre Gansen, hannert den Haiser a Richtung Gadderscheier. Et wär sécherlech vun Notzen, wann d'Stad Déifferdeng dës Arealer géif ënnerhalen an eventuell opkafen.

Mir kënne gesinn, dass am Ausgang vun Nidderkuer, nieft dem Collé, déi nei Zon d'selwecht klasséiert ass wéi d'Aktivitéitszon Haneboesch, als ECO-c1.

Eis Froen zu Nidderkuer: Wéi geet et viru mat der Residence Senior an der Avenue de la Liberté beim Agang vum Spidol? Dëst ass nach ëmmer ënnert dem besteende PAP agedroen. Wéi geet et viru mam PAP rue Pierre Gansen, rue des Celtes, wou Wunnenge fir d'AIS Kordall entstoe sollen? A wéini fänkt d'SNHBM mat hirem Projet an der route de Pétange un?

Zweetens, Déifferdeng-Zentrum: d'Zone spéciale Entrée en ville a Site Héichuewen. Et ass wichteg, dass hei eng harmonesch Entwécklung tëschent den neie Gebaier an dem besteende Patrimoine vun der Groussgasmaschinn entsteet. Ech konnt leider déi lescht Sitzung net dobäi sinn a bedauern, dass mer bei der Modification ponctuelle net direkt dee ganze Site mat erageholl hunn. Wat dann haut nogeholl gëtt.

Hannert der Gendarmerie, an der rue Pasteur, kee Bauprojet, mä eng Zone REC-1. Wat ze begrëssen ass. An am Usschloss eng weider Zone de jardins.

Den Areal hannert den Haiser vun der Avenue Charlotte, déi aner Säit vum Stadhaus, vum Château bis bei d'Barrière, ebenfalls eng REC-1 a kee Projet.

Drëttens: Déifferdeng-Fousbann, d'Wuelemswiss. Hei ass nach e PAP virgesinn hannert den Haiser vun der rue de la Chapelle a rue Emile Mark, mat Accès vun deenen zwou Stroossen.

Mir kéimen zu de Woiwerwisen, en Areal, wou e groussen Deel vun Terrainen schonn der Gemeng gehéiert. Et ass an de Pläng eng gréisser Zon fir PAP Bâtiments et équipements publics ageplangt. Op dës Plaz soll de Liichtathletikstadion kommen an eng zousätzlech Schoul.

Den Här Liesch hat geschwat vun deem Korridor fir de Loftaustausch, dee mer och drop erkennen. Leider ass hei keng weider Zon REC ageplangt a keng Servitude verte, wann een ofgesäit vun där Schneis fir de Loftaustausch.

Well d'Gemeng selwer awer Proprietär vun deene meeschten Terrainen ass – de Rescht misst nach kaf ginn –, hu mir et jo selwer an der Hand, wéi mer de PAP steieren. Absolutt wichteg ass et, an all gréisseren Quartier e sougenannte Quartier-PAP mat anzeplangen. Mir wëssen, dass an der Regel déi 25% un Terrain, déi vum Promoteur ze cedéieren sinn, net duergeet.

Véiertens: Uewerkuer. Zu Uewerkuer ass eng HAB 2, ënnert DI05, an de Pläng dobäikomm vun der Avenue Charlotte Richtung Parc de la Chiers, do hannendrun, wou elo zurzäit eenzel Garagë sinn. Mir mengen, dass dee Plan directeur, oder et kënnt ee scho bal soe PAP, Sënn mécht op där Plaz.

Des Weidere sinn d'Projete Parc des Sports, LU:NEX, Place Jehan Steichen an den Hotel plus Residence „Fréiere Maxim's“ nach ëmmer geplangt. E weideren Deel fir e Bauprojet ass an der rue Prommenschenkel en face vun der Uewerkuerer Kierch definéiert.

Et bleift nach de PAP Ronnwis. Hei misst d'Gemeng versichen, d'Terrainen ze erwerben, wa mir dësem Projet eng Chance wëlle ginn. Op der Uewerkuerer Gare eng kleng HAB 1 un der rue Dalscheidt. Et ass e Projet zesumme mam Fonds de Logement, deen eis net

esou gutt op dëser Plaz gefält. Wann een en net kann opginn, da proposéiere mir op jiddwer Fall, dësen ze iwwerschaffen an ze reduzéieren.

Mir si frou, dass fir zwee Betriber zu Uewerkuer, an zwar eng Gäertnerei an e landwirtschaftleche Betrib, mat enger Zone mixte rurale all Moment op eng Entwécklung am Kader vun der Aktivitéit bautechnesch ka reagéiert ginn.

Lasauvage: De PAG dréit dem Patrioine vun enger Cité des mineurs, mat ënner anerem historesche Gebaier wéi enger Kierch, Industrie a Kultur Rechnung. Wat de Fond-de-Gras ubelaangt, esou konnt ech leider näischt feststellen. Dozou kann den Här Liesch eis vläicht eppes soen.

Bis elo, dat hutt Der vläicht erausfonnt, hunn ech am Fong nëmme Positives gesot. Wann do awer net e grouse Bemoll wär, an zwar Folgenden: Wéi ech mer déi eenzel Astufung vun de Quartieren ugekuckt hunn, speziell déi, déi ech e bësse besser kennen, sinn ech hefteg erféiert.

Nämlech sinn do op d'mannst zwou Plazen, an zwar an der Avenue de la Liberté, en face vun der Station Bernard, an an der Verlängerung vun der rue de l'Acier Richtung Nidderkuer, wou eng fréier ARBEDsresidenz ass, erofklasséiert ginn. An zwar esou, dass déi eenzel Konstruktiounen am Fong net méi konform sinn zu deem neie PAG.

Ech gesinn dat als e gewëssenen Nonsens. Well zu menger Zäit si mer higaangen an hu versicht, fir all Gebaier oder bebaute Substanzen, déi net grad konform waren, de PAG der Bausubstanz unzepassen. Fir de Leit esou nei Méiglechkeeten ze schafen.

Fir méi konkret ze sinn, déi Residence, déi elo Rez-de-chaussée plus véier Stäck huet, misst laut deem neie Règlement op dräi Stäck zrëckklasséiert ginn. Se dierf och keng Baudéift vu 15 Meter hunn, mä nëmme nach 13,5, wat déi iewescht Stäck ubelaangt. Dat heescht ee Stack manner an déi iewescht Stäck net méi grad esou déif gebaut. Datselwecht gëllt fir d'Avenue de la Liberté, wou och manner Stäck geifen a Fro kommen.

bâtiments de l'entrée en ville avec la « Groussgasmachinn ».

Le terrain derrière la gendarmerie dans la rue Pasteur est classé zone REC 1.

Au Fousbann, un PAP est prévu derrière les maisons de la rue de la Chapelle et la rue Émile-Mark.

Les Woiwerwisen appartiennent en grande partie à la commune. Un stade d'athlétisme et une école vont y être construits. M. Liesch a parlé d'un corridor garantissant les flux d'air, mais il n'y a malheureusement pas de zone REC ou de servitude verte. La commune étant propriétaire, elle peut décider quoi aménager sur le terrain. Elle sait que les 25 % cédés par les promoteurs à la commune ne sont pas suffisants.

Erny Muller passe à Oberkorn. Il mentionne une zone Hab 2 et l'avenue Charlotte en direction du parc de la Chiers, où se trouvent les garages. Un PAP serait pertinent.

Les projets Parc des sports, LUNEX, place Jehan-Steichen et ancien Maxim's sont en planification.

La commune devrait essayer d'acquérir les terrains dans le cadre du PAP Ronnwis.

Une zone Hab 1 se trouve près de la gare d'Oberkorn. Le Fonds du logement y réalisera un projet. Erny Muller trouve que le site n'est pas idéal. Il faudrait en réduire l'ampleur.

Le conseiller communal salue les décisions prises en faveur de l'entreprise agricole et de l'établissement horticole à Oberkorn.

À Lasauvage, le PAG tient compte du patrimoine historique. En revanche, Erny Muller ne sait pas ce qui est prévu dans le Fond-de-Gras.

Un point inquiète Erny Muller: dans l'avenue de la Liberté en face de la station-service Bernard et dans la prolongation de la rue de l'Acier, les bâtisses ne sont plus conformes au PAG. Cela n'a aucun sens. Il aurait fallu adapter le PAG au bâti.

Concrètement, la résidence composée d'un rez-de-chaussée et de quatre étages devrait être reclassée à trois étages. La profondeur devrait quant à elle passer de 15 à 13,5 m aux derniers étages.

La même remarque vaut pour l'avenue de la Liberté.

Erny Muller trouve qu'il aurait aussi fallu remettre aux conseillers communaux un registre à jour portant sur la régularisation des façades. En effet, le nombre de façades protégées a évolué, mais le collège échevinal n'a pas remis de nouvelle liste. Or il n'est pas facile de reconnaître les maisons signalées par quelques traits sur les plans.

Pour les socialistes, le PAG est adapté à la situation présente et future de Differdange. Comme l'a dit M. Liesch, il laisse une marge pour une croissance intelligente.

En revanche, les documents ne précisent pas les idées du collège échevinal concernant la construction d'appartements par la commune. Le collège échevinal doit essayer d'acquérir un maximum de terrain constructible.

Une ville n'est pas uniquement constituée de plans et de textes, mais surtout de gens qui y vivent et y travaillent. C'est pourquoi la cohésion sociale mais également l'équipement public sont importants. Erny Muller mentionne les écoles, les maisons relais, les structures de soins, le sport, la culture...

Les socialistes souhaitent voir un commerce dynamique dans le centre. Au cours des dernières années, Differdange est devenue une ville de la création et du savoir. Erny Muller espère que l'emménagement du Science Center sur le site des hauts-fourneaux ouvrira la porte à l'implantation d'une cité des sciences et à la création d'emploi.

Le conseiller communal conclut en remerciant les services communaux et les bureaux d'experts.

Les socialistes voient le nouveau PAG d'un bon œil, mais ils attendront de connaître les réponses à leurs questions avant de prendre une décision.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

trouve difficile de ne pas répéter ce qui a déjà été dit deux fois lors des interventions précédentes. Il essayera malgré tout de se montrer bref.

(Interruption)

Des Weideren huet am Dossier e Regësterplang gefeelt. Dat wollt ech nach soen. Also et wär interessant gewiescht fir déi eenzel Conseilleren, wa mer an eisem Dossier e Regësterplang vun der leschter Situatioun vun de Fassade-Regulariséierung hätten.

Well et war jo esou, während eisem zweete Vott hate mer nach eng Partie Fassade mat erageholl. An déi Fassade si jo och nach eng Kéier berengegt ginn. An do ass dann elo d'Situatioun bliwwen, wéi mir se haut ofstëmmen. An dozou hu mer awer elo net dee berühmte Listing, wou een déi eenzel Fassade gesäit.

Ech mengen, Dir kënnt novollzéien, dass et immens schwéier ass, just esou Strécher kucken ze goen, wat fir eenzel Haiser dat dann elo sinn. Duerfir wollt ech froen, ob dee Listing mat de Fotoe vun der jeeweileger Fassad ons nach kéint nogereecht ginn.

Eis Konklusioun zu deem neie PAG: Et ass eiser Meenung no een der aktueller an zukünfteger Stadentwécklung ugepasste PAG oder Stadentwécklungsplang, deen nach d'Fräiheet léisst fir intelligent Wuessen. Allerdéngs mat Récksiicht op Natur an Ëmwelt.

Mir kënnen d'Iddien, déi eis Gemeng huet betreffend, zum Beispill, d'Baue vu Wunnengen an Eegeregie, unhand vun de Pläng net erkennen. An deem Punkt ass sécherlech nach Klärungsbedarf. Wichteg ass et, dass de Schäfferot, an doriwwer eraus de Gemengerot, alles drusetzt, fir weider Baulandreserven opzekafen. Ech erënneren un de Foncier, wéi och den Här Liesch gesot huet.

Eng Stad, dat sinn awer net nëmme Pläng mat Partie écrite a graphique. Eng Stad, dat sinn un éischter Stell d'Leit, déi an der Stad liewen a schaffen, an deenen hir Liewensqualitéit ze garantéieren ass.

Dofir spillt d'sozial Kohäsioun eng wesentlech Roll, awer och eis sougenannten Équipements et bâtiments publics, am Fachjargon BEP. Sief et Schoulen, Openthaltsstrukture fir Kanner, Strukturen am medezineschen a Fleegeberäich, Equipementer fir déi Jonk an d'Senioren, Sportsequipementer. Datselwecht göllt natierlech fir d'Kultur asw.

Mir wënschen eis lieweg Geschäfte am Stadkär. An deene leschte Joren huet Déifferdeng sech entwéckelt zu enger Stad mat Kreativwirtschaft, enger Wëssensstad, mat der internationaler Schoul, der Universitéit, der LU:NEX an der Miami University. An net ze vergiessen de LIHPS, en Héichleeschungssportsinstitut. Loosse mer hoffen, dass um Site vun de fréieren Héichiewen net nëmme de Science Center en neit Dohem fënnt. Mä dass dësen attraktive Projet de Wee opmécht fir eng Cité des sciences, mat der Schafung vun neien Aarbechtsplazen an engem zukunftsorientéierte Creneau.

Zum Ofschloss wéilt ech mech dem Här Liesch uschléissen, wat d'Mercien ubelaangt un eis eenzel Servicer vun der Gemeng. Natierlech doriwwer eraus och un déi Büroen, mat deenen ech jo och d'Geleeënheet hat, ganz gutt zesammenzeschaffen.

Mir als LSAP waarden elo nach déi verschidden Äntwerten op eis Froen of, déi mer kréien, an da kucke mer. D'Tendenz ass éischter positiv zu deem PAG an zu där Ofstëmmung hei bei eis, mä mir wollten awer elo nach d'Äntwerten ofwaarden. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller. Här Schwachtgen Frenz, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen, Dir Hären, léif Leit vun der Press, léif Mataarbechter dohannen, et ass net einfach, dat aus enger Ried erauszeloossen, wat elo schonn zweemol gesot ginn ass. Ech probéieren et awer trotzdem fäerdegzebréngen, fir relativ kuerz ze sinn. Et ass en Defi.

Ech wollt déi Gedanken opgräifen, déi den Här Liesch gesot huet – an ech soen him dofir Merci. Och fir säi gutt Referat an déi kloer Duerstellung vun der ganzer Problematik. Dem Här Muller och, dass e mech scho mat about bei der SUP. Ech wollt awer och zu deenen anere Punkten e puer Saache soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt eng enk Zesummenaarbecht.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

D'SUP läit eis um Häerz, well et e Kärstéck ass vun eiser ganzer Planung fir déi nächst Joren. Wa mer vu PAG schwätzen, fänke mer mat engem neie PAG eng nei philosophesch Dimension un, déi déi lescht Joerzénge net esou an Erscheinung getratt ass. An dat ass d'Bewosstsinn, wat eisen Ëmgang mat eisem Planéit ugeet. Net nëmme mat Déifferdeng, mä allgemeng mat eiser Äerd, wou mer drop liewen.

Klimadebatt, Biodiversitéit, Aartestierwen, Energiedebatt, Mülldebatt an esou weider. Ech mengen, alles dat muss an de Gedanke sinn, wann ech e PAG maachen, och wann ech eppes fir d'Quartiers existants wëll maachen. Dat muss alles mat afléissen.

An ech muss och dat Bewosstsinn hunn, dass mer an enger Stad wéi Déifferdeng op gewësse Grenze stoussen, wat d'Populatioun ubelaangt, wat de Konsum ubelaangt, wat d'Mobilitéit ubelaangt. Mer gesinn et all Dag. Och wat eis Ernährung an eis Ernährungsproduktioun ubelaangt – mer hu jo nach Betriber hei an der Gemeng –, wat d'allgemengt Wunnen, wat de Landes- an den Naturverbrauch ubelaangt.

Dofir ass dee PAG fir eis gréng en Instrument, fir wierklech no vir ze kucken an dat mat anzeplangen a Feeler elo ze vermeiden. Net, dass mer herno vun den nokommende Generatiounen gesot kréien: „Hätt der do nach Plaz gelooss, hätten der do e Park gemaach, hätten der do e Weier gemaach, dann hätte mer och nach Villercher a Planzen, déi an der Natur an an der Stad virkommen“.

Dat heescht, mir hunn eng grouss Verantwortung mat engem PAG. E PAG muss jo och kloer en Instrument sinn, fir d'Liewensqualitéit vun all eise Bierger ze verbesseren an do, wou se scho gutt ass, ze erhalen. Méi geet heiansdo net. An ech mengen, mir sollten e Maximum fir jiddwereen ustriewen.

Fir eis erfëllt dee PAG hei d'Kritäre vun der Nohaltegkeet. Et ass Pabeier de

Moment. An ech hoffen, dass déi nächst sechs bis zwoelf Joer dat och agehale gëtt, wat hei drasteet. Net zescht och am Beräich vum SUP-Dossier, wou ech herno nach wëll drop zréckkommen.

Et huet laang gedauert, zéng Joer Eraarbechtung. Den SUP-Dossier, Här Muller, denken ech ass esou spéit komm, well en esou voluminéis ass. Ech hu probéiert ze zielen, wéi vill Dossieren do dra sinn. Ech mengen, et sinn ëm déi 80 verschidden Dossieren, wat d'SUP ubelaangt.

E puer Remarken zu eiser demografescher Lag. Den Här Liesch huet dat scho kloer ëmrass. Ech denken och, dass eis demografesch Situatioun net am Fënn- oder Zéng-Joer-Rhythmus muss gekuckt ginn, mä a vill méi kuerzen Zäitraim. Well mer esou vill Mouvementer an der Gemeng hunn. Mir hu vill nei Arrivéen duerch déi nei Lotissementer, déi a Betrib geholl ginn. An do ännert d'Situatioun vun der Demografie ganz staark. Soudass een am Zweek-Joer-Rhythmus soll dorobber kucken.

Mir sinn zu 27.000. An ech denken, dass dee rapide Sprong op 35.000 méi séier kënnt, wéi mer mengen, wann ech all déi PAPe kucken, déi scho geneemt sinn, déi nach geplangt sinn. Och déi Fluktuatiounen, déi iwwer den Apartementsbau op den Afallsstroosse gemaach ginn. Do ass effektiv sech d'Fro ze stellen, ob een do net awer reguléierend muss agreifen.

Wéi gesot, do hu mer Inconnuen. Mä ech denken, dee Bevölkerungszouwuess wäert ganz rapid kommen. Wat dat alles bedeit fir eis kommunal Situatioun vun de Finanzen, vun de Ressourcen humaines, vun de Schoulen, vun anere Saachen, vun den Ufuerderungen un d'effentlech Instanzen, dat ass nach net evaluéiert. Dovu misst een och e Plan pluriannuel an allen Domänen opstellen, no deem PAG hei, fir ze kucken, wou mer an zéng Joer wëlle landen.

Einfach e Gedanken: Dee kleng Sëtzungssall wäert fir 27 Conseillere herno net méi duergoen. Also musse mer do och scho plangen, fir méi grouss ze denken.

Frenz Schwachtgen entend relever le défi.

Il remercie M. Liesch pour son exposé clair et M. Muller qui lui laisse commenter l'EES. Il souhaite cependant revenir sur d'autres points avant.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que M. Schwachtgen et M. Muller collaborent étroitement.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

répond que l'EES lui tient à cœur. Un nouveau PAG signifie une nouvelle philosophie: la prise de conscience de la façon dont il faut interagir avec la planète. Frenz Schwachtgen mentionne le climat, la biodiversité, la disparition des espèces, l'énergie, les déchets... Tous ces éléments doivent faire partie du PAG et du PAP Quartiers existants. Il faut aussi se rendre compte que Differdange atteint ses limites quant à la population, la mobilité et la consommation. Pour les écologistes, le PAG est un instrument pour regarder l'avenir et éviter les erreurs. Il ne faudrait pas que les générations futures se plaignent du manque de parcs, d'étangs, d'oiseaux, de plantes...

Le PAG est un instrument servant à améliorer la qualité de vie. La responsabilité du conseil communal est donc forte.

Pour Frenz Schwachtgen, le nouveau PAG tient compte des critères qu'il a énoncés. Il espère que le plan d'aménagement sera appliqué tel quel au cours des 6 à 12 années à venir.

La réalisation de l'EES a pris dix ans. L'EES comprend 80 dossiers. Pour ce qui est de la démographie, la situation ne doit pas être évaluée sur un rythme de cinq ou dix ans, car les mouvements sont trop nombreux. Il faut l'analyser tous les deux ans. Actuellement, Differdange compte 27 000 habitants, mais le saut vers 35 000 habitants sera rapide. Compte tenu des PAP déjà approuvés ou en cours de planification, Frenz Schwachtgen se demande si la commune ne devrait pas intervenir. Il reste des inconnues, mais la population devrait croître rapidement. Il faut évaluer les besoins en ressources humaines, en écoles, etc. C'est pourquoi un

plan pluriannuel sur dix ans sera nécessaire une fois le PAG approuvé.

Frenz Schwachtgen ajoute que la salle des séances ne suffira pas pour accueillir 27 conseillers communaux. Il faut prévoir en grand.

Frenz Schwachtgen est d'avis que Differdange n'a pas besoin de nouveaux lotissements après ce PAG. Le renouvellement de la population devra se faire naturellement avec le décès des anciens faisant de la place aux jeunes. Les logements peuvent se moderniser sans forcément augmenter en nombre.

Comme l'a dit M. Liesch, Differdange est tout en haut pour ce qui est du Pacte logement.

M. Muller a mentionné l'aménagement des différents quartiers. Frenz Schwachtgen va revenir sur certains éléments dont il est satisfait et d'autres où il pense que des réclamations sont nécessaires.

Tout d'abord, il est content que les maisons unifamiliales restent protégées. La densité d'habitation reste basse.

M. Liesch a expliqué que des situations comme celle d'Ouschterbur ne seront plus possibles, car les îlots entre plusieurs rues sont désormais protégés. Le cas échéant, elles pourront servir de zones REC avec des parcs ou des aires de jeux. Des surfaces pour les écoles et les infrastructures sportives et culturelles doivent être réservées sur le peu de terrain à disposition.

Le concept de mobilité doit être clarifié. L'arrêt des CFL à Breitfeld devrait figurer dans le PAG même si le projet était réalisé avec Belvaux. Un débat devra avoir lieu au cours des prochaines années.

Les Woiwerwisen appartiennent presque entièrement à la commune. Il a longtemps été question d'y aménager un grand étang derrière l'école du Woiwer. Un grand chêne s'y trouve. Ces éléments ne sont pas répertoriés dans le PAG et ne figurent pas non plus dans l'EES. Mais l'EES ne mentionne aucun arbre remarquable dans un des dossiers. Un second dossier parle de deux ou trois arbres. Frenz Schwachtgen rappelle que lui-même, mais aussi des associations ont dressé des listes d'arbres à protéger. À travers une réclamation

Ech denken och, perséinlech – oberschonn dass ech dann net méi derbäi sinn –, no dësem PAG brauche mer keng nei Lotissementer méi. Et muss einfach duergoen, a mer mussen bremsen.

No dësem PAG-Zäitraum muss d'Erneuerung vun der Populatioun eben op dem normale Wee vun den Departen, dat heescht och leider vun den Decèsen, kommen. Wou déi Al ebe Plaz maachen, fir de Wunnraum vun deene Jonke fräizemaachen. De Wunnraum kann also an enger gewësser Period deesewechte bleiwen, e ka sech awer nach verbessern a soll moderniséiert ginn.

National gesinn, den Här Liesch hat et ugeschwat, si mir am Pacte Logement eng vun de Spëtzegemengen, wat den Zouwuess ubelaangt. An domadder sollte mer et och si loosse.

Zu der Gestaltung vun deene verschiddene Quartieren huet den Här Muller schonn e puer Wuert gesot. Ech wëll mech deem uschlëssen. Ech mengen, dat wäert och e bësse queesch duerch all Interventiounen hei kommen. Wat eben dat individuell Wunnen ubelaangt, kollektiv, ëffentlechen Notzen, ekonomesch Aktivitéiten an natierlech d'Natur an a ronderëm eis Quartieren.

Ech wëll e puer erfreetlech Saache soen an och Saachen, wou Reklamatiounen ubruecht sinn an deenen nächste véier Wochen. Wou am Fong vläicht nach kéint nogebessert ginn op verschiddene Plazen. Wat total erfreetlech ass: Eis Eefamilljenhaiser bleiwe geschützt. Déi nei Wunddensitéite bleiwen iwwerweid niddreg. Den Terrainverbrauch gëtt also ageschränkt. Ech mengen, dat ass ee vun de ganz wichtegen Punkten.

Dann ee Punkt, wat den Här Liesch gesot huet: En Ouschterbur wäert an Zukunft net méi méiglech sinn. Dat heescht, eis gréng Inseln tëschen dräi, véier Stroossen, déi bleiwe bestoen. Déi laang Gäert bleiwe bestoen. Mer kënnen se natierlech anerwäerteg an enger Zon REC nach notzen, wann et néideg ass. Do kënnen da Spillplazen oder parkähnlech Situatiounen entstoen, wann d'Leit hir grouss Gäert net méi brauchen oder net méi wëllen. Do kann ee sech also aner Saache virstellen.

Mir hunn och gesi fir ëffentlech Strukturen oder Schoulen, Sport, Kultur – déi Plaze ginn a mussen reservéiert bleiwen op deem wéinegen Territoire, op deem wéinege Foncier, wat mer iwwerhaapt nach hunn.

D'Mobilitéitskonzept misst iwwerall ganz kloer opgefouert ginn. Den Här Muller hat do eng Remark gemaach, ech fannen dat och ganz wichteg.

Den CFL-Arrêt Breitfeld, deen emol ugeduecht war – quitte, dass mer dat mengen ech mat Bieles deelen, déi eng Säit an déi aner Säit vun der Bunn – do misst een onbedéngt an engem PAG dorunner denken, dass vläicht an deenen nächste Joren esou eng Debatt kéint opkommen, dass mer deen Espace dann net anerwäerteg geplangt hunn.

E Wuert zu de Woiwerwisen: Déi riseg Fläch, déi do ass, déi jo, wéi ech elo héieren hunn, quasi ganz a Gemengehand ass, do war ëmmer e gréissere Weier hannert der Woiwer Schoul, elo dann nieft dem Liichtathletiksterrain respektiv nieft dem Fleegeheim ugeduecht. Et war ëmmer am Kapp an an de Gedanken. Do hu mer och e ganz remarkabele Bam stoen, eng Eech, matzen an der Wiss. Déi Saache sinn an dësem PAG elo nach net esou repertoriéiert an och net an den SUPe festgehalten.

Et ass och esou, dass d'SUPen u sech keng remarkabel Beem repertoriéiert hunn, de Moment, an der Gemeng. An deem engen Dossier gëtt am Fong vun null Beem geschwat, an engem aneren Dossier vun zwee bis dräi Beem.

Ech selwer an och déi Leit vun den Naturschutzvereenegungen hunn awer Dossier opgeschafft, wou nach e ganze Koup där Beem repertoriéiert sinn. Déi mer vläicht en annexe, iwwer eng gutt formuléiert Reklamatioun, kéinten an esou Dossier nach aféiere loosse. Well wa se herno eréischt „entdeckt“ ginn, wann deen éischte PAP kënnt, dann ass et meeschtens ze spët.

D'ArcelorMittal-Gebitt ass mat am Viséur. Dat fannen ech ganz flott. Engersäits ganz positiv duerch déi nei Urbanisatiounsméiglechkeeten am Beräich vun der Entrée de ville. Awer och, wa mer d'SUP-Loftqualitéit, d'SUP-Bue-

demqualitéit zum Deel kucken. Awer och mat de Problemer, déi effektiv nach vun deem risege Betrib ausginn. Wou natierlech Efforten am Gaange si gemaach ze ginn. Dat wëll ech net verheemlechen, well ech an esou engem Grupp mat dra sinn, wou mer eis ëmmer mat den ARBEDs-Direktiounen treffen. Wou, loosse mer soen, Efforte gemaach ginn, fir an déi Richtung ze schaffen.

Flott wier et, wann déi Zon innerhalb vun deem risege Gebitt an eng Zone verte kéint ëmgeplangt ginn. Zum Beispill duerch d'Erhale vun deene grouse Killweieren, déi nach op Nidderkuerer Säit an deem Gebitt sinn.

Wat eis nach ëmmer Suerge mécht ass déi Zon, déi net definéiert ass, vläicht och nach net definéierbar ass. Dat ass do, wou am Moment déi Decharge industrielle fonctionnéiert. Wéi dat do weidergeet. Dat sinn elo Saachen, déi vläicht net an engem PAG onbedéngt kloer anzedroe sinn.

Festgestallt ass jo scho ginn, de Bauperimeter gëtt net erweidert. Also null Ar weidere Bauperimeter. Dat ass dat, wat mer eis gewënscht hunn. D'Natur réckelt méi no un d'Stad erun duerch d'Reklasséierung vu verschiddenen Terrainen.

Zur SUP-Prozedur wollt ech feststellen, dass eis Stadgestaltung innerhalb vun der Stad souwéi ausserhalb doduerch eng nei Dimensioun an eng nei Qualitéit kritt.

Wann ech d'SUP, wou den Här Liesch elo net esou drop agaangen ass, kuerz erklären – mir schwätzen ëmmer mat Ofkierzungen: Et ass am Fong eng Ëmweltprüfung.

Also mer kucken éischtens emol, wat fir Wierkungen, dass beträff sinn. Éischtens emol de Mënsch an d'Gesondheet. D'Gesondheet vum Mënsch ass eng alleréischte Prioritéit. Et gëtt dacks gesot, et ass just d'Natur. Dir denkt just un d'Natur. Mä hei ass de Mënsch deen éischte Facteur, dee gekuckt soll ginn.

Dann d'Flora an d'Fauna an eisem Gebitt, ganz no un der Zone verte do uewen. De Buedem, mat senger Landschaft. D'Waasser, d'Waasserqualitéit. Mir hunn e Contrat de rivière ënner-

schriwwen, virun engem Mount ongeféier, mat deenen aneren Nopeschgemengen. Dee soll och ausgebreet ginn an d'Nopeschland Frankräich an an d'Belsch, wou eist Waasser schliisslech hilleeft. D'Loft an de Klima. An natierlech all eise kulturelle Schatz, dee mer ronderëm hunn, ob Natur, Kultur, Dagebauebidder, Industriekultur oder Archeologie an esou virun.

Dat sinn all déi Elementer, déi als éischt an enger Ëmweltprüfung gekuckt ginn oder wou emol festgestallt gëtt, wou se dru sinn. Déi Ëmweltprüfung kuckt natierlech och den Zoustand, zeechent Geforen op a gesäit Schutzmoossname vir, wann déi Valeuren a Gefor kéimen.

An drëttens: D'Ëmweltprüfung leet fest, wat fir Moossname musse geholl ginn. Déi éischt Moossnam – an dat wëll ech ganz haart betounen, och hei um Dësch –, déi éischt Moossnam ass d'Vemeidung, fir iwwerhaupt un déi Valeuren erunzuegoen.

Dat ass leider dacks bei eis ee vun de leschte Gedanken. Meeschtens gëtt geplangt an dann herno gëtt gekuckt, ups, elo hu mer eppes awer do nach dran, wéi kënne mer dat dann elo evitéieren? A meeschtens ass et dann ze spéit, fir eng Vermeidung unzestriewen.

Vermeidung bedeit, an zweeter Instanz, eng Reduzéierung vun den Impakter. En Ausgläich ze schafen ass scho schwéier. Éinescht ass et gesot ginn, den Extremfall ass den Ersatz, wa méiglech an der Gemeng. Mä dat ass meeschtens dann och net méi méiglech. De véierte Punkt, den Extremfall, wëilt ech ausschléissen an alle Mesuren, déi mer an Zukunft am Kader vum PAG huelen.

An der SUP sinn 98 Flächen hei an der Gemeng analyséiert ginn an dovunner 28 méi déif. Wat e formidabelen Inventaire duerstellt an eis eng Bestandsopnam an en Aarbechtsdokument gëtt fir déi nächst Joren.

Immens wichteg bleift ze soen, dass mer musse Kraaft opbréngen, fir déi Fläche weider ze beobachten duerch e Monitoring. A wa Mesurë geholl ginn, dass déi och wierklech iwwerpréift ginn an ofgeséichert ginn. Nëmme da bleift eise PAG, deen eng ganz ëmweltverdréiglech Nues huet, dat wat en haut ass. Wéi gesot um Pabeier. Mä d'Exeku-

formulée comme il faut, cette liste pourrait être intégrée en annexe au dossier. Car si les arbres ne sont « découverts » que lors de la réalisation du PAP, il sera trop tard.

En ce qui concerne les terrains d'ArcelorMittal, Frenz Schwachtgen mentionne l'urbanisation de l'entrée en ville. Il souligne les efforts qu'a accomplis l'entreprise en matière de pollution. Il fait partie d'un groupe rencontrant régulièrement la direction de l'Arbed.

Il suggère de reclasser la zone en zone verte et de préserver les grands étangs de refroidissement du côté de Niederkorn.

Le conseiller communal s'inquiète du fait que la zone où se trouve la décharge industrielle n'ait pas été définie. Mais cette discussion n'a peut-être pas lieu d'être dans le cadre du PAG.

Le périmètre de construction n'a pas été élargi. Le reclassement de plusieurs terrains permet de réintégrer la nature au sein de la ville.

L'EES permet de donner une nouvelle dimension au développement urbain. L'EES constitue une étude écologique. Une des priorités est accordée à la santé des hommes. On parle constamment de la nature, mais ici, il est question des hommes.

L'EES traite aussi de la faune et la flore, du sol, de l'air, de l'eau... Frenz Schwachtgen rappelle que Differdange a signé un contrat de rivières avec les communes voisines. Il devrait être étendu à des communes françaises, belges et allemandes.

L'EES dresse un état des lieux de tous ces éléments, et évalue les dangers et les mesures à prendre le cas échéant. Pour Frenz Schwachtgen, la première mesure doit consister à respecter les valeurs prévues. Malheureusement, souvent, les mesures ne sont prises qu'après la planification d'un projet, lorsque la prévention n'est déjà plus possible.

En deuxième instance, il faut limiter l'impact des projets. Le cas échéant, il faut procéder à des compensations dans la commune. Malheureusement, cela n'est pas toujours possible non plus.

L'EES dresse une liste de 98 surfaces. Il s'agit d'un document de travail formidable pour les années

à venir. Ces terrains devront être surveillés. Si la prise de mesures s'avère nécessaire, celles-ci devront être évaluées. Frenz Schwachtgen répète qu'il ne suffit pas de rédiger un PAG écologique. Il faut veiller à ce qu'il soit exécuté comme prévu. Les écologistes sont d'accord pour lancer la procédure d'approbation. Frenz Schwachtgen remercie tous ceux qui ont œuvré à son élaboration.

Il profite de l'occasion pour lancer un appel. Les gens n'aiment pas réclamer. Mais dans ce cas-ci, il est légitime qu'une personne ou une association s'intéresse à ce qui se passe dans sa localité. Ces gens ne doivent pas hésiter à se faire aider pour rédiger leurs réclamations. Comme l'a dit M. Liesch, le PAG n'est pas une bible. Il pourra être modifié dans les années à venir.

Frenz Schwachtgen rappelle que les gens n'ont que trente jours pour réclamer.

(Interruption)

Frenz Schwachtgen admet que c'est le délai prévu par la loi. Mais il propose la mise en place d'une «hot-line» pour les réclamations. Luxembourg-ville a rendu publics les documents de manière exemplaire. Un employé communal pourrait s'en charger à l'Aalt Stadhaus. Il devrait être capable de fournir des informations de base même s'il n'est pas un expert en la matière.

FRANÇOIS MEISCH (DP) constate que depuis des années, la réalisation des nouveaux PAG des communes est constamment repoussée. Cette fois-ci, il devrait s'agir du dernier délai. La procédure est énorme. Les études et les évaluations écologiques prennent du temps. Désormais, les dossiers sont prêts et la procédure d'approbation peut être lancée.

Le PAG a une durée de vie de 6 ans, mais les réflexions portent sur 12 ans.

Le périmètre n'a pas été élargi à quelques régularisations près.

Les surfaces doivent être adaptées aux besoins de la population.

D'après le dossier, le potentiel de développement urbain est d'à peine 73 ha pour un territoire communal de 2222 ha. L'étude pose l'hypo-

tioun kennt jo duerno. Ech hoffen, dass dat och an déi Richtung geet.

Als Ofschloss wëll ech soen, mir als gréng si bereet, dëse PAG an déi ëffentlech Prüfung eranzeginn. An ech vergiessen net, deene Leit, déi dru geschafft hunn, villmools Merci ze soen. Eisen Appell oder de Gemengerotsappell soll elo un déi interesséiert Bierger goen.

D'Leit soen ëmmer, si reklaméieren net gär. Ech fannen, an dësem Fall ass et ganz legitim a ganz normal, dass all Bierger, Interessegrupp, Societët seet: Dat do geet eis eppes un. Ech interesséiere mech net fir Nidderkuer, wann ech zu Uewerkuer sinn, mä et geet mech eppes zu Uewerkuer un. An ech hiewe meng Hand a meng Stëmm an ech loosse mer souguer hëllefen, fir e klengen Text opzesetzen, fir „ze meckeren“ oder en Denkoustouss ze ginn. An et soll een de Leit och déi Hëllef ginn.

An d'selwecht wéi den Här Liesch sinn ech och der Meenung, dass an deenen nächste Joren de PAG keng Bibel sollt sinn, mä am Laf vun de Jore ka modifizéiert ginn.

Ech hunn nach en Appell un de Schäfte-rot. Mir hu jo elo, kann ee soen, nëmmen 30 Deeg Reklamatiounszäit. Et ass d'Gesetz, kloer, et ass kee Virwurf un de Schäfte-rot. Mä mer kënnen déi Saach natierlech allegéieren, wa Bierger oder Leit oder mir selwer während där Zäit op d'Präsenz vun de Beamte kënnen hoffen an zielen. Dass vläicht eng Hotline hei ass. Déi muss net onbedéngt bei den Architekten sinn, dass déi all Moment gestéiert ginn. Mä dass eng Hotline ageriicht gëtt, fir Reklamatiounen opzehuelen, fir eventuell e Rendez-vous ze maachen, fir et de Leit méi einfach ze maachen, eng Reklamatioun eranze-ginn.

D'Stater Gemeng hat virbildlech déi ganz Dokumenter oder déi ganz Pläng ëffentlech ausgestellt während där Zäit. Ech kéint mer dat virstellen am Ale Stadhaus. Wou eng initiéiert Persoun präsent wär – dat müssen net eis Topleit sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir hunn nëmmen Topleit, Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Jo, genau. Mä héich Beamten, déi mus-sen och nach aner Aarbechte maachen, dat weess ech. Mä ech mengen initiéiert Leit, déi kéinte Basisinformatiounen a Basiserklärungen op der Plaz selwer ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauscheren. An ech hoffen, dass mer um gudde Wee sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Schwachtgen. Den Här Meisch François, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, léif Zuschauer, léif Nolauschterer, säit Jore gëtt hei am Land den Dossier neie Plan d'Aménagement Général fir d'Gemengen ëmmer erëm erausgezögert. Dës Kéier soll et dann awer dee leschten Delai si fir d'Gemengen, wou nach keen neie PAG a Kraaft hunn. Den Opwand an d'Prozedur sinn enorm. Déi sëllegen Etüden, Ëmweltprüfungen an esou weider brauchen eben hir Zäit.

Déi riseg Dossiere sinn dann elo prett. An d'Saisine vum PAG steet hei zum Vott am Gemengerot.

De PAG soll fir déi nächst sechs Joren ausgeluecht sinn, an déi respektiv Reflektiounen wären op déi nächst zwoelf Jore gemaach ginn.

De Perimeter soll net erweidert ginn, ausser e puer Regularisatiounen. Drobber kommen ech nach zréck. De Wëlle wär, d'Unzuel vun den Terraine respektiv d'Surfacen un d'Entwécklung vun der Bevëlkerung unzepassen.

Laut dem Dossier, wann ech e richteg verstanen hunn, gëtt geschat, datt op eisem Gemengenterritoire vu ronn

2.222 Hektar ee Potentiel de développement urbain vu knapps 73 Hektar do wär, Quartiers existants an nouveaux Quartiers zesummen. Laut den Hypothese vun der Etüd – mat 2,57 Persounen pro Logement a Logement mat enger Surface brute moyenne vun 150 Quadratmeter – kéime mer dann op en Zouwuesspotential vu 7.000 Awunner. Dat wär eng Croissance vun e bëssi iwwer 26%. Ech huelen un, dat ass op sechs Joer.

ENG STËMM:

Méi.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Méi laang, okay. Duerch Regularisation komme 17,84 Hektar an de Perimeter bäi. Et sinn dat zum groussen Deel bestoend Situatiounen, déi elo quasi konform gemaach ginn. Ech denken un, mir hunn et héieren, d'Schéiss-terrainen, e puer Gaardenanlagen – Gaart an Heem –, verschidden isoléiert Haiser, Hondsterrain, Boule-Terrain an esou weider. Dat ass sécherlech begrëssenswäert.

Reduktiounen gi gemaach vun insgesamt 91,22 Hektar. Verschiddenes ass ze verstoen. Beispillsweis gemengeniwwergräifend Terrainen, déi dann elo op zwou Säiten d'selwecht klasséiert ginn oder sinn. Eng Partie Servituden sinn erklärbar, wou e Korridor geschaaft gëtt, fir dass d'Fauna sech innerhalb vun den Uertschafte besser bewege kann. Oder sougenannten Zones tampons als Puffer tëscht der Urbanisation an der Gréngzon. Oder och nach schützenswäert Biotopen. Dat läit op der Hand.

Positiv erwänt woullt mer d'Ëmklasséierung vum Site Thilleberg a virun allem d'Ëmklasséierung vun deem ganzen Areal mat a ronderëm déi monumental Gaszentral.

Et wäert kee wonneren, dass ech et zolidd bedauern, dass déi Ëmklasséierung vun der Gaszentral net haut virun zwou Wochen am Kader vun der Modification ponctuelle vum PAG um Site „Differdinger Hüttenwerke“ geschitt ass. Et ass ze erwaarden, dass doduerch vill Zäit an der Prozedur hätt kéinte ge-

spuert ginn hisiichtlech dem Projet vum groussen Luxembourg Science Center.

Ewéi scho virun enger Zäit op dëser Plaz gesot gouf, begrësst d'Demokratesch Partei d'Initiativ, fir gewëssen erhalenswäert Gebaier an eiser Gemeng ze schützen, sief dat als Ganz oder just d'Fassad.

Den Dossier geet jo schonn op d'Joer 2009 zrëck. Den 21. Juni 2017 gouf vum Gemengerot d'Prozedur lancéiert, fir eng 1.200 Elementer ze schützen. Dat Joer drop, de 24. Januar, gouf eng Servitude op 400 zousätzlech Objete geluecht, bis deen neie PAG da sollt do sinn. Do wär et, wéi den Här Muller sot, interessant, dee genauen Detail ze kréien, wat dann elo an deem Dossier definitiv dran ass.

Et ass wichteg, säi Patrimoine ze schützen. Awer et soll ee sech op dat beschränken, wat schützenswäert an erhalenswäert ass. Mat verschiddenen Inhalter vun deem, wat virgesinn ass, kënnen mir absolutt averstane sinn. Mä plazeweis geet et eis ze wäit.

Eng méi differenzéiert Virgoensweis wär fir eis ubruecht. Eng Protektioun vun erhalenswäerter Substanz ass okay, awer eng Upassung un d'Zäit muss méiglech bleiwen. A wéi enge Quartieren ass wat méiglech oder néideg, dass ee sech och weiderhi ka Méiglechkeete ginn, fir sech modern ze entwéckelen?

An deem Kader beonrouegt eis weiderhin de Cumul vun deenen zwou Mesuren, engersäits de Verbuet, fir Eefamilljenhaiser ofzerappen an duerch Méifamilljenhaiser ze ersetzen. An anerersäits de Schutz vun de Fassaden an/oder de ganzen Haiser.

Zesummen erlaben dës Mesuren op ville Plazen net méi, datt déi sech moderniséieren. An der Zomm ass dat extrem restriktiv an anengend. A wann doduerch Investitiounen ausbleiwen, dann ass dat net am Sënn vun enger energiespuerender Stad, wa vereelzte Bausubstanz stoebleift an en alen Energiestandard bäibehale gëtt.

Als Beispill denken ech un d'rue Dicks-Lentz, haaptsächlech deisäit zum Parc de la Chiens, déi jo net onbedéngt attraktiv ass. Mir riskéieren, dass an deem Quartier, deen da vun deenen

thèse suivante: avec 2,57 personnes par logement d'une surface brute de 150 m², le potentiel d'accroissement de la population est de 7000 unités. Cela représente 26 % sur les six prochaines années.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

signale qu'il s'agit de plus de six ans.

FRANÇOIS MEISCH (DP) ajoute que les régularisations entraînent un accroissement du périmètre de 17,84 ha. Ces régularisations concernent le stand de tir, des jardins, quelques maisons isolées...

Les réductions se montent à 91,22 ha. Il s'agit de terrains se trouvant à cheval sur deux communes, des servitudes, des zones tampons...

François Meisch salue le reclassement du site Thillenbergt ainsi que du terrain autour de la centrale à gaz. Il regrette que ce reclassement n'ait pas été réalisé il y a deux semaines lors de la modification ponctuelle du PAG portant sur les «Differdinger Hüttenwerke». Il suppose que du temps précieux a été perdu.

Les démocrates saluent la protection de certaines bâtisses. Ce dossier remonte à 2009. Le 21 juin 2017, la procédure pour protéger 1200 éléments a été lancée. Le 24 janvier 2018, 400 objets ont été ajoutés. Comme l'a dit M. Muller, les conseillers communaux devraient recevoir une liste à jour.

Pour François Meisch, il est important de préserver le patrimoine, mais il faut se limiter à ce qui mérite de l'être. Dans le cas de Differdange, les mesures vont trop loin. Les modernisations doivent rester possibles dans les différents quartiers. Les démocrates s'inquiètent surtout de l'accumulation des mesures comme la protection des maisons unifamiliales et la préservation de façades et de maisons. La marge de manœuvre pour des modernisations est fortement restreinte. Et si les gens décident de ne plus investir, ce ne sera pas une bonne nouvelle pour une ville voulant faire des économies d'énergie. François Meisch mentionne la rue Dicks-Lentz jouxtant le parc de la Chiens. Ce quartier est un de ceux

où l'accumulation de deux mesures risque de freiner les investissements malgré l'adaptation des subsides. La même remarque vaut pour la rue de Hussigny, où il ne sera plus possible de construire des résidences. Pour François Meisch, cela n'a aucun sens.

Les démocrates s'inquiètent aussi concernant le logement abordable et le développement économique.

Il est clair que les conseillers communaux ne peuvent pas être d'accord concernant chaque maison. Il en va de même des experts, des historiens et des architectes. Les démocrates ne sont d'ailleurs pas contraires à la protection du patrimoine, mais ils auraient agi de manière plus différenciée. C'est pourquoi le DP n'approuvera pas les documents présentés.

François Meisch profite de l'occasion pour remercier M. Liesch, les services communaux et les bureaux.

JERRY HARTUNG (CSV) constate que le PAG est un document important pour le développement de la ville. La nature doit conserver sa place.

Ces sujets ont été abordés pendant la campagne électorale. Le CSV s'est déclaré favorable à une croissance maîtrisée sans élargissement du périmètre de construction. Le PAG présenté par M. Liesch aujourd'hui tient compte de ces principes.

Dorénavant, la commune ne sera plus forcée d'autoriser des constructions à des endroits où elle ne veut pas. Le territoire communal est subdivisé en zones et chaque endroit à une affectation précise. Les chrétiens sociaux remercient le personnel communal et les bureaux.

À l'intérieur du périmètre de construction, les poumons verts de la ville ont été protégés. Il est important de préserver la qualité de vie des habitants. Il y a notamment les zones de récréation, des places et des espaces verts accessibles à tous.

Il existe aussi les zones de jardin. Auparavant, ces zones se limitaient aux surfaces gérées par des associations comme Gaart an Heem. Dorénavant, les jardins privés ont font aussi partie. Cela empêchera de

zwou Mesuré betraff wäert sinn, net méi genuch investéiert gëtt. An et wier sécherlech net deen eenzegen. Dat trotz vermeintlech adaptéierte Subsiden.

Am selwechte Kontext denken ech un d'Héisenger Strooss. Do därefen elo, wann dat hei a Kraaft ass, keng Méifamilljenhaiser méi entstoën. Ech war mer dat Ganzt eng Kéier ukucken, also haaptsächlech déi lénks Säit, wann een de Bierg eropfiert. Fir eis ass dat onverständlech.

Vill Gedanken an deem Kontext hu mer eis och gemaach betreffend bezuelbare Wunnraum, fir Wunnen a Schaffe méi no beieneen ze bréngen, an den Développement économique – mat deem dach héije Chômage an eiser Gemeng am A.

Datt ee sech sécher net kann iwwer all eenzelt Haus op der Lëscht eens ginn an datt d'Meenunge vun Experten, Historiker, Architekten, Gemeengeverantwortechechen an esou weider ausernee ginn, ass normal. Dëst gesot, widderhuelen ech, datt d'DP-Fraktioun am Prinzip net dergéint ass, eisen erhalenswäerte Patrimoine ze schützen. Dass mir awer vill méi nuancéiert virgaange wäeren. Virun allem mat Bléck op eng modern an nohaltege Stadentwécklung.

Aus deene Grënn hätte mir dësen Exercice e bëssen anescht gemaach a kënnen déi virleidend Dokumenter net matdroen.

Schlussendlech profitéieren ech vun der Geleeënheet, fir all de Leit Merci ze soen. Merci dem Här Liesch fir seng Presentatioun. Merci all de Servicier, déi eng ganz grouss Aarbecht geleescht hunn. Merci de Büroen an esou weider, fir deen dach komplexen an zäitopwännegen Dossier opzestellen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Meisch. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, mam PAG

stëmme mer haut e wichtegt Dokument fir d'Gemeng Déifferdeng – wéi d'Bebauung an d'Entwécklung vun eiser Stad an Zukunft soll ausgesinn an natierlech och, wou d'Natur hir Plaz behält. Dëst ass e wichtegt Thema, wat am Wahlkampf vill thematiséiert gouf.

D'CSV Déifferdeng huet sech hei kloer fir méi e gereegelte Wuesstum ausgeschwat. Datt de Bauperimeter net erweidert gëtt an datt tëscht zwou bewunnte Stroosse keng nei Quartieren an de Gäert vun de Bewunner méi därefen entstoën. Wat den Här Liesch eis haut virgestallt huet, wou laang dru geschafft gouf, dat entsprécht dëse Richtlinien.

Hate mer an der Vergaangenheet d'Situatioun, datt mer hu musse Baugeneemungen op Plaze guttheeschen, wou dës net erwünscht waren, sou ass dëst elo mat dësem neie PAG eriwwer. Doriwwer si mer immens frou.

Zimlech detailléiert an eendeiteg ass elo dee ganzen Territoire vun der Gemeng Déifferdeng an Zonen agedeele. Ee Mosaik souzesoen, deen all de Plazen hir Affektatioun genee ausweist.

Als Vertrieeder vun der CSV wëlle mir deem ganze Personal vun eise Gemeengeservicer an de Büroen, déi heirunner geschafft hunn, Merci soe fir dës laangwierig a pertinent Aarbecht.

Innerhalb dem Bauperimeter goufe vill verschidde Gäert, Natur- oder Erhuelungsflächen, souzesoen déi gréng Long an eiser Stad, méi kloer festgehalen an duerch zwou Zonen-Nomenclatur geschützt. An och zum Bestoende sënnvoll ausgeweit. Dëst ass wichteg an enger Stad, fir d'Liewensqualitéit vun all eise Bewunner héichzehalen.

Déi éischt ass d'Zone de récréation: Plazen am Gréngs, déi fir d'Allgemengeheet accessibel solle sinn. Wéi zum Beispill all eis Parken oder Lokalitéite vu Veräiner am Gréngs an esou weider.

Déi zweet ass d'Zone de jardins. Am ale PAG hu sech dës Klenggäertnergebieder an der Haaptsaach op d'Fläch vun eise lokale Gaart-an-Heem-Veräiner beschränkt. Am Neie sinn do awer och Privatgäert innerhalb oder ugrënzend u bestoend Wunngebieder dran.

Dëst soll virun allem verhënneren, datt nei Quartieren op kleng Plazen tëscht zwou bestoende Stroossen entstinn an esou d'Awunner eng Cité an hire Gaart géife kréien. D'Beispill Ouschterbur zu Uewerkuer ass scho genannt ginn. An esou eng Verdichtung vun der Bevëlkerung op enger Plaz entsteet, wou se zu dësem Moment net néideg oder souguer iwwerlaaschtend wär.

D'Bevëlkerungsdicht soll vum Zentrum no baussen offlaachen. Géifen ze vill Plaze bebaut kënne ginn, sou wier de Risiko, datt méi Leit sech duerch de Wunnpräis an der Peripherie géifen néierloossen an op den zentrale Plaze vermäert Wunnengen eidel géife stoen. Wat en ongesond Ongläichgewicht géif schafen a sech negativ op d'Entwécklung vun der Gemeng an der Liewensqualitéit vun eise Bewunner géif auswirken.

De PAG weist, wéi d'Stad sech an deenen nächste Jore soll weiterentwéckelen. Wunnraum muss geschaaft ginn, fir der steigender Nofro Rechnung ze droen a fir ze vermeiden, datt d'Wunnungspräisser weider explodéieren.

An de leschte Joren ass d'Unzuel steteg bis elo op bal 27.000 Awunner geklommen. Dëst wäert och esou weidergoen, wéi mer éinescht an der Statistik gesinn hunn, mat den deementspriechende Bauungen. Den Här Tempels wäert spéider fir eis méi op dës konkret Plazen, wou d'Verdichtung vun der Stad virgesinn ass, eise geschützte Patrimoine architectural souwéi d'Etüden zu den Auswierkungen op Mënsch, Déier an Natur goen.

De PAG ass folglech e wichtegt Instrument, fir e gesteierte Wuesstum ze hunn. Wou am Virfeld déi néideg Mesurë geholl an een net méi spët muss feststellen, elo ass alles zougebaut a mir kréie keng Infrastrukture méi dohinner.

Begrësse maache mer, datt d'Thema Mobilitéit am Virfeld beduecht ginn ass. Souwuel an de bestoende Véierel, awer virun allem an de Quartieren, déi sollen entstoen, sinn d'Plaze fir d'Accèsen definéiert. Natierlech mam néidege Spillraum, e puer Meter no riets oder no lénks, fir den zukünftigen Architektépläng déi néideg Flexibilitéit ze loos- sen.

Schoulen, Betreiungs- a Sportsinfrastrukturen souwéi all aner ëffentlech Institutioune stinn och hei dran. Vun deem, wat ass, a vun deem, wat komme wäert. Elo wësse mer besser, wou d'Populatioun wuesse wäert a wou net, fir dës Infrastrukture matzäiten ze bauen. Doru si mer schonn am Gaang massiv ze baue respektiv ze plangen.

Vill Richtlinne vum PAG, sou wéi mer en haut hei virleien hunn, sinn d'Resultat vun enger gudder Viraarbecht aus de leschten zéng Joren an doriwwer eraus. Par rapport zum leschte PAG sinn an dësem Dokument zwar vill Nei- erungen, awer wann een d'Decisiounen vum Gemengerot aus de vergaangene Jore betruecht, net vill Iwwerraschen- des. Oder besser gesot: Mer bleiwen eis- ser Linn trei.

Ech denken do zum Beispill un d'Deci- sioun, de Rattem ze schützen, deen elo hei aus dem Bauperimeter definitiv er- ausgeholl soll ginn. Och Plazen inner- halb der Stad, déi als Zone verte ëm- klasséiert ginn, an der Haaptsaach Bio- topen, Weieren op de Fläche vun der ArcelorMittal. Wat och e Wunsch vun eis war.

Par contre gouf de Bauperimeter just op punktuellen, präzise Plazen erwei- dert, wou bestoend Konstruktione verbonnen oder reguläriséiert goufen. An dann nach mat zimlech restriktiven Oploen. An der Regel mat der Iddi, fir un dës bestoende Konstruktione méiglech Verbesserungsarbechte kë- nen ze maachen. Eleng mat de konkrete Beispiller vum Hondsterrain, de Schéissstänn oder dem Thillebiërg ver- steet een am beschten, firwat dëst néi- deg war.

Eng weider grouss Moosnam an de leschte Jore vun der Gemeng war d'Schütze vun den Eefamilljenhaiser, an der Haaptsaach an den Niewestroos- sen. Fir datt d'Eefamilljenhaiser net lues a lues duerch riseg Appartements- haiser ersat ginn. Dës Servituden, an och e puer nei Deeler, fléissen am PAG als Zone d'habitation 1 an am PAP QE als Quartiers d'habitation unifamiliale an. Dat heescht, datt an dës Stroossen zukünfteg just Eefamilljenhaiser däerfe gebaut ginn.

Mam Logement intégré ass hei elo awer eng gewëssen Ouverture gemaach ginn,

construire des quartiers entre deux rues. Jerry Hartung cite à son tour l'exemple d'Ouschterbur à Oberkorn.

Pour ce qui est de la population, la construction de trop de logements en périphérie risquerait de vider les centres des localités en raison des prix. Cela aurait des répercussions négatives sur la qualité de vie.

Le PAG montre comment la ville va se développer dans les années à venir. Il faut de nouveaux loge- ments pour empêcher une explo- sion des prix.

Le nombre d'habitants a atteint près de 27000 unités. Cette crois- sance va se poursuivre. M. Tempels reviendra sur les sites où la densité est destinée à augmenter, sur la pro- tection du patrimoine et sur les conséquences pour l'homme, les animaux et la nature.

Le PAG constitue un instrument important pour maîtriser la crois- sance avant qu'il ne soit trop tard. Jerry Hartung salue les réflexions sur la mobilité. Les accès aux quar- tiers à construire ont été définis avec la flexibilité nécessaire pour les architectes.

Le PAG dresse aussi une liste des écoles, maisons relais, infrastruc- tures sportives et institutions pu- bliques.

Le document est le fruit d'un long travail préliminaire commencé il y a plus de dix ans. Il contient de nombreuses nouveautés, mais pas vraiment de surprises. Le collège échevinal reste fidèle à sa ligne de conduite en retirant le Rattem du périmètre de construction ou en re- classant certains sites en zones vertes à l'intérieur des villes.

Le périmètre de construction a été étendu uniquement pour réguli- ser certaines constructions. Des ex- emples comme le terrain d'entra- inement pour chiens, le stand de tir et le Thillenbiërg illustrent les rai- sons de cette décision.

Au cours des dernières années, les maisons unifamiliales ont été pro- tégées dans les rues secondaires. Ces servitudes sont intégrées dans le nouveau PAG en tant que zones d'habitation 1 et dans le PAP QE en tant que quartiers d'habitations unifamiliales. Il reste cependant possible pour un propriétaire esti- mant que sa maison est trop grande

d'en transformer une partie en appartement à louer. Cet appartement ne pourra cependant pas être vendu et les maisons ne seront ainsi pas morcelées. C'est ce qu'on appelle le logement intégré, un terme qui devrait être défini plus précisément. Combien de locations sont-elles possibles dans une maison? Concerne-t-il uniquement les étudiants? S'agit-il d'un appartement normal? Quelles sont les répercussions sur la déclaration d'impôts et les taxes? Si les réponses existent, il faudrait les publier.

Les résidences peuvent être construites dans les zones d'habitation 2 — généralement des voies d'accès et des zones mixtes avec commerces. L'accent a été mis sur l'harmonisation. En d'autres termes, la hauteur et la profondeur des bâtiments seront les mêmes qu'il s'agisse d'une maison ou d'une résidence.

M. Liesch a mentionné aussi d'autres zones, des couloirs et des espaces réservés.

Il reste à ajouter que le bâti conforme aux anciens règlements ne devra pas être réaménagé.

Jerry Hartung annonce que le CSV approuvera le document. Bien entendu, des réclamations seront déposées. Il faudra les prendre au sérieux. Le conseiller communal espère que de nombreux citoyens assisteront à la réunion d'information publique de mercredi prochain. Ils y recevront des réponses concrètes à leurs questions.

ALI RUCKERT (KPL) annonce dès le départ qu'il approuvera le lancement de la procédure d'approbation des textes. Mais cela ne signifie pas que les communistes voteront oui en automne. En effet, ils ne disposent des textes et des plans que depuis cinq jours, dont un week-end. Il ne leur a donc pas été possible de se plonger dans les détails. Ils profiteront de la période de réclamation de trente jours pour s'informer.

Certes, toute une série d'éléments ne sont pas nouveaux et ont déjà été soumis au vote du conseil communal. Mais Ali Ruckert ne trouve pas normal qu'un parti d'opposition ne dispose que d'aussi peu de temps pour prendre une décision définitive. Cela donne une image

fir wann dem Besëtzer d'Haus ze grouss gëtt, zum Beispill wann d'Kanner ausgezu sinn. Fir dann een Deel an en Appartement ëmzewandelen an ze verlounen. En Deel verkafe geet net.

Dëse Modell vun enger Wunnunitéit huet de Virdeel, datt eng Zerstückelung vun den Haiser evitéiert gëtt an esou éischtens d'Morphologie vun den Eefamilljenhaiser an zweetens eng gewëssen Unzuel un Haiser zu Déifferdeng erhalte bleift fir zukünfteg Generatiounen.

An dësem Kader wier et gutt, wann den Term vu Logement intégré, deem ënner anerem vum Staat virgi gëtt, ganz kloer juristisch géif präziséiert ginn. Fir einfach konkret Froen ze beäntweren, wéi zum Beispill: Wéi vill Sous-Locationne kënnen an engem Haus sinn? Wéi ass et mat der Adress fir sech unzemellen? Ass et just fir Studenten? Ass et en normaalt Appartement?

Wat erëm Repercussiounen op d'Steiererklärungen, d'Facturatione vun den Taxen, och hisichtlech den Allocatiounen an dem Revis huet. Einfach fir hei méi Rechtssécherheet ze kréien. Respektiv wann dëst scho kloer definéiert ass, wier et gutt, dëst méi kloer ze publizéieren.

Ech hunn elo vill iwwert d'Zone d'habitation 1 geschwat. Weiderhin hu mer natierlech och Plazen, wou Residenze kënnen gebaut ginn, souzesoen d'Zone d'habitation 2. Am Prinzip an den Zougängerstroossen an an de Zones mixtes, wou an der Haaptsaach och de Commerce soll weider funktionnéieren. Am Prinzip op den zentrale Plazen a verschiddene Quartieren.

Bei all dësen Zone gouf vill wäert op d'Harmoniséierung geluecht. Egal ob Haus oder Residenz, gëllen an dësem neie PAP elo déiselwecht limitéiert Héichten an Déifte fir béid. Soudatt bei neie Bauten alles an deeneselwechte Linne soll bleiwen. Wat erëm fir d'Liewensqualitéit vun de Bewunner aus den Haiser schwätzt. An all dësen Zone gëtt et, jee no Lag, weider Ënnerdeelungen, zum Beispill, wéi vill Stäck erlaabt sinn an esou weider.

An et gëtt nach vill weider Zonen, Couloiren an Espace-réservéen, wéi den Här Liesch virdru ganz präzis erkläert huet.

Wichtig ze ënnersträichen ass: Dat, wat bis dato no ale Reglementer konform steet, kann natierlech stoe bleiwen. A muss net ee Stack zrëckgebaut ginn, wéi virdrun ugedeit.

Dat Wichtigst hunn ech erausgepickt, fir ze ënnersträichen, firwat mir als CSV dëst Dokument matstëmmen.

Et ass e vaste Projet, deem elo an d'Prozedur geet. Natierlech wäerte Reklamatiounen kommen, déi wuel berechtigt sinn, déi ee muss eescht huelen a genee analyséieren.

Et kéint een nach viles soen, mä op der Informatiounsversammlung fir all d'Bierger vum kommende Mëttwoch, wou ech hoffen, datt vill interesséiert Leit kommen, wäerten hir Umierkungen a konkret Froen zur geplangter Entwécklung vun Déifferdeng oder zu hirer perséinlecher Situatioun da kënnen weider gekläert ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Hartung. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt am Ufank soen, dass ech als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei derfir stëmmen wäert, dass déi Texter, déi mer hei virleien hunn, an d'Prozedur ginn.

Dat hält awer net de Vott ewech, deem am Hierscht geholl gëtt, wann et méi an d'Detailer geet. Firwat soen ech dat? Well déi sämtlech Texter a Pläng der Sektoun vun der Kommunistescher Partei zënter fënnf Deeg virleien, dorënner e Weekend. Innerhalb vun deene fënnf Deeg hate mer als Oppositiounspartei net d'Méiglechkeet, eis an allen Detailer domat ze befaassen. Déi Zäit ass einfach ze kuerz. Mer wäerten déi 30 Deeg Reklamatiounszäit notzen, fir eis méi eingehend domat ze befaassen.

Dat gesot, gëtt et natierlech eng ganz Rei Elementer, déi net nei sinn, déi mer aus der Vergaangenheet kennen. Wou mer eis och hei dru bedeelegt hunn,

wann e Vott driwwer war. Mä ech fan-
nen, dass dat awer net normal ass, dass
eng Oppositounspartei esou wichteg
Dokumenter, an deem Ausmooss, nēm-
men esou eng kuerz Zäit huet, fir defi-
nitiv eng Entscheedung ze treffen. Dat
werft e ganz schiift Bild op eis demo-
kratesch Verhältnissen.

Duerfir wäert ech mech och kuerz faas-
sen. Et ass gesot ginn, déi Dokumenter,
déi mer hei kréien, dat wär keng Bibel.
Ech hoffen och, dass et keng Bibel ass.
Soss géife mer hei vill Mäercher erzielt
kréien. Ech hoffen, dass déi Saach e
bësse méi seriö ass.

An et schéngt jo och wierklech esou ze
sinn. Dat hu mer aus der Interventioun
vum Schäffe Liesch héieren. Mä et ass
natierlech an der Zäit begrenzt. Dat ass
ganz kloer. Well déi klengsten Entwéck-
lungen, déi sech maachen am Land,
oder iwwert d'Land eraus, hunn natier-
lech Auswierkungen op d'Entwécklung
vun der Gemeng Déifferdeng.

Wa sech am Positiven oder am Negati-
ven eng wirtschaftlech Entwécklung
mécht hei am Land, dann huet dat eng
Auswirkung op d'Gemeng Déiffer-
deng. Wann déi ekonomesch an déi so-
zial Situatioun a Portugal méi schlecht
gëtt, dann huet dat an der Fro vun der
Immigratioun eng direkt Auswirkung
op Déifferdeng.

Déi Saache kënnen natierlech net an
esou engem Dokument berécksiichtegt
sinn. Dat weist awer, dass mer do vill
Inconnuen hunn. An dass een am Fong
déi Dokumenter als Aarbechtsinstru-
ment soll huelen, fir ze kucken, wéi een
d'Gestaltung vun der Gemeng an Zu-
kunft mécht. Et huet eng Auswirkung
drop.

Mir hunn eng Decisioun geholl, an déi
hunn ech als Vertrieeder vun der Kom-
munistescher Partei matgedroen, an
ech war souguer der Meenung, dass se
nach méi hätt missen ausgeweit ginn,
dass an engem groussen Deel vun der
Gemeng d'Eefamilljenhaiser misste ge-
schützt ginn. Ech sinn och haut nach
der Meenung, dass dat eng richtig De-
cisioun war. Just, dass se ze spéit komm
ass. Well do hätt vill Schued kënnen ver-
midde ginn, wa se éischter komm wär.

Dat mat de gréngen Inseln an de
Quartieren, wéi zum Beispill am

Ouschterbur, ass och scho gesot ginn.
Wat ënnert deenen neie Bedéngungen
net méi esou kéint geschéien. Ech wëll
drun erënneren, datt ech hei als Vertrie-
der vun der Kommunistescher Partei
géint dee Projet gestëmmt hat. D'Majo-
ritéit hat awer derfir gestëmmt.

Wat eng Auswirkung kann hunn,
wann nei Quartiere geplangt sinn – an
där si jo geplangt –, ass, wéi déi sech ze-
summesetzen. Eng Auswirkung op
d'Liewensqualitéit. Dat Wuert ass jo
dacks elo hei gebraucht ginn. A wat fir
eng Héicht zum Beispill gebaut gëtt
oder ka gebaut ginn. Et ass jo net esou,
dass an Zukunft keng Leit méi géifen
an d'Gemeng kommen. An do muss ee
sech natierlech ganz kloer iwwerleeën,
wéi wäit een do wëll goen, fir an
d'Héicht ze baue bei neie Quartieren.
Dat misst een da kucken.

Liewensqualitéit: Dee Plang kann der-
zou bäidroen, fir d'Liewensqualitéit ze
steigern, doduerch, dass méi opmier-
sam op d'Entwécklung gekuckt gëtt.
Dass och dat ekologesch Element an
engem vill méi groussen Mooss wéi an
der Vergaangenheet berécksiichtegt
gëtt.

Mä d'Liewensqualitéit vun den Awun-
ner huet awer och ganz vill, a souguer
an éischter Linn, géif ech soen, dermat
ze dinn, wéi héich hire Loun ass, wéi
héich hir Rent ass, wéi hir ekonomesch
Situatioun ass. An do hu mer d'Situa-
tioun jo awer an der Gemeng, dass mer
eng Gemeng sinn, wou proportional
déi meeschte Leit am Land wunnen, déi
kleng Léin hunn, déi Hongerrenten
hunn, déi den RMG hunn. An dat huet
natierlech och seng Auswierkungen op
d'Entwécklung vun der Gemeng.

Et ass gesot ginn, dat huet laang gedau-
ert. Wat natierlech erlaabt huet, beson-
nesch enger Rei Promoteuren, sech wä-
rend där Zäit, wou dat net alles fixéiert
war, eng gëllen Nues ze verdéngen.
Wou deem awer elo kéint, wann dat de-
finitiv gestëmmt ass, Grenze gesat ginn.

Et ass geschwat ginn, dass een net on-
bedéngt der Meenung wär, dass Appar-
tementer ënner 80 Quadratmeter dierf-
ten hunn. Dat ass awer, géif ech soen,
och e Problem, wann een dat decidéiert.
Well de Moment ass et esou, dass d'Ap-
partementer, déi haut zu Lëtzebuerg ge-
baut ginn, ënnert deem Duerchschnitt

*particulièrement mauvaise de la dé-
mocratie. C'est pourquoi Ali Ru-
ckert se montrera bref.*

*Le collègue échevinal a dit que le
PAG n'était pas une bible. Ali Ru-
ckert l'espère, car autrement, il
contiendrait beaucoup de fables. Le
PAG est un peu plus sérieux. Toute-
fois, il est vrai qu'il est limité dans
le temps puis que la situation dans
le pays ou à l'étranger aura des ré-
percussions sur Differdange. Il
peut s'agir de la situation écono-
mique et sociale au Luxembourg
ou au Portugal par exemple. Il sub-
siste donc beaucoup de facteurs in-
connus. Le PAG n'est qu'un
instrument de travail.*

*La commune a décidé de protéger
les maisons unifamiliales. Ali Ru-
ckert a soutenu cette décision. Il
était même d'avis qu'il aurait fallu
aller plus loin. Malheureusement,
cette décision a été prise trop tard.
Ce qui est arrivé à Ouschterbur ne
sera plus possible. Ali Ruckert rap-
pelle qu'il a voté contre ce projet
alors que la majorité l'a soutenu.*

*Le PAG aura une incidence sur la
façon dont les futurs quartiers se-
ront construits, ce qui influencera
la qualité de vie des habitants. Cela
ne signifie pas que Differdange ne
veut pas de nouveaux résidents.
Mais il faudra notamment réfléchir
à la hauteur maximale des bâtisses
dans les nouveaux quartiers.*

*Le PAG peut contribuer à amélio-
rer la qualité de vie en tenant
compte du volet écologique de ma-
nière plus importante que par le
passé. Mais la qualité de vie est sur-
tout liée aux salaires et aux pen-
sions des habitants. Or par rapport
au reste du pays, Differdange
compte une population aux reve-
nus plus faibles.*

*La réalisation du PAG a pris beau-
coup de temps. Cela a permis aux
promoteurs de s'enrichir pendant
cette période. Le nouveau PAG de-
vrait finalement fixer des limites.*

*Il a été dit que les appartements de-
vraient faire au moins 80 m². Mais
une telle décision comporte aussi
des problèmes. Il y a vingt ans, les
appartements étaient plus grands
en moyenne. Aujourd'hui, ils font
souvent moins de 80 m². Mais plus
les appartements sont grands, plus
il est difficile pour les gens aux
faibles revenus d'en acquérir un.*

Que le périmètre de construction n'ait pas été agrandi est une bonne chose. Ali Ruckert rappelle que le parti communiste exigeait cette mesure il y a dix ans déjà. Des parties importantes de la commune comme le Ratterm et le Korspronk ne peuvent pas se trouver à l'intérieur du périmètre. Il faudra aussi veiller à tirer les conséquences adéquates de l'état des lieux dressé dans le cadre de l'étude environnementale. Car la commune pourrait théoriquement se contenter d'en prendre connaissance et de ne rien faire. Mais elle peut aussi prendre des décisions concrètes. Les communistes sont, quant à eux, d'avis qu'il faut tenir compte de l'EES pour améliorer la situation dans la commune. Du terrain industriel a été intégré dans une zone verte. Ali Ruckert doute que ce soit pertinent, car Differdange a besoin de plus d'emplois. Car une partie croissante des habitants doit quitter la ville pour aller travailler. Deux tiers de gens travaillent à Luxembourg-ville ou autour, ce qui entraîne des problèmes de mobilité. Il reste de nombreux points à débattre. Malheureusement, les citoyens ne disposent que de trente jours pour s'informer. Ali Ruckert croit avoir compris qu'une réunion d'information publique aura lieu à Differdange. Il aurait préféré qu'il y en ait au moins une par quartier. Le collègue échevinal a rappelé que c'est ce qui est prévu par la loi, mais les mauvaises lois peuvent être modifiées. Car il faut que les gens puissent donner leur avis et qu'ils soient d'accord avec les décisions prises par le conseil communal. C'est pourquoi ils ont besoin d'informations. Or ce n'est pas possible en aussi peu de temps.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) souligne à son tour le fait que le PAG est important pour le futur de Differdange.

leien, scho bei 80 Quadratmeter. Virun 20 Joer louche se daitlech driwwer. An der Tëschenzäit ass dat anescht.

A wat natierlech d'Appartementer méi grouss sinn, wat et och de Leit mat bescheidenem Akommes oder souguer mat mëttlerem Akommes vill méi schwierig mécht, sech iwwerhaupt en Appartement unzeschaffen, wéi wa se méi kleng sinn.

Et ass gesot ginn – an ech wëll dat och widderhuelen –, dass et positiv ass, dass de Bauperimeter net erweidert ginn ass. Dass en op enger Rei Plazen ugepasst ginn ass, wat ganz sënnvoll ass. An ech wëll drun erënneren, dass mer als Kommunistesch Partei dat scho virun zéng Joer an eisem Wahlprogramm haten, dass de Bauperimeter net dierft ausgebaut ginn.

Et ass wichteg, dass Deeler vun der Gemeng, déi vu grousser Bedeitung sinn, historiesch awer och ekologesch, wéi de Ratterm oder de Korspronk, net méi am Perimeter sinn. Dass déi geschützt gi fir d'Zukunft. An ech menge schonn, dass dat noutwendeg wär och bei anere Plazen.

An dass et bei där Bestandsopnam, déi gemaach ginn ass bei der Ëmweltprüfung an der Gemeng, elo drop ukënnt, a wat fir engem Mooss aus där Bestandsopnam Konsequenze gezu gi fir d'Zukunft.

Well dat kann een zur Kenntnis huelen an et kann een näischt maachen. Oder et kann een e bësse maachen. Oder et kann ee sech ganz konsequent domat befaassen a kucken, a wat fir eng Richtung ee wëll goen. An d'Kommunistesch Partei ass der Meenung, dass sech ganz konsequent mat där SUP do muss beschäftegt ginn, fir ze kucken, a wat fir eng Richtung ee ka goen, fir dass Verbesserungene kënnen hiergestallt ginn.

Et ass eis gesot ginn, deelweis wär Industrieterrain an eng Gréngzon erageholl ginn. Ech weess net, ob dat onbedéngt sënnvoll ass. Ech géif et éischter gesinn, dass een den Industrieterrain, deen do ass, kéint konsequent notzen als Industrieterrain. Well zu Déifferdeng gëtt et net genuch Aarbechtsplazen.

D'Situatioun ass nach ëmmer déi, dass e groussen Deel, an ëmmer méi e groussen Deel vun de Leit, déi hei zu Déifferdeng wunnen, auswäerts muss schaffen goen. An der Regel souguer an d'Stad Lëtzebuerg oder ronderëm d'Stad Lëtzebuerg, wou haut schonn 2/3 vun den Aarbechtsplazen am Land konzentriert sinn. Wat natierlech Verkéiersproblemer an aner Problemer ëmmer méi grouss mécht. Do bleift also nach vill drun ze schaffen, wa mer dat Dokument op de Wee ginn, fir dass driwwer debattéiert gëtt.

Leider, muss ee soen, leider hunn d'Awunner nëmmen 30 Deeg Zäit, fir sech iwwert dat Dokument ze informéieren. Leider, wann ech dat elo richtig verstanen hunn, fënnt eng ëffentlech Versammlung statt hei zu Déifferdeng, fir dat duerzeleeën. Ech muss soen, ech hätt et éischter gesinn, wann nieft där ëffentlecher Versammlung op d'mannst an all Quartier eng weider Versammlung stattfonnt hätt, wou méi am Detail iwwert dee Quartier hätt kéinten diskutéiert ginn.

Et gëtt gesot, dat ass d'Gesetz. Jo, dat ass richtig. Mä Gesetzer sinn do, fir ze änneren. An dat ass e schlecht Gesetz, wann dat nëmmen 30 Deeg sinn. Well et kënnt jo awer virun allem drop un, dass éischters d'Awunner matzeschwätzen hunn, wéi d'Gemeng sech entwéckelt. An zweetens och, dass se sech erëmfannen an deem, wat de Gemengerot decidéiert. A se kënnen sech nëmmen dran erëmfannen, wa se richtig informéiert ginn. An ech mengen net, dass dat an där kuerzer Zäit méiglech ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, léif Press, de PAG ass, in der Tat, dat, wat d'Entwécklung vun der Déifferdenger Gemeng, vun all Gemeng fir d'Zukunft decidéiert. Wou d'Richtung virgi gëtt. An deen domadder eng ganz grouss Bedeitung huet.

Et muss ee wëssen, am Fall vun Déifferdeng, dass dat sech esou laang gezunn huet, dass eng ganz Rei richtungsweisend Projeten, a gréisser Projeten, wou wierklech Bauprojekte bäikomm sinn, schonn unter Dach und Fach an ënnerwee sinn. Dat ass eppes, wat elo spezifesch ass bei deem heite PAG.

Aus deene verschiddenste Grënn huet dat ganz laang gebraucht an hu mer an deem Sënn schonn eng ganz Rei grouss PAp gestëmmt a kucken elo nach d'Ausrichtung fir déi nächst zwielef Joer mat deem heite PAG. Wou déi Saachen natierlech Deel dovunner sinn. A kucke mat deem Handlungsspillraum, dee mer nach hunn, wat mer domadder kënne maachen.

An deem Kader a mat där Bedeitung vum PAG ass fir mech ganz wichteg ze soen, dass d'Virgoensweis, wéi mer wierklech eng Diskussioun iwwert déi Entwécklung vun der Gemeng féieren, wéi mer dee PAG ausschaffen, bei wäitem net glécklech ass. Wéi och den Här Ruckert elo scho gesot huet. An ech hunn et ëfters gesot, ech si wahrscheinlech op d'mannst fënnefmol am Beräich PAG intervenéiert an där Zäit, wou ech am Gemengerot sinn. An ech sinn awer do ëmmer op daf Ouere gestouss.

Schätzungsweis, wann ech all déi Dossiere kucken, wann een dat alles hätt wëlte wierklech am Detail kucken, denken ech, dass mer hei vun zéng Classeure schwätzen, déi ech a fënnef Deeg hätt missen analyséieren, fir wierklech komplett informéiert haut elo hei mech anzebréngen.

Et ass ëmmer d'Argument gesot ginn, mir kënnen net Parzelle scho weisen oder diskutéieren. Éischtens gëtt et aner Beispiller: D'Escher Gemeng huet dee kompletten Dossier virun der Summer-vakanz dem Gemengerot ginn. A Méint duerno ass eréischt d'Saisine gemaach ginn. Dat ass emol ee Géigebeispill.

Dat anert ass awer och, dass de onofhängeg vun esou Parzelle-Schäerft kanns eng ganz Rei Diskussiounen féieren, wou s de op d'mannst als Gemengerot eng ganz Rei Informatiounen kanns kréien an dech kanns austauschen. Awer dat och mat der Populatioun. Dat ass net geschitt.

Et gëtt Elementer wéi, wou Maison-unifamilialen, wou Maison-plurifamilialen hikommen, wou een hätt kéinten d'Zäit notzen. Et gëtt Saache wéi d'SUP, déi fir sech eleng schonn ee vun deenen ëmfangräichsten a wichtigsten Elementer ass vun där ganzer Saach, déi am Mee scho fäerdeg war. A mir hu se awer eréischt mam ganzen Dossier elo kritt.

Dat ass awer en Informatiounsdokument, wat näischt mat Parzellen ze dinn huet. Wat näischt ausgesot hätt iwwer Choixen, déi de Schäfferot wollt maachen an déi mir hei hätt scho kéinten an der Preparatioun kucken. Well déi Saachen iwwereneen ze leeën, dat ass wierklech eng Heedenaarbecht. Ze kucken, wéi eng Flächen do wéi ageschat ginn, no deem Ampelsystem. An dann herno kënnen am PAG ze kucken, wéi dat da consideréiert ginn ass.

Och d'Fro vun der Croissance, déi verschidden Zeenarien, ass och eng Diskussioun gewiescht, déi hätt kéinte souwuel mam Gemengerot wéi mat de Bierger méi gefouert ginn. Da brauch ee sech net ze wonneren, wann, wéi de Burgermeeschter gesot huet, d'Wësse relativ geréng ass: Wat heescht iwwerhaupt déi Ofkierzung PAG? Wat ass dat Ganz? Den Interessi ass net esou do. Ma dat hänkt och dovun of, wat een iwwer all déi Zäit gemaach huet.

Et si Saache geschitt, jo. An déi hunn ech och ëmmer begréisst. Ech hunn awer ëmmer kritiséiert, dass déi Resultater dovunner net publizéiert gi sinn, kee Retour un déi Leit gemaach ginn ass. Déi Leit sinn net méi um Lafende gehale ginn, nodeems se eppes um Internet deposéiert hunn oder befrot gi sinn. A mir hu knapps als Gemengerot e Rapport kritt vun deem Prozess, geschweige denn en diskutéiert.

Elo kommen ech awer zu de positiven Aspekter, déi ech gesinn an deem PAG. Well et ass vill dru geschafft ginn, et ass eng wichteg Aarbecht. Ech wëll kengem schlecht Intentiounen hei virwerfen. Ech mengen, et ass probéiert ginn, dat Bescht ze maachen an deem Kader, dee mer do hunn.

An an deem Sënn ass ee positiven Aspekt eben deen, dass souwuel d'Eefamilljenhaiser wéi d'Protektioun vu verschiddenen Haiser dozou féiert, dass

Comme l'élaboration du PAG a pris énormément de temps à Differdange, de nombreux projets sont déjà terminés ou planifiés. Plusieurs grands PAP ont déjà été approuvés par le conseil communal. Le nouveau PAG porte sur les 12 prochaines années. Les projets réalisés en font partie. Il reste à voir de quelle manière la commune veut procéder avec la marge de manœuvre qu'il lui reste.

Comme l'a dit M. Ruckert, la façon dont les discussions sur le développement urbain se sont déroulées est tout sauf heureuse. Gary Diderich est intervenu cinq fois à ce sujet, mais le collège échevinal n'a pas réagi. Le dossier se compose d'une dizaine de classeurs que les conseillers communaux auraient dû analyser en cinq jours.

Le collège échevinal a dit ne pas vouloir présenter de parcelles au préalable. Mais la Ville d'Esch par exemple a remis le dossier au conseil communal avant les grandes vacances même si la saisine n'a eu lieu que des mois plus tard. En outre, des discussions auraient pu être menées même sans entrer dans le détail des parcelles. Gary Diderich mentionne l'emplacement des maisons unifamiliales et des résidences. L'EES était prête en mai déjà et ne contient pas d'informations spécifiques sur les parcelles. Désormais, comparer les documents pour voir comment sont classées les surfaces représente un travail titanesque.

La question de la croissance aurait également pu être abordée avec le conseil communal et la population. Comment s'étonner dans ces conditions que les gens ne sachent pas de quoi il est question? Qu'a fait la commune pendant tout ce temps? Des activités ont été organisées, mais les résultats n'ont jamais été présentés. Les participants n'ont reçu aucune information. Le conseil communal n'a reçu qu'un rapport succinct du processus.

Cependant, de nombreux aspects du PAG sont positifs. Le collège échevinal a fait de son mieux dans le cadre qui lui a été donné.

À titre d'exemple, la protection des maisons unifamiliales et le classement de certaines maisons permettent de freiner la croissance

avec des répercussions sur les infrastructures publiques et la mobilité. M. Meisch s'est demandé dans quelles rues de telles protections sont pertinentes. Gary Diderich trouve que certaines rues pourraient accueillir davantage de résidences même s'il n'a pas analysé les détails. Mais M. Meisch a mentionné la rue Dicks-Lentz jouxtant le parc. Gary Diderich est plutôt d'avis qu'il faut construire en hauteur afin de préserver la surface pour les habitants, les corridors verts et les flux d'air.

Le conseiller communal passe aux deux terrains de Neuwies. L'un est classé HAB 1 et l'autre HAB 2. Ces terrains se trouvent autour du cimetière d'Oberkorn. Selon l'EES, il est important de conserver un terrain de chasse pour les chauvesouris. Mais Gary Diderich se demande s'il ne faut pas aller plus loin pour préserver la biodiversité.

S'il comprend bien ce que dit l'EES, certains biotopes perdraient 50 % de leur surface. Il est notamment question de groupes d'arbres qui passeraient de 4398 m² à 1239 m². Les prairies maigres de fauche passeraient de 72 000 m² à la moitié. Ces prévisions tiennent-elles compte du nouveau PAG? Et si oui, ne faudrait-il pas aller plus loin pour protéger les biotopes ou du moins les compenser?

Il a été question de terrain à bâtir dans le Prénzebiërg. Mais l'EES parle d'un espace très important pour les chauvesouris. Ne faut-il pas prévoir des corridors?

Gary Diderich salue les efforts accomplis pour permettre aux gens habitant des ensembles de maisons comme les colonies de les agrandir. Les propriétaires pourront ajouter de la surface à condition de préserver l'aspect de la maison.

Le conseiller communal se réjouit du fait que certains sites où se trouvent des garages pourront être réaffectés.

Le PAG protège le Rattem et le Korspronk, mais aussi des terrains sur le territoire de l'usine.

En revanche, il manque deux grands aspects au PAG. Le premier concerne la mobilité. Gary Diderich ne parvient pas à comprendre quels moyens la commune entend se donner au cours des prochaines

mer de Wuesstum méi begrenzt kënnen halen. Wat jo och op d'ganz Infrastrukturen, d'Entwécklung vun der Schoul, vun der Mobilitéit an esou weider eng Repercussioun huet.

An natierlech den Aspekt vun de verschiddene Stroosse vun der Gemeng. Ech ginn zum Beispill dem Här Meisch recht, wann en d'Fro opwerft: A wéi enge Stroosse mécht dat Sënn? Tendenziell géif ech soen, dass a verschiddene Stroossen een nach méi op plurifamilial kéint setzen.

Ech hunn dat elo net am Detail konnten analyséieren. Mä den Här Meisch huet zwou Stroosse virgeschloen. D'Dicks-Lentz ass zum Beispill ganz no bei engem Park. Dat heescht, wann een do méi dense baut, huet een direkt Erhuelungsraum.

An ech denken, dass ee prinzipiell manner Fläch soll verbrauchen, och wann een dann zum Deel méi héich baut. An da méi Fläch erhält, wou d'Leit sech ophalen, wou och d'Loft sech kann erneieren a wou Korridore si fir d'Biodiversitéit.

Wat ech konnt aus der SUP erausliesen, an och aus deene ganze Pläng: Do fält e ganz groussen Terrain op, dat ass d'Neiwiss. Déi zwee Terraine vun der Neiwiss. Deen een ass HAB 1, deen aneren ass HAB 2 klasséiert. Dat situéiert sech ronderëm den Uewerkuerer Kierfecht, wat eng ganz grouss Fläch ass. Wou ech perséinlech elo iwwerrascht war.

Wou d'SUP seet, dass e Such-Raum an e Jagd-Habitat fir Fliedermais, awer och fir aner Biotopen, an der Kompenséierung vun anere Fläche ganz wichteg wär. A wou ech géif froen, ob een do net nach méi misst intervenéiere wéi elo just dee Korridor vun der Mobilitéit douce an deen anere Korridor vum Loftechange Richtung Woierwisen, fir an deem Beräich d'Biodiversitéit ze erhalen.

Wat ech nach aus der SUP erausliesen – dat ass awer an engems eng Fro: Wann ech dat richteg verstinn, wärend do verschidde Biotope beträff vun engem Verloscht vu 50%. Op Säit 143 steet op der Lëscht „Baumgruppe“ ënnert „Insgesamt vorhanden“: 4.398 Quadratmeter. Dovunner géife just 1.239 erhalen

ginn. An „voraussichtlich nicht zu erhalten“: 3.159 Quadratmeter.

An dat nämmlecht bei „magere Mähwiese“, do si mer bei 72.000 Meter carré, déi am Moment do sinn. D'Halschent kéint erhale ginn, déi aner Halschent géif verluer goen. Fir déi puer Beispiller ze nennen, wou een awer bei quasi 50% ass. Och bei „Auwald/ Auwaldstreifen“ a Meter carré, erëm quasi d'Halschent.

Do eben d'Fro: Wou ass dat? Ass dat elo mat deem PAG, wou een dee viraussichtleche Verloscht do huet vu Biotopen? A misst een do net nach méi virgoen, fir dat ze kompenséiere respektiv sou gutt wéi méiglech ze erhalen?

Um Prénzebiërg ass vu Baulücke geschwat ginn. An der SUP an och an där Etüd vun 2015 vu Gessner gëtt vu Flantermas geschwat an dass dee Raum do ganz wichteg wär. Soll een einfach esou déi ganz Fläch zoubau loossen oder och do no Korridore kucken?

Wat ech ganz positiv fannen, wou mengen ech och ganz vill Schweessaarbecht dra gestach ginn ass, dat sinn d'Adaptatiounen, déi de Leit méiglech gemaach ginn a wichteg Constructiounen d'ensemble, wéi de Kolonien an awer och am Wangert. Wou esou Schéma-directeur gemaach gi si fir d'Quartiers existants, wéi een déi nach kann ausbauen. Dat heescht, wou eng Méiglechkeet soll gi sinn, den Aspekt ze halen an an engems awer Wunnfläch bäizekreien. Dat fannen ech ganz positiv.

Och positiv déi Garagëbatterien: Dass een déi Fläch, déi souwisou scho verbaut ass, esou kéint bebauen, dass déi méi sënnvoll genotzt ginn an do Logement virgesi gëtt.

Och positiv ass, dass Flächen ausgewise gi sinn, déi mer souwisou schon diskutéiert hunn: de Rattem an de Korspronk. Mä och innerhalb vum Territoire vun der Schmelz, fir do keng Iwwerraschungen zouzeloossen, wou ee weess, dass ee wichteg Flächen huet, och fir d'Natur.

Wat mer feelt am ganze PAG, dat sinn zwee grouss Aspekter. Dat eent ass d'Mobilitéit. Wou ech aus dem PAG net kann erausliesen, wat mer eis vu Moyenne ginn, duerch de PAG, fir d'Mobili-

téitsentwécklung an deenen nächste Joren ze steieren.

Ech fannen do nach ëmmer eppes erëm, wat awer ëmmer méi diskutéiert gëtt, och um Ministère-Niveau: déi bekannten Emplacementer, déi ee pro Logementsunitéit brauch. Dat sinn 1,5 bei Plurifamilialen an eng Parkplaz pro Unifamilial. Ondifferenziéiert gëtt dat quasi iwwert dee ganze PAG geluecht als Oblatioun.

Woubäi een awer muss wëssen, dass do, wou Parkraum ass, do fueren och Autoen. Et wäert keen immens vill Suen investéieren fir e Parking – well dat hält ëmmer e gudden Deel vum Budget mat a vun der Fläch, déi bebaut gëtt –, an dann herno keen Auto hunn oder deen net benotzen. Dat funktionéiert net. Dat geet net op.

An ech denken, dass een op d'mannst misst kucken, a wéi enge Quartieren d'Ubannung un den ëffentlechen Transport esou gutt ass, dass ee sech d'Moyenne gëtt fir ze soen: Do si manner Autoen, an do probéiere mer Leit hinzekréien, déi eng aner Mobilitéit fir sech wien.

D'Couloirs de mobilité douce, dat ass schonn ugeschwat ginn, do hunn ech haaptsächlech just een entdeckt. Dat ass deen zu Uewerkuer, wou am Moment schonn eng Vëlospist ass a wou de Bauperimeter och ass. Awer eng ganz Rei anerer feelen. Et si keng nei richtungsweisend Weeër opgewise ginn, wéi d'Mobilité douce sech an Zukunft soll nach vill méi staark entwéckelen.

Dat anert, wat mer felt, dat ass d'Iwwerleeung vun der sozialer Entwécklung an der Gemeng am Zesummenhang mat der baulecher Entwécklung. Déi muss een zesummen denken. Se gëtt, wéi ech fannen, oft diskutéiert. Et gëtt oft vu Mixité sociale geschwat. Awer déi Iwwerleeunge gesinn ech net erëm an dësem PAG.

Se ginn och ëmmer just iwwerflächlech diskutéiert, hunn ech d'Gefill. Eis feelen d'Analysinstrumenter dofir. Wann ee sech esou en Outil fir dat Soziaalt géif ginn, wéi d'SUP an der Ëmwelt, dann hätte mer ganz aner Donnéeën. A mir kéinten eng ganz aner Diskussioun féieren. An ech denken, déi wär ganz wichtig.

Ech denken, mir sollen dat op alle Fall nach nohuelen. Et gëtt Gemengen, déi an déi Richtung vun enger sozialer Diagnostik aktiv ginn. An ech mengen, mir müssen dat och maachen.

Wat kéint dat konkret als Repercusioun an esou engem PAG hunn? Ma et kéint een, ënner aneren, am Kader vun esou engem PAG diskutéieren: Wou wëlle mer geziilt sozialen oder einfachen ëffentleche Wunnungsraum schaffen duerch d'Gemeng? An dat schaffen net nëmmen am Sënn vu bauen, mä och am Sënn vu kafen. Wou wär et gutt, dat ze maachen? An dat cibléiert ze maachen an net nëmmen do, wou sech grad eng Geleeënheet ergëtt. Dat wär méiglech, wann ee sech déi Moyenne géif ginn an dat géif diskutéieren. A sech domadder eng Orientéierung géif ginn.

Dat si vu menger Säit déi wichtegst Iwwerleeungen. Et ass, in der Tat, schwéier bei esou engem Vott, mat deem Virgoen, deen elo gewielt ginn ass. Wou een net genuch Zäit hat, déi Saachen am Detail ze kucken. Ech bedauern dat immens staark. Ech fannen net, dass een esou soll virgoen, dass een d'Leit virun e Vott setzt, wou se sech dat alles net konnten ukucken.

An deem Sënn wäert ech mech enthalen bei dësem Vott. An domadder net blockéieren, dass déi Entwécklung weidergeet, well se wichtig ass an net weider soll verschleift ginn. Awer mech enthalen, well ech eben net déi néideg Informatiounen konnt anstänneg zesummesehen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, deen neie PAG ass e Kand, wat laang gebraucht huet, fir d'Dageslicht ze gesinn – iwwer zéng Joer. Dee ganzen Dossier ass net kleng, et brauch een eng gewëssen Zäit, fir sech an dat Ganzt eranzeschaffen.

E PAG ass en Instrument, dat beschreift, wéi eis Stad soll wuessen a spéider soll ausgesinn, wou wäert ge-

années. Le PAG continue d'exiger à travers le territoire de la commune une place de parking par maison unifamiliale et 1,5 place pour les résidences. Or là où il y a des places de stationnement, il y a aussi des voitures. Personne n'investit dans un garage s'il n'a pas de voiture. C'est pourquoi la commune ferait bien d'analyser quels quartiers disposent de transports en commun tels à pouvoir accueillir des gens privilégiant la mobilité douce.

Gary Diderich n'a découvert qu'un couloir de mobilité douce à Oberkorn. Le PAG n'indique pas comment la mobilité douce est censée se développer à l'avenir.

Le deuxième point faible du PAG concerne le développement social en rapport avec le logement. On parle souvent de mixité sociale, mais il n'en est pas question dans le PAG. Les réflexions sont superficielles et Gary Diderich pense que cela est dû au manque d'instruments d'analyse. Un instrument comme l'EES pour l'environnement devrait aussi exister pour le domaine social. D'autres communes sont déjà actives en matière de diagnostic social. Ces informations permettraient à la Ville de Differdange de savoir où construire des logements sociaux ou publics. La construction ou l'acquisition d'habitations se ferait alors de manière ciblée et pas en fonction des opportunités.

Gary Diderich trouve difficile de prendre une décision quant au PAG alors qu'il n'a pas eu le temps de prendre connaissance des détails. Il regrette cette façon de faire du colège échevinal. C'est pourquoi il s'abstiendra lors du vote. Il ne s'agit pas pour lui de freiner l'adoption du PAG, mais il ne dispose pas de toutes les informations.

GUY TEMPELS (CSV) répète qu'il aura fallu plus de dix ans pour accoucher le nouveau PAG. Il faut du temps pour en prendre connaissance.

Le PAG est un instrument définissant ce qui peut être construit et de quelle façon. La population croîtra de manière plus maîtrisée. Le périmètre de construction ne sera pas étendu.

Le document est subdivisé en trois sections: Niederborn, Differdange et Oberborn pour un total de 2222 ha. Le territoire est subdivisé en zones, notamment les zones HAB pour les habitations ou les zones mixtes pour les habitations et les commerces. La définition des zones est la même à travers le pays. Une étude préparatoire a permis de dresser un état des lieux. Guy Tempels ne veut pas rentrer dans les détails compte tenu des explications déjà fournies par M. Liesch.

Differdange peut croître sur 50 ha, ce qui représente 1773 appartements pour 4078 personnes.

Le Ratten restera une zone verte. La situation de plusieurs maisons a été régularisée. Plusieurs zones vertes sont devenues des zones de récréation permettant ainsi aux associations de réaliser des travaux plus facilement.

Les îlots entre les rues ont été reclassés en zones de récréation pour empêcher un « Ouschterbur II ». Le collège échevinal a tiré les leçons du passé.

Les jardins sont classés zones de jardin.

Le PAG reprend également toutes les maisons et façades protégées. Celles avec une étoile sont protégées par le Service des sites et monuments. Guy Tempels rappelle les problèmes qu'il y a eu avec le « Nikloshaus ». Le patrimoine — comme les cités ouvrières — doit être préservé en tant que signe d'une époque.

Plusieurs sites ont été classés zones de bâtiments et équipements publics pour y construire des écoles, des infrastructures sportives, etc.

L'EES dresse un inventaire de la faune et la flore, et analyse la qualité de l'air. Quatre catégories allant du vert au rouge décrivent l'influence de l'homme sur un projet. L'étude dresse des principes à respecter lors de l'élaboration d'un PAP.

Le PAP « Quartiers existants » se compose d'une partie écrite et d'une partie graphique définissant ce qui peut être construit dans les quartiers. Pour ce qui est des nouveaux quartiers, ils devront tenir compte davantage de l'environnement.

baut a wat soll gebaut ginn. Laut neiem PAG wäert Déifferdeng méi beduecht wuessen. De Perimeter gouf net erweidert. De PAG ass ennerdeelt an dräi Sektioonen: d'Sektiooun A: Nidderkuer mat 747 Hektar. Sektiooun B: Déifferdeng mat 1.013 Hektar. An eng lescht Sektiooun, d'Sektiooun C: Uewerkuer mat 461 Hektar. En Total vun ongeféier 2.222 Hektar.

Am PAG gëtt dee ganze Gemengenteritoire an Zonen agedeelt, wou mir definieren, wat do geschitt. Zum Beispill eng Zon HAB, do gëtt gewunnt. Oder eng Zone mixte, do gëtt gewunnt an do ass och Commerce virgesinn.

D'Definitioune vun den Zone si fir d'ganz Land gläich benannt. Fir d'éischt goufen Études préparatoires gemaach. Hei goug et drëm, eng Bestandsopnam ze maachen, wou Déifferdeng sech soll weiterentwéckelen. Ech ginn net méi genee op des Punkten an, den Här Liesch huet dat virdru ganz gutt gemaach.

Wéi gesot, gëtt hei definiert, wéi a wou Déifferdeng wäert wuessen. Dës sinn in etwa 50 Hektar. Wat ongeféier 1.773 Wunnenge fir 4.078 Leit wäert ausmaachen. Alles dat ass an engem Schéma directeur festgehalten, wéi dat herno soll ausgesinn.

De Ratten wäert Zone verte bleiwen. Verschidden Haiser goufe regulariséiert, zum Beispill op der Bielesser Strooss. Dës leien elo net méi an der Zone verte. Et goufen och verschidde Plazen als Zones de récréation ausgewisen, zum Beispill déi zwee Schéistserrainen, d'Hondsterrainen an d'Fussballsterrainen. Dës leien elo net méi an der Zone verte oder am Perimeter, an d'Veräiner kënnen Aarbechten op deem Site méi einfach ausféieren.

Des Weidere goufe verschidde Plazen a Zones de récréation ausgewisen, déi als Insel tëschent verschiddene Stroosse leien. Soudass mir net direkt erëm een Ouschterbur II wäerte kréien. Mir gesinn, et goufe verschidde Léieren aus der Vergaangenheet gezunn.

D'Gäert, haaptsächlech déi vu Gaart an Heem, awer och vu Privatleit, goufen als Zones jardinières ausgewisen, fir eben deeselwechte Problem ze ëmgoen.

Des Weidere sinn am PAG sämtlech geschützten Haiser a Fassaden erëmze-fannen. Déi mat Stär sinn déi vu Sites et Monuments. Ech erënneren hei un de Problem Nikloshaus, dee mer dann hei net méi wäerten hunn. Jiddwereen heibanne weess, firwat mir eise Patrimoine erhalen wëllen. Zum Beispill eis Aarbechterkolonien als Zeeche vun enger bestëmmter Epoch.

Och goufen am neie PAG verschidde Plazen als Zones bâtiments et équipements publics klasséiert. Dës gëtt eis deen néidege Spillraum, fir déi néideg Schoulen, Sportshalen a weider Infrastrukturen ze baue fir d'Zukunft.

Am ganze PAG gouf op iwwer 100 Plazen eng strategesch Ëmweltprüfung, genannt SUP, gemaach. Hei gouf een Inventaire vun der Flora a Fauna gemaach, den Impakt op de Mënsch, d'Loftqualitéit ass gekuckt ginn an nach viles méi. Och d'Emissioune spillen hei eng Roll, wa mir nei Betriber wäerten op Déifferdeng kréien.

D'SUP huet véier verschidde Kategorien, deemno wéi den Afloss vum Mënsch op de Projet ass, vu gréng bis rout. Et ass net einfach, dee ganzen Dossier SUP ze beschreiwen. En dëngt awer dozou, herno wann e PAP ausgeschafft gëtt, Richtlinnen ze ginn, wéi a wat do dierf gebaut ginn. Zum Beispill an engem neie Quartier, wou ee Corridor vert hikënn a Loftschleise wäerte bleiwe fir d'Loftqualitéit. Bei der Industrie gëtt no den Emissiounswäerter gekuckt.

Wou mir da beim Plan d'Aménagement Particulier wäeren, dee sech an zwou Kategorien opdeelt. De PAP Quartiers existants, wou mir an der Partie graphique an an der Partie écrite festhalen, wat an deene verschiddene Quartieren dierf gebaut an ëmgeännert ginn. Zum Beispill d'Bauhéicht an d'Baudéift etc.

PAP nouveaux Quartiers: Och hei wäert an deene Quartieren an och bei de Betriber nach vill méi op d'Ëmwelt gekuckt ginn. Et gouf e grouss Wäert op d'Liewensqualitéit an op eis Ëmwelt geluecht an deenen neie Quartieren, wou wäerten entstoen.

Ee kleng Fazit: Dës Gemengerot bleift senger Linn treu. De Bauperimeter gouf net erweidert. Et gouf gekuckt, dat

Bescht aus dem bestoenden Inventaire ze maachen. Et si Plaze fir de Bau vu Wunnenge virgesi souwéi Plaze fir Gemengeninfrastrukturen. D'Mobilitééit an eis Betriber sinn net vergiess ginn.

Mir vun der CSV droen dëse Projet mat, verweisen awer op déi virgesinnen Informatiounsversammlung, wou all Matbierger gären invitéiert ass, sech deem neie PAG unzekucken a Froen ze stellen. Duerno wäerten d'Leit déi néideg Zäit hunn, fir hir Reklamatiounen oder Suggestiounen eranzeginn. Duerno wäert de PAG, wann e vum Ministère approvüiert ass, definitiv gestëmmt ginn. De PAG wäert all fénnef bis sechs Joer iwwerschaft ginn.

Mir vun der CSV wollten dem Schäfferot, dem viregte Schäfferot, de Leit an eise Servicer an deene verschiddene Büroen, déi un dësem Projet geschafft hunn, Merci soe fir déi geleeschten Aarbecht. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Tempels. Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, zu der Adoptionsprozedur fir deem neie PAG vun der Gemeng Déifferdeng an der Saisine vum Gemengerot betreffend de kommunalen Amenagement an, fir d'urban Entwécklung an Zukunft ze guidéieren.

Esou en neie PAG ass wuel eng Wahnsinnsaarbecht. Dofir emol e grouse Merci un dee ganze Service technique, deem hei op dësem Dossier geschafft huet, dem Manuel Lopes, dem Véronique Grün, dem Giorgio Ricciardelli mat hiren Equippen. Souwéi dem Service écologique, dee matgehollef huet. An de verschiddene Büroen.

Den aktuelle PAG ass vun 1981. Mä vun 2007 u bis elo huet d'Gemeng iwwer 20 Modifications ponctuelles gemaach. Mat punktueller Modifikatioun vum PAG huet d'Gemeng d'Méiglechkeet sech weiderzëntwéckelen.

Laut der Analys zu der jëtzege Situation huet Déifferdeng 26.968 Awunner, 10.188 Haushalter an en Taux moyen de croissance vun 2,03.

Doduerch, dass eis Stad sech staark entwéckelt huet, ass et wichteg, en neie PAG ze hunn, eng Richtung, e Wee an d'Wäitsicht vun der Weiderentwécklung. Dat vereinfacht d'Aarbecht a verkierzt d'Zäit, zum Beispill fir emol Baugeneemegungen erauszeginn, Projeten ze entwéckelen an op Nofroen ze reagieren.

D'Etüde vum PAG hunn an den 90er Joren ugefaangen. Mä duerch verschiddenen Ëmännerunge vum Amenagementsgesetz ass d'Gemeng leider net esou gutt weiderkomm mam Ausschaffe vum PAG wéi geplangt.

Den Här Liesch, den zoustännege Schaffen, ass schonn op all Detailler agaangen. Ech wéilt him Merci soe fir d'Presentatioun. D'Kolleeginnen a Kolleegen hunn dozou scho vill kommentéiert. Fir net ze widderhuelen, wäert ech mech kuerz halen a mech mengem Partei-Virriedner, dem Fränz Meisch uschléissen zu de Punkte vum PAG, wou mer net ganz zefridde sinn. Hauptsächlech an der Dicks-Lentz-Strooss an och an der rue du Hussigny fannen ech, hätt misse méi eng grouss Auswiel gemaach ginn. Souwéi vum PAG bei der Protektioun vun den Haiser. Och d'Klassement vun den Haiser, de Fassaden hätt kéinte vläicht duerch e Grupp méi spezifesch ausgedeelt ginn. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. An dann den Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech faasse mech kuerz. Eng mega Aarbecht ass gelescht gi vun all deene Leit, déi um Dossier geschafft hunn. En Dossier, dee richtungsweisend ass fir d'Stad Déifferdeng am Respekt vu Mënsch an Natur.

Niewent dem Här Muller Erny senge Froen hätt ech just eng Fro, déi ech

Pour conclure, Guy Tempels rappelle que le périmètre de construction n'a pas été étendu, et que des sites sont prévus pour la construction de logements et d'infrastructures publiques. La mobilité et l'industrie n'ont pas été oubliées.

Les chrétiens sociaux invitent les concitoyens à participer à la réunion d'information. Ensuite, ils auront le temps de déposer des réclamations ou faire des suggestions. Lorsque le PAG aura été approuvé par le ministère, le conseil communal prendra son vote définitif.

Guy Tempels remercie le collègue échevinal actuel, le collègue échevinal précédent, les services communaux et les bureaux d'experts.

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate que l'élaboration d'un nouveau PAG constitue un travail énorme. Elle remercie le service technique — et particulièrement Manuel Lopes, Véronique Grün et Giorgio Ricciardelli —, le service écologique et les différents bureaux.

Le PAG actuel date de 1981, mais la commune a entrepris plus de vingt modifications ponctuelles depuis 2007, qui lui ont permis de se développer.

Aujourd'hui, Differdange compte 26 968 habitants, 10 188 ménages et un taux moyen de croissance de 2,03 %. Le nouveau PAG doit montrer la voie en matière de développement urbain.

L'étude du PAG a commencé dans les années 1990, mais plusieurs modifications de la loi sur l'aménagement du territoire ont retardé son élaboration.

M. Liesch a fourni tous les détails. Christiane Saeul le remercie pour sa présentation. Comme les autres orateurs ont pratiquement tout dit, elle se contente de s'associer aux paroles de M. Meisch. Il aura fallu agir de manière plus nuancée en ce qui concerne la protection des maisons et le reclassement des façades.

GUY ALTMEISCH (LSAP) salue à son tour l'énorme travail réalisé. Ce dossier montre la voie en matière de développement urbain dans le respect de l'homme et de la nature. Guy Altmeisch voudrait connaître les avantages que l'intégration dans

le PAG de maisons situées dans une zone verte. Personnellement, il n'en voit pas.

FRED BERTINELLI (LSAP) constate qu'il aura fallu trente ans pour achever le nouveau PAG. La responsabilité n'en revient pas seulement à la commune, dont les services ont réalisé un travail formidable. Mais il y a eu deux changements au sein des ministères. M. Liesch a enfin présenté la saisine pour voir comment Differdange va se développer dans les années à venir.

Parmi les socialistes, M. Muller est le grand spécialiste. Il connaît pratiquement toutes les réponses.

Fred Bertinelli se souvient qu'au sein du dernier collège échevinal, même le CSV était d'avis qu'il fallait acquérir des bâtiments pour décider dans quelle direction la ville doit aller. Le fait que de plus en plus de communes font la même chose prouve que Differdange avait raison. À titre d'exemple, si la commune n'avait pas son mot à dire sur la place du Marché, des particuliers auraient pris toutes les décisions.

En ce qui concerne le logement social, la commune devrait réaliser davantage de projets. Car le Fonds du logement et la Société nationale d'habitations à bon marché ne résoudre pas tous les problèmes differdangeois. Ils ont une mission nationale. M. Muller a beaucoup insisté pour que la commune intervienne davantage. La mixité peut encore s'améliorer dans les quartiers.

Un des thèmes qui tient à cœur à Fred Bertinelli est la circulation, car il s'en est beaucoup occupé au cours des dernières années. Le PAG ne lui donne pas entière satisfaction dans ce domaine. Il mentionne notamment le rondpoint de Niederkorn. Differdange a prouvé qu'il y avait de meilleures solutions, notamment à proximité d'une école.

Comme M. Diderich, Fred Bertinelli regrette le manque de détails concernant les pistes cyclables. Mais il sait que M. Liesch est un grand défenseur de la mobilité douce.

M. Muller l'a dit: les socialistes ont l'impression que le collège échevinal ne prend pas le cadastre des

nach gär beäntwert hätt an dat wier, wat fir en Avantage et eis bréngt, wa mer Haiser hunn, déi an enger Zone verte leien a mer déi an de PAG mat integréieren. Do fannen ech kee richtegen Avantage. Fir de Rescht wier dat fir mech an der Rei. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Fred Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären, enfin, muss ee soen: 30 Joer, fir e PAG hinze kréien – wann ee genau deen éischten Datum hält, wou un deem Pabeier hei geschafft ginn ass. Wat zwar net ëmmer eppes mat de Leit vun eiser Gemeng ze dinn hat, déi formidable geschafft hunn. Mä do ware schonn zwee Changementer op Niveau vun de Ministären. An elo endlech huet den Här Liesch eis d'Saisine virgestallt, wéi Déifferdeng sech dann an deenen nächste Jore soll entwéckelen.

Mir hunn e grouse Spezialist bei eis an der Partei, den Här Muller, dee sech in extenso domadder beschäftegt huet. Dee praktesch op all eis Froen eng Äntwert wouss, well e sech immens beméit huet an deene leschte Joren, dee PAG do hinze kréien.

Do waren eenzel Bemierkungen, déi ech wollt maachen, wéi richteg mer louchen. Souguer d'CSV hat dee vieregte Schäfferot iwwerzeegt kritt, fir hinze goen – an do gesäit een, wéi richteg mer louchen –, fir eenzel Gebaier opzekafen an esou kënne mat ze decidéieren an engem Schäfferot, wat dann duerno sollt dra kommen. Do gesäit een, wéi wichteg dat fir d'Steierung vun enger Stad wéi Déifferdeng war, datt mer déizäit déi doten Decisiounen geholl hunn. Well ëmmer méi Gemengen elo op deen dote Wee ginn.

Stellt Iech vir op enger Maartplaz, wéi mer se elo hei hunn, hätt d'Gemeng kee Matsproocherecht, dat wiere Privater gewiescht. An do hätte mer laang, laang Joren nogekuckt, an do hätte een Decisiounen net kënne beaflossen. Duerfir am PAG huet dee vieregte Schäfferot

scho Visiounen gehat, wéi een dat dote sollt maachen.

Wat de soziale Wunnengsbau ugeet, mengen ech, datt mer nach méi missten op de Wee goen, datt d'Gemeng selwer déi Projeten iwwerhëlt. Well mir wësse selwer, wat de Fonds de Logement oder d'Société d'Habitations à Bon Marché ugeet, datt mer do net ëmmer Matsproocherecht hunn, datt si déi Problemer an eiser Gemeng geléist kréien.

Déi hunn, en gros, en nationalen Opdrag. An déi hunn dann och déi Problemer national geléist. Wou mer eis heiansdo geiergert hunn, well dat net ëmmer esou direkt déi Problemer, déi eisen Office social hat, geléist huet. Duerfir si mer frou, datt mer op dee Wee do ginn.

Den Här Muller huet sech an deene leschte Jore midd gemaach, fir op esou e Wee ze goen, datt d'Gemeng och do de Lead hält an am soziale Wunnengsbau nach méi mécht. Mixitéit ass enorm wichteg an eiser Stad. Déi muss een hunn an eenzelne Quartieren. Datt een dat e bësse besser hikritt, wéi dat de Moment de Fall ass. Datt een do kann eng Mixitéit kréien, datt et sech och liewe léisst.

Eng vun deene Saachen, Här Liesch, déi mer enorm um Häerz läit – dat wäert Der jo kënne verstoen – ass de Verkéier. Well ech mech jo an deene leschte Joren enorm do dra geknéit hunn. Do hunn ech hei an deem PAG net esou richteg eppes erausfonnt, wat mer elo Satisfaktioun ginn huet.

Déi Iddien, déi mer haten, wéi zum Beispill de Rondpoint zu Nidderkuer. Mir hu laang, laang heiriwwer diskutéiert, wéi de Rondpoint hei am Stadkär funktionnéiert. A mir hu gesinn, datt dat déi besser Méiglechkeet ass an datt dat besser funktionnéiert, och bei enger Schoul. An zu Nidderkuer hu mer deeselwechte Problem mat engem Rondpoint.

An och, wat vum Här Diderich ugeschwat ginn ass, d'Velosweeër hannert deene Stroossen, déi esou vill befuer sinn. Do sinn e puer Saachen, déi ech e bësse vermësst hunn. Mä wéi Der gesot hutt, do kann een nach op esou Saachen agoen. Wat ech och mengen, datt Der wëllt maachen. Well ech och weess,

datt Der Verfechter sidd, fir d'Mobilité douce nach méi ze promouvéieren an eiser Gemeng.

An eppes, wat ech schonn eng Kéier hei gesot hat, ech mengen, dat huele mer vläicht ze vill op déi liicht Schëller, dat ass de Quelleregëster. Den Här Muller huet kuerz driwwer geschwat.

Wann een dee leschten Text vum Syvicol liest, dass d'Waasser en deiert Element gëtt an deenen eenzelne Gemengen. An datt déi Gemengen, déi d'Chance hunn, fir Waasser enzwousch opzefänken, dat solle maachen. An do musse mer eis effektiv verbessern.

Mir hunn zwar och Waasserbasenge gebaut, just si fonctionnéieren net. Do musse mer kucken, datt déi fonctionnéieren fir all déi Geschichte wéi netze goen oder Waasser kënnen huelen, wann Nout ass, wa Summere sinn. Well d'Waasser an deenen nächste Joren éischtens en deiert an zweetens e gesichtend Element gëtt.

De PAG ass jo eppes, wou een an d'Zukunft a wäit no vir soll denken. Dofir mengen ech, datt eng Stad, déi d'Moyenen huet, esou vill Waasser ze hu wéi Déifferdeng, vun deene Saache soll profitéieren. Mir hate scho Propositionne gemaach als LSAP, fir grouss Waasseropfangbasengen an der Natur ze maachen, mat engem Biotop zesummen.

Wou d'Gemeng kéint dervu profitéieren. Well et ass jo logesch, och wann de Summer duerch verbuede gëtt ze netzen, datt d'Gemengen awer hir Aarbecht muss weiderfueren an hir Plantatiounen an alles müssen netzen. Well dat soll ee jo dann net mat propperem Drénkwaasser maachen, mä mat Waasser, wou een dann iwwer esou Quelle kéint kréien.

Dat wier u sech alles. Dem Här Liesch seng Presentatioun war gutt a korrekt. Wéi gesot, ginn et just e puer Saachen, wou Verbesserungen dra sinn. Mir hatten d'Chance, déi vläicht déi aner net esou haten, datt mer beim Duerchliesen den Här Muller bei eis haten. Wou mer net laang hu müssen noliesen, well deen all déi Saachen nach aus dem Effe, aus dem Kapp kennt. Duerfir war d'Zäit bei eis duergaangen.

Mä effektiv kann ech awer och verstoen, wann een nëmmen eng Woch huet, fir esou en Dokument duerchzeliesen, datt dat e bëssen enk a knapp ass, fir dat duerchzekréien. Domat soen ech Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Liesch huet nach ee Wuert. An da maache mer eng kleng Paus.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just nach virun der Paus soen: Wéi ëmmer, wann een de Leit Merci seet, hat ech awer een Numm vergiess – an ech hat mer extra nach eng Lëscht gemaach. Ech wollt awer och nach e grouse Merci un d'Véronique Marsault soen, wat och dohanne sëtzt. Wat nieft dem Brigida Nunes vun eise Büroen am extensiivsten hei matgeschafft huet. Dat wollt ech nach noereche virun der Paus.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Zéng Minutte Paus.

(Paus)

Här Liesch, et si vill Froe gestallt ginn. An, wéi ech Iech kennen, hutt Der iwwerall eng Äntwert. Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech probéiere jiddefalls, fir d'Äntworten ze ginn. Ech hunn emol direkt als Projektioun de Quartier Breifeld-Neiwiss, déi ganz Woiwerwise geholl, well relativ vill Froen doriwwer koumen. An déi loosse sech ronderëm deen dote Plang erklären.

Et ass gesot ginn, dass an der SUP verschidde Saachen dra wäeren, déi een net onbedéngt am PAG erëmfënnt. Wann een de PAG nëmme kuckt iwwert déi Zonen an d'Zone-superposéeën, da fënnt een déi Zonen, déi Korridoren erëm, déi mer wëlle schützen.

sources suffisamment au sérieux. Un texte récent du Syvicol annonçait une augmentation du prix de l'eau. Les communes ayant la chance de pouvoir collecter de l'eau devraient en profiter. Differdange dispose de bassins de rétention, mais ils ne fonctionnent pas. Il faut résoudre ce problème. Au cours des prochaines années, l'eau va devenir un élément cher et rare — notamment en été. Le PAG étant un document permettant de réfléchir à l'avenir, la Ville de Differdange ferait bien de profiter de tous les moyens qu'elle a à sa disposition. Les socialistes ont par exemple proposé de construire de grands bassins de rétention dans la nature. Lorsqu'en été, l'arrosage sera interdit, les communes devront continuer à faire leur travail. Differdange pourra alors arroser ses plantations avec de l'eau de source et pas avec de l'eau potable. La présentation de M. Liesch était correcte. Les socialistes ont eu la chance d'avoir dans leurs rangs M. Muller qui connaissait parfaitement le dossier. Ils ne se sont donc pas retrouvés à court de temps. Mais Fred Bertinelli se rend compte qu'une semaine ne suffit pas pour analyser un tel document.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) a oublié de remercier chaleureusement Véronique Marsault, qui a participé de manière intensive à l'élaboration du PAG.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

décrète une pause de dix minutes.

(Pause)

Roberto Traversini cède la parole à M. Liesch, qui a, à n'en pas douter, une réponse à toutes les questions.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

va faire de son mieux.

Il projette le plan des Woiwerwisen, car de nombreuses questions concernent ce site.

Il a été dit que le PAG ne reprenait pas tous les points de l'EES. C'est vrai, si l'on ne considère que les zones et les zones superposées, qui ne reprennent que les corridors à protéger. Mais si l'on regarde également les schémas directeurs, on se rend compte que les constructions ne sont pas denses et que les cou-

loirs verts sont nombreux. C'est pourquoi la crainte que des biotopes disparaissent n'est pas justifiée. Comme Georges Liesch l'a expliqué tout à l'heure, pour avoir une vue d'ensemble d'un projet, un document ne suffit plus. Il faut en consulter trois ou quatre.

En ce qui concerne la mobilité douce, on ne retrouve pas tous les éléments dans le PAG. Mais ce n'est pas le cas du plan des Woiwerwisen, où la mobilité douce est représentée par une zone hachurée. Pour d'autres sites, cela n'a pas été fait. Georges Liesch cite l'exemple de la rue Pierre-Gansen, où une piste cyclable est prévue en direction de Sanem. Le collège échevinal a prévu une zone REC à droite et à gauche de la rue. Or une telle zone peut accueillir une piste cyclable ou un chemin de randonnée. Toutes les zones REC se destinent à l'aménagement de pistes cyclables pour relier les quartiers.

La remarque de M. Muller concernant le Fond-de-Gras est correcte: le Fond-de-Gras restera une zone verte sur demande du ministère. En effet, le site se trouve à cheval sur deux communes et le ministère veut qu'il reste de sa compétence. Georges Liesch ajoute qu'un développement du site reste malgré tout possible. Mais le ministère de l'Environnement et l'Administration de la gestion de l'eau auront leur mot à dire.

Le terrain de l'hôpital est classé bâtiments et équipements publics. La commune peut donc décider quoi en faire. Une zone jardin est prévue dans la partie arrière jouxtant la forêt pour éviter que l'on ne construise des bâtiments jusqu'à la colline.

Il y a dix jours, le collège échevinal s'est entretenu de l'avenir du CHEM avec le ministre de la Santé. M. Ulveling en discutera avec le conseil d'administration de l'hôpital. De ces discussions dépendra l'avenir du site. Il est question d'une grande maison médicale, qui pourrait être située dans le centre de Differdange. Le site de l'hôpital pourrait alors être réaffecté. La zone serait alors reclassée à travers une modification ponctuelle du PAG. En attendant, ces terrains

Wann een awer parallel nach de Schéma directeur opmécht, dee jo och dobäi läit, wou ee sech dat dann awer nach e bèsse méi konkret ukuckt, da gesäit een, dass nieft deene schrafféierten Zonen, wou déi Couloiren dra sinn, dee ganze Schéma directeur immens liicht gebaut gëtt. Dat heescht d'Densité logement ass hei immens niddreg.

Et sinn extrem vill Couloir-verten nach mat dran. Soudass déi Angscht, dass elo hei Biotopen net géifen erhalen bleiwen oder dass do keng Gréngfläche géife bestoe bleiwen, eigentlech net berechtegt ass.

Sou wéi ech dat a menger Introdution gesot hunn, wann een haut e Projet kucke wëll, geet et net duer, fir nëmmen een Dokument ze kucken. Et muss ee wierklech dann dräi, véier Dokumenter iwwerenee leeën, fir sech e genaue Bild ze maachen iwwert d'Situation.

Et waren eng Partie Froe vum Erny Muller komm, an och vun aneren, iwwert d'Mobilité douce, dass een déi elo net explizit am PAG ëmmer direkt erëmfënnt. Dat ass richteg. Mir hunn op där enger Säit, wéi grad hei an dëser Zon, eng schrafféiert Zon agebaut, wou mer déi Mobilité douce, déi jo och scho besteet, nach eng Kéier dra gemaach hunn. Op anere Plazen hu mer dat anescht geléist.

Ech huelen als Beispill d'rue Pierre Gansen, wou mer eng Vëlosverbindung Richtung Suessem wëllen hunn. Do hu mer iwwert déi Zone REC, déi mer lénks a riets vun der rue Pierre Gansen drop geluecht hunn, wou jo e Vëloswee erlaabt ass, gesot, esou gi mer eis d'Méiglechkeet, fir déi Vëlosverbindung an och déi Foussgängerverbindung Richtung Suessem ze maachen.

All déi Zone-RECen, déi mer gemaach hunn, si predestinéiert, fir Vëlosverbindungen ze maachen, déi eis Quartiere matenee verbannen. Well dat jo an deene Zone-RECen explizit erlaabt ass.

Da war d'Fro vum Fond-de-Gras. Dat ass eng ganz richteg Remark, Här Muller. De Fond-de-Gras ass a bleift an der Zone verte. Dat war op Wonsch vum Ministère, fir do keng Enclave ze schaffen, déi a Gemengenhand wär. Well et éischtens zwou Gemenge sinn, wou dee

ganzen Areal dran ass. A well de Ministère de Wonsch hat, dass en d'Hoheitsgebeit do huet iwwert dat, wat matten an der Natur, an deem Stéck, geschitt. Dofir bleift de Fond-de-Gras an der Zone verte.

Wat net bedeit, dass do näischt därerf geschéien. Mä den Ëmweltminister an d'Gestion de l'Eau mussen hiert Wuert matschwätze kënnen.

Spidolsterrain, hat Dir gefrot, Här Muller. Dir gesitt, am PAG ass et gréisstendeels Bâtiments et équipements publics. Dat heescht, mir hunn als Gemeng d'Recht ze soen, wat do developpéiert gëtt. A just deen hënneschten Deel, wou et quasi an de Bësch erageet, hu mer eng Zone jardin gemaach. Wou am Moment Gäert sinn, a wou mer soen, déi wëlle mer och als Gäert esou si loossen. Do wëlle mer net, dass do eragebaut gëtt bis an den Hiwwel eran. Mä dee ganzen Areal ass Équipements publics, soudass mir als Gemeng do d'Hoheitsgebeit hunn.

Virun enger zéng Deeg hate mer eng Reunioun mam Minister vun der Santé, fir ebe grad ze kucken, wéi d'Zukunft vum CHEM ass, wéi ee sech dat virstellt. Mir hunn do eng interessant Pist matkritt, mat enger Hausaufgab, déi den Tom Ulveling mat an de Verwaltungsrot vum CHEM hält, fir dat emol ze diskutéieren. Jee nodeem, wéi de Verwaltungsrot sech do positionéiert, gëtt et nei Méiglechkeete fir dee ganzen Areal.

Do musse mer awer elo ofwaarden, wat de CHEM seet, wéi si d'Zukunft gesinn. Mir sinn do prett. Et ass geschwat gi vun enger gréisserer Maison médicale, dat richteg Wuert ass net fonnt ginn, mä mir kéinten eis virstellen, dass dat net onbedéngt misst do sinn, dat kéint och méi am Zentrum vun Déifferdang sinn. An da kéint ee sech op deem Areal do eppes anescht virstellen.

Wann dat esou géif stattfannen, wat mer haut awer wierklech nach net kënnen wëssen an net kënnen beäntweren, kéint dat bedeuten, dass mer zum Beispill déi doten Zon géifen ëmklasséieren, wann et e konkrete Projet gëtt. Dat wär dann eng Modification du PAG, déi mer dann iergendwann géife maachen, wann de Gemengerot seet, dat ass sënnavoll. Mä haut ass et Équipements

publics. Dat heescht, mir hunn d'Hand op deenen Terrainen.

Et war geschwat gi vum CFL-Arrêt Breitfeld, dass deen net drop wär. Éischtens muss ech soen, ass esou e konkreten Arrêt, wéi och d'Diskussioun vum Rondpoint Nidderkuer, net Bestanddeel vun engem PAG. Esou reng geet de PAG jo net erof.

Beim Arrêt Breitfeld ass et nach esou, dass komplett an de Stäre steet, ob deen iwwerhaapt gemaach gëtt – a wann, wou. Ass en op eiser Säit? Ass en op Suessemers Säit? Hätte mer eppes agezeechent gehat, da wär et muer vläicht falsch. Well mir hunn iwwerhaapt keng Informatiounen, wéi deen Arrêt, wann en iwwerhaapt eng Kéier realiséiert gëtt, kéint gemaach ginn. Duerfir hu mer deen och ewechgelooss.

Den Här Schwachtgen hat geschwat vun den Arbres remarquables. Do muss ee vläicht differenzéieren. Et gëtt Arbres remarquables, déi sinn iwwert den Envrionnement klasséiert. Also där sinn der effektiv, wéi Der richteg gesot hutt, an der SUP nëmme wéineg dran.

Et gëtt awer op eise PAG ganz vill kleng gréng Punkten. An all grénge Punkt ass e Bam, dee mer eigentlech wëllen erhalen. Deen ass awer net klasséiert. Deen ënnerläit also net där Protektioun wéi en Arbre remarquable, dee wierklech protegéiert ass. Dës Beem wëlle mer awer natierlech am Kader vun engem Developpement, souwäit wéi méiglech, halen oder deplacéieren. Zum Deel vläicht och kompenséieren. Dat heescht net, dass déi alleguerte fort wäeren. Do si Beem dobäi, déi remarkabel sinn, awer net de Statut hunn dovunner. Vläch muss een déi Differenzéierung nach zéien.

Den Här Meisch hat geschwat iwwert de Cumul. Wann een einfach déi arithmetesch Rechnung mécht vum Schutz vun den Eefamilljenhaiser plus de Fassadeschutz an esou weider, wann een dat géif zesummerechnen, ass dat am Fong ze restriktiv. Wann een déi Rechnung esou mécht, ass et sécher wouer.

Mä d'Rechnung ass awer esou net ganz richteg. Déi zwou Saache sinn net matenee gekoppelt. Et sinn zwou Mesuren, fir eppes ze maachen. Wa mer de Schutz vun den Eefamilljenhaiser maachen,

geet et drëm, dass mer Leit mat engem aneren Akommes eng Garantie ginn, dass se sech hei zu Déifferdeng emol erëm en Haus kënne leeschten, wat soss de Fall net war. A mir steieren domadder eis Wuesstemspolitik.

Dat heescht – ech hat virdrun dat Wuert Wildwuchs benotzt –, dee Wildwuchs kréie mer domadder an de Grëff. An domadder kréie mer eng Planungs-sécherheet an Zukunft, wéi mer eis Schoul- a Stroosseninfrastrukture baue mussen. Dat ass den Objet vun deem Eefamilljenhausschutz.

Fassadeschutz ass eppes anescht. An och d'Konstruktiounen. Do geet et eis ëm e Patrimoine, dee mer hunn. Wou mer soen, dat wëlle mer net verléieren an eiser Gemeng. Et ass wichteg, dass mer déi Elementer nach an der nächster Generatioun hunn. Dat wëlle mer erhalen.

An nach eng Kéier, fir dat ze relativéieren: Ob beim Schutz vun de Fassaden oder vun den Haiser ass et jo net esou, dass guer näischt erlaabt wär. Et ass extrem vill méiglech. Et muss een ebe just sech eng Kéier op d'Gemeng deplacéieren, an eise Service technique, a soen: „Ech hu wëlles auszubauen. Ech hu wëlles, eng Fënster dran ze maachen, eng Gauf dran ze maachen. Ech wëll iergendeppes änneren“. Da kritt een net op eiser Gemeng einfach gesot: „Nee, du gees elo erëm heem, well dat do geet net“.

Mä wann eppes net geet, da sinn eis Leit do a kucken, mat dem Proprietär Léisungen ze fannen an zesummen ze kucken, wann déi eng Léisung net geet, wat fir eng da kéint goen, déi d'Gemeng arrangéiert awer och de Proprietär. Also et ass wierklech en Dialog, dee mer hei offréieren, an net e rengen Verbuet. Dat muss een e wéineg relativéieren.

Mobilitéit hat ech schonn. Do war ech schonn drop agaangen. Vläch nach ee Wuert zu der Zäit, ech wëll dat och e bësse relativéieren. Ech verstinn natierlech, wann een nëmme fënnef Deeg hat fir esou en Dossier. Dat ass enorm vill Aarbecht.

Aus deem Grond hate mer den 18. eng Versammlung gemaach, wou all Conseiller d'Informatiounen kritt hat. Mir

sont de la compétence de la commune.

Il est vrai que l'arrêt des CFL Breitfeld ne figure pas dans les plans. Mais le PAG n'est pas censé entrer dans ces détails. La même remarque vaut pour le rondpoint de Nieder Korn. Par ailleurs, il n'existe aucune certitude quant à la construction de cet arrêt. Le prévoir dans le PAG n'aurait pas servi à grand-chose puisque le collège échevinal ne sait absolument pas si, quand et comment il sera aménagé. M. Schwachtgen a mentionné les arbres remarquables. Certains sont classés par le ministère de l'Environnement et ne figurent donc pas dans l'EES. Mais tous les points verts dans le PAG représentent des arbres que la commune veut protéger même s'ils ne sont pas classés comme arbres remarquables. Dans le cadre d'un projet, il est possible qu'ils soient conservés, déplacés ou compensés. Certains de ces arbres sont peut-être remarquables, mais ils n'en ont pas le statut.

M. Meisch a parlé du cumul des mesures trop restrictives de protection des maisons et des façades. D'un point de vue purement arithmétique, il n'a pas tort. Mais les deux mesures n'ont pas la même finalité. La protection des maisons unifamiliales a pour but de permettre à des gens aux revenus plus modestes d'acquiescer une maison. C'est un instrument pour maîtriser la croissance sauvage et pour planifier l'avenir. La protection des façades sert, quant à elle, à préserver le patrimoine.

Par ailleurs, ces protections n'empêchent pas les travaux. Mais il faut au préalable se déplacer à la mairie et prévenir le service technique. Celui-ci discute alors avec les propriétaires pour trouver une solution qui satisfasse tout le monde. La commune propose un dialogue et non une interdiction. C'est pourquoi il faut relativiser les propos de M. Meisch.

Il faut aussi relativiser les critiques concernant les délais. Analyser ce dossier en cinq jours représente un travail énorme. C'est pourquoi les conseillers communaux ont reçu les informations le 18. À partir de ce moment, les conseillers pouvaient prendre connaissance des plans à la

2. PAG / 3. Actes et conventions

mairie et poser leurs questions à un fonctionnaire. Certains en ont profité; d'autres pas. Mais les conseillers communaux ont eu la possibilité de se préparer et de présenter ensuite le dossier à leurs sections. Le collègue échevinal estime avoir eu raison de ne pas communiquer le dossier plus tôt. Autrement, la commune aurait reçu des demandes dont elle ne voulait pas. Georges Liesch pense avoir répondu à toutes les remarques. Il espère que le conseil communal approuvera le PAG.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

remercie le conseil communal pour ce débat constructif. Il espère que de nombreux citoyens viendront à la réunion du 26 juin non seulement pour écouter, mais aussi pour discuter et critiquer. Les documents pourront être consultés à la mairie, y compris l'un ou l'autre samedi pour les gens qui travaillent. Personne ne doit avoir l'impression que la commune veut cacher quelque chose. La réunion d'information publique aura lieu rapidement pour éviter que la période de réclamation ne tombe pendant les grandes vacances.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux actes et conventions et commence par une locataire ayant créé une SARL. Un avenant au contrat est donc nécessaire.

(Vote)

Roberto Traversini passe à un contrat de bail. Comme l'a dit M. Bertinelli tout à l'heure, la commune doit acquérir des locaux dans le centre. Un magasin de jouets va ouvrir. Il fonctionnera selon le même principe que la boutique de vélos, qui connaît un grand succès. Des gens de tout le pays y viennent.

hate gesot, ab deem Datum kéint jiddwereen, all Conseiller, zu all Moment, op d'Gemeng kommen an all Pläng, all Dossieren, alles kucken. An e Fonctionnaire wär do, fir Froen ze beäntweren. Eng Partie Leit haten dovunner Gebrauch gemaach, anerer net.

Dat heescht, do war Zäit genuch, zumindest als Conseiller, fir sech eranzeschaffen, fir sech e Puffer ze gestalten. A fir sech dann an deene fénnef Deeg, wou een hat, e bëssen ze organiséieren an a senger Sektoun dann do déi grouss Saache virzestellen.

De Schäfferot bleibt der Meenung, dass et richtig war, dass mer déi Dokumenter net erausginn hu virun dësem Dag. Well et einfach Aschnëtter gëtt, déi be-deit hätten, dass mer am Fong nach Dossieren erakritt hätten, déi mer net méi wollten erakréien.

Ech mengen, ech hätt op déi meescht Remarque geäntwert. Ech hoffen, Dir kennt domadder liewen an dëse PAG stëmmen, dass mer dee kënnen an d'Saisine ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Ech wëll Iech alleguerten hei ronderëm den Dësch Merci soen, well et wierklech eng flott Diskussioun war, eng konstruktiv Diskussioun.

Mir wiere frou, wann de 26. Juni ganz vill Leit géifen op eis Versammlung kommen. Et ass wichtig fir jiddwereen: net nëmmen nolauschteren, mä matschwätzen, matkritiséieren, soen, wat ee vläicht aneschtens géife maachen, oder net maachen, matdiskutéieren. Well et effektiv ëm déi nächst Jore vun eiser Stad geet. Dofir wär et wichtig, wann de 26. vill Leit do wieren.

Mir wäerten de Leit net nëmmen an der Woch d'Méiglechkeet ginn, fir heihinner ze kommen. Mir wäerten och deen een oder deen anere Samschdeg virgesinn, fir déi Leit, déi an der Woch schaffen, datt se kënnen heihinner kommen. Da wëssen eis Servicer Bescheed, datt se verschidde Samschdeger musse bereet sinn, fir d'Leit ze empfangen.

Well et ass extrem wichtig, datt keen d'Gefill huet, mir géifen dat wëllen ënnert den Dësch kieren. An dofir hu mer d'Versammlung virun d'grouss Vakanz gesat. Soss wieren déi 30 Deeg fir ze reklaméieren an d'grouss Vakanz gefall. Dofir ass deen Datum erausgesicht ginn, datt awer déi meescht Zäit hunn an déi 30 Deeg, déi bleiwen, net an déi grouss Schoulvakanz falen.

Villmools Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui, 2 voix non et 1 abstention de lancer la procédure d'adoption du nouveau projet d'aménagement général de la Ville de Differdange.

Villmools Merci. Da géife mer zum nächste Punkt kommen, Actes et conventions. Et ass e Contrat de bail, deen d'Locataire op Nom propre hat an dat huet elo eng Sàrl gegrennt. Do wëlle mer en Avenant maachen. Et bleibt déiselwecht Persoun. Et ass ebe just elo eng Sàrl, déi kreéiert gëtt. Kéinte mer dat esou unhuelen? Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 abstentions d'approuver l'avenant à un contrat de bail d'un espace au 1535° Creative Hub.

Villmools Merci. Deen nächste Punkt ass e Contrat de bail. Et ass genau dat, wat den Här Bertinelli virdrun, mat Recht, gesot huet. Datt et richtig ass, datt mer am Zentrum Geschäfte wëllen opkafen.

Hei wäert deemnächst e Spillbuttek opgoe fir Spillsaachen a Kannerkleeder. Et leeft ënnert deemselwechte Prinzip wéi de Vëlosbuttek. Et gëtt nëmme Saachen, déi scho gebraucht sinn. A mir erhoffen eis, datt et deeselwechte Succès wäert gi wéi de Vëlosbuttek. Well do komme Leit aus dem ganze Land. Et wär flott, wann ech d'nächste Kéier vläicht d'Chifferen hätt, fir Iech déi matzedeele, vu wou d'Leit iwwerall

3. Actes et conventions

op Déifferdeng mat hire Vëloë kommen, sief et fir Reparaturen ze maachen, sief et fir Vëloen ze kafen.

Mir hunn honnerten an honnerte Vëloë geschenkt kritt. Wat am Moment e bësse feelt, si Kannervëloen. Déi ginn extrem gutt. Dat ass och ze verstoen. An datselwecht wëlle mer elo e puer Haiser méi erop maache fir alles, wat Spillsaachen ass. Mir waren deen een an deen anere Projet zesumme kucke mat eise soziale Servicer. Et gëtt esou eppes zu Walfer. Awer aus engem anere Grond. Mir wëllen dee Buttek do mat Économie circulaire fëllen an hoffen, datt dat grad esou gutt geet.

D'Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Zu dem Mietvertrag op 18, Avenue Charlotte tëschent der Gemengeverwaltung an dem CIGL. Mir sinn natierlech frou, dass dëst Geschäftslokal erëm besat gëtt. Wéi ech virun e puer Méint laanscht dat eidelt Lokal gaange sinn, sot ech: „Oh. Erëm eidel“. Elo mécht do e Kanneroccasionsbuttek ënnert der Leedung vum CIGL seng Dieren op fir Kanner vun 0 bis 6 Joer, mat Spiller, Spillsaachen a Kannergezei. Wéi gesot, en Occasionsbuttek.

Sozial gesinn, fanne mer dëst gutt, well eng Weiderverwärtung do ass an en eidelt Lokal erëm besat ass. Ech hat och eppes vu Retouchenatelier héieren, Här Buergermeeschter?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, richtig.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Wann dee kee Präisdumping mécht, kéint een dat akzeptéieren. Well mer jo awer e puer Stéck schoonn zu Déifferdeng hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz richtig.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Mä sou wéi bei deenen anere Butteker ass et jo och vum CIGL an hält sech och un d'Präisrichtung.

Et ass scho méi laang gewosst, dass d'Situatioun am Zentrum vun der Stad fir den eenzelne Commerce net einfach ass. Net nëmmen hei zu Déifferdeng. Mir fannen dat Phenomen och an anere Stied erëm hei am Süden. Wou mer eis an enger Ëmstrukturierungsphas befannen, esou wéi d'Leit elo hir Akeef maachen. E Revirement kënnt mat der Zäit, do kann ech aus Erfahrung schwätzen. Awer net vun eleng.

Dofir géife mer eis freeën, wann de Poste vum Citymanager erëm besat géif ginn. Positiv wär et awer, wann dës Person sech mat de Gegebenheeten an de Gewunnechte vun Déifferdeng auskennen an en neit Konzept fir den Zentrum ausschaffe géif. Ech soe Merci, a mir stëmmen dëse Kontrakt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Madamm Saeul. Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, als Vertrieeder vun der CSV wëll ech ënnersträichen, datt mer dëst Geschäft, wou ee präiswäert Spiller, Puzzelen, Bicher an esou weider ka kafen, begrëssen. Generell gesinn, ass et e weidere richteg Schrëtt an enger Approche zur Weiderverwärtung vun eppes, wat nach gutt ass. Besonnesch Kannerspiller, déi oft vill Geld kaschten, gi gär just fir eng kuerz Zäit benotzt, well d'Kanner séier bäileieren. An dann hëlt dëst Spill just nach Plaz ewech, well een et als Elteren net wëllt ewechgeheien, well et nach gutt ass.

Do wier eng Formel flott, wou een, fir eng kleng Kontributioun oder beispillsweis duerch eng Memberskaart am Buttek, d'Méiglechkeet hätt, säi Spill ofzeginn an en anert amplaz kéint mathuelen.

Dëse Buttek kënnt ville Kanner zegutt, egal aus wellechem soziale Milieu.

La boutique a reçu des centaines de vélos en cadeau. Il faudrait juste davantage de vélos pour les enfants.

Le nouveau projet concerne donc les jouets. Il en existe un semblable à Walferdange.

CHRISTIANE SAEUL (DP) se réjouit du fait qu'un local de commerce soit occupé. Elle avait constaté il y a quelques mois qu'il était vide. Désormais, c'est un magasin d'occasion pour les enfants de zéro à six ans qui y ouvrira ses portes sous la direction du CIGL. D'un point de vue social, c'est une bonne chose. Christiane Saeul a aussi entendu parler d'un atelier de retouches. (Interruption de M. Traversini) Elle est disposée à soutenir ce projet à condition qu'il ne pratique pas de concurrence déloyale.

(Interruption de M. Traversini) Christiane Saeul sait bien que la situation des commerçants dans le centre-ville n'est pas facile. La même chose est vraie dans les autres villes du sud. Le commerce se trouve dans une phase de restructuration. Les gens font leurs courses différemment. C'est pourquoi Differdange a besoin d'un city manager. Il faudrait que cette personne connaisse Differdange et puisse élaborer un nouveau concept.

JERRY HARTUNG (CSV) salue l'ouverture de cette boutique où l'on pourra acheter des jeux, des livres, des puzzles... Il s'agit d'un pas de plus dans la revalorisation d'objets pouvant encore servir. Les jeux pour les enfants content souvent cher et ne sont utilisés que peu de temps. Ensuite, ils prennent de la place.

Jerry Hartung propose une formule permettant aux enfants d'échanger un jouet contre un autre.

3. Actes et conventions

En tout cas, cette boutique plaira aux enfants, quel que soit leur milieu social.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) regrette que les conseillers communaux n'aient pas été informés au préalable. Le dossier ou le contrat pourraient contenir quelques détails quant à l'activité. Par ailleurs, le magasin de sport a fermé. Qu'est-ce qui n'a pas fonctionné?

Pour le reste, Gary Diderich salue ce projet. Il s'agit d'un domaine où les gens achètent beaucoup, mais où ils jettent aussi énormément. L'approche de l'économie circulaire est donc la bonne. En outre, la pyramide des âges montre que Differdange compte beaucoup d'enfants et de jeunes par rapport au reste du pays. Le besoin existe donc.

L'espace est grand. Gary Diderich se demande comment il sera exploité.

Le conseiller communal suggère par ailleurs de créer une ludothèque, un concept qui n'existe pas encore au Luxembourg, mais qui est répandu dans d'autres pays. Il s'agit d'aménager un espace où les gens peuvent jouer. Le local est assez grand.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que c'est prévu.

GARY DIDERICH (DÉI GRÉNG) n'était pas au courant. Cela démontre que les conseillers communaux ne disposent que de peu de détails.

Gary Diderich salue cette décision. Il rappelle que deux acteurs de l'économie solidaire opèrent à Differdange. En général, il soutient l'économie sociale et solidaire. Mais il trouve que les initiatives ne doivent pas toujours concerner l'emploi et la réinsertion. Il faut aussi créer de vrais postes d'emploi. Differdange doit se diversifier et collaborer par exemple avec le 6zero1.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) salue à son tour cette initiative contre la consommation de masse, qui veut que l'on jette des objets en bon état.

Mais quelque chose n'est pas clair. Christiane Brassel-Rausch peut-elle

Zum Bail ass näischt ze soen, deen entsprécht, wéi scho gesot, deenen anere Bailen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci. Wat mir elo heibäi gefeelt huet, dat ass, dass mer keng Informatiounen am Viraus doriwwer kritt hunn. Dass ee souwuel am Kontrakt wéi beim Dossier eng minimal Informatioun kéint kréien, wat d'Aktivitéit wäert sinn, déi dann do stattfënnt. An och eng Informatioun, wat net funktionéiert hat bei deem Geschäft virdrun. Do huet jo e Kontrakt bestanen, do misst jo dann eng Resiliatioun de Fall sinn. Wat do de Kontext ass, wat net funktionéiert hat bei deem Geschäft virdrun. Wat jo awer als Sportgeschäft hei ugekënnegt ginn ass.

De Projet u sech ass ze begréissen. Ech denken, dass an deem Beräich ganz vill kaf gëtt a ganz vill ewechgeheit gëtt. Soudass déi Approche déi richtig ass, Économie circulaire. A wéi mer virdu beim PAG an eiser Demografie-Pyramid gesinn hunn, gesi mer ganz kloer, dass mer par rapport zum Rescht vum Land ganz vill Kanner, ganz vill jonk Populatioun zu Déifferdeng hunn. Soudass dat engem Besoin entsprécht, wat der Populatioun entsprécht.

Bei deem Geschäft ass am Fong ganz vill Raum do. Dat heescht, ech froe mech, wéi dee ganze Raum genotzt gëtt.

An eng Ureegung, déi ech wollt maachen, dat ass e Konzept, wat et nach net vill zu Lëtzebuerg gëtt, wann iwwerhaapt, wat et awer vill am Ausland gëtt, dat ass dat vun der Ludothek. Dat heescht, dass een e Raum kann hunn, wou d'Leit sur place kéinte spillen. An ech mengen, dat Geschäft ass grouss genuch.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat wäert geschéien.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat kënnt dohinner? Also do gesäit een, wéi wéineg Detailer mer iwwer e Projet hunn, dee mer dann hei stëmmen. Mä dat ass jo dann ze begréissen, dass et an déi Richtung geet. Well dann och Leit do kënnen zesummekommen.

Eng lescht Ureegung, déi ech wollt maachen: Mir hunn haaptsächlech zwee Acteuren aus der Économie sociale et solidaire, déi elo op e puer Sitten intervenéieren an eiser Gemeng. An ech schwätze mech dofir aus, fir méi op Économie sociale et solidaire ze setzen.

Awer och, dass ee probéiert ze diversifizéieren, vun den Acteuren hier a vun de Modeller, déi dohannert sinn, am Sënn vu Beschäftegung an Insertioun. Respektiv, et muss net ëmmer ëm Beschäftegung an Insertioun goen. Dat ass natierlech och gutt, mä et musse jo och fest Aarbechtsplazen einfach ginn, wou déi Leit dann herno kënnen kréien.

Och do gëtt et Projeten, an do soll ee probéieren ze diversifizéieren an och aneren eng Méiglechkeet ze ginn. Ech mengen, do kéint een zesummeschaffe mat engem 6zero1, deen eng Kéier hei war. An do gëtt et nach aner esou Pépiniëren, souzesoen, vun esou engem Projet. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich. D'Madamm Brassel-Rausch Christiane, w.e.gl.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemen-gerot, natierlech begréisst mir als gréng déi Initiativ, déi sech e bësse stäipt géint dee Konsumwahn an dee Wahn, einfach Saachen ewechzegeheien, déi nach gutt kënnen recycléiert ginn an erëm gebraucht ginn. Déi Initiativ, déi sech gutt hei an de Kader vun Déifferdeng a vun der Déifferdenger Populatioun aschreift.

Erlaabt mer, Här Buergermeeschter, Iech eng Fro ze stellen, wat mir elo net richtig kloer ass an deem Projet: Wa mäi Petzi futti ass, an ech hätt dee gär

4. Règlements communaux

gefléckt, kann ech deen an dee Buttek droen? A kréien ech en da gefléckt erëm?

(Gelaachs)

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do sinn am Fong geholl zwou Saachen, déi ech wollt soen. Merci fir déi grouss Ënnerstëtzung. Fir den Teddy ass am Moment virgesinn, Reparaturen ze maachen, jo. Mä awer just, wann een d'Saachen ofgëtt. Dat heescht, Iech géif ech virschloen en ofzeginn, d'Reparatur maachen ze loossen an en dann erëm kafen ze goen. Eppes anescht ass am Moment net virgesinn.

Dat heescht awer net, datt een net vläicht sollt esou eng Schinn opmaachen. Et gëtt keng Concurrence déloyale zu all den Néieschen – et sinn haapt-sächlech Néieschen, déi mer hei hunn –, well et am Fong geholl just Occasionssaache sinn, déi mer net erëm zrëckginn.

Dat heescht, alles, wat mir kréien, flécke mer, oder et gëtt vläicht méi kleng oder méi grouss oder aneschters gemaach. Et gëtt dofir keng Konkurrenz fir déi vill Néieschen, déi bei eis an der Gemeng schaffen.

An dat anert, do ginn ech Iech vollkomme recht. An Dir gesitt jo, an der netëf-fentlecher Sitzung kënnt d'Kreatioun vun engem Citymanager. Deen och wäert déi Haaptpersoun ginn, fir déi Commission économique ze leeden. Dat ass am Fong geholl den Ufank vun deem, wat ech Iech scho méintelaang versprach hunn, datt mer déi Kommissioun géife kréien.

Elo hu mer emol ee Kapp drop, dee genau dat, wat Dir gesot hutt, muss emol maachen: Wou sti mer hei? Wou wëlle mer hin? Firwat ginn d'Leit enzwousch aneschtens? Dat gëtt eng Haaptaarbecht vun där Persoun. A villmools Merci fir déi grouss Ënnerstëtzung. Ech wäert dem CIGL dat alles mathuelen. Da géife mer zum Vott kommen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Just ier mer deen hei Vott huelen, eng Remark. D'Press hat vläicht matgezielt, de Votum PAG ass: 14 Jo, 2 Nee an eng Enthaltung. Ech hat virdrun aner Date gesot. Dass Der dat awer richteg androt, wann Der net vläicht selwer scho richteg gezielt hutt, wat mir net geschitt ass. Merci.

Elo deen heite Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec le CIGL pour un local de commerce sis 18, avenue Charlotte.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. De véierte Punkt: D'Indemnitéite vun de Jurysmembere ginn ugepasst. Ass dat an der Rei? Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'adapter les indemnités pour les membres du jury, accompagnateurs et remplaçants au sein de l'école de musique.

Exzellent. Dann d'Règlements temporaires de circulation. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et sinn erëm eng ganz Partie Chantieren an esou weider, sou wéi mer se an all Gemengerot hunn. Ech hunn elo kee Speziellen direkt entdeckt. Ech muss awer soen, wéi ech vun engem Member vum Gemengerot gefrot gi sinn, wou dann d'rue du Bois des Bonnes Soeurs wär, do hunn ech awer och missen nokucken. Ech wousst dat op Anhieb och net.

(Gelaachs)

amener son ours en peluche déchiré pour le faire réparer?

(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait qu'il est disponible si M^{me} Brassel-Rausch veut faire des câlins.

Il remercie le conseil communal pour son soutien.

Les ours en peluche peuvent effectivement être réparés, mais uniquement s'ils sont ensuite laissés sur place. En d'autres termes, M^{me} Brassel-Rausch serait forcée de le racheter si elle le fait réparer. Mais cela ne signifie pas que l'on ne pourrait pas prévoir un tel service à l'avenir.

Pour le moment, il ne s'agit pas de concurrence déloyale par rapport aux autres couturiers puisque la boutique de jouets ne réparera que les objets d'occasion qu'elle mettra en vente.

En ce qui concerne le « city manager », la création du poste figure à l'ordre du jour de la séance non publique. Cette personne dirigera la commission économique et devra entre autres répondre aux questions suivantes: où en est l'indemnité? Dans quelle direction faut-il aller? Pourquoi les gens font-ils leurs courses ailleurs?

Roberto Traversini remercie le conseil communal pour son soutien au projet. Il le communiquera au CIGL.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

a fait une erreur tout à l'heure. Le PAG a été approuvé par 14 voix oui, 2 voix non et 1 abstention.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à l'adaptation des indemnités des membres du jury.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux règlements temporaires de circulation.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

constate que les règlements portent sur des chantiers. Il n'y a rien de spécial.

Georges Liesch doit cependant avouer qu'un conseiller communal lui a demandé où se trouvait la rue des Bois-des-Bonnes-Soeurs et qu'il ne le savait pas.

4. Règlements communaux

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
ne le sait pas non plus.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *plaisante sur le fait qu'il va garder le secret.*
(Rires)

GUY ALTMEISCH (LSAP) *rappelle que la commune a installé des bornes sur le trottoir près du Parc des sports pour que les voitures ne puissent pas s'y garer. Malheureusement, ces bornes se trouvent à hauteur de l'arrêt du bus. Une femme avec une poussette a eu du mal à descendre du bus. Pour les piétons, la situation est plutôt dangereuse également.*

TOM ULVELING (CSV) *en prend note.*
(Interruption de M. Altmeisch)

FRED BERTINELLI (LSAP) *a une question pour l'échevin à la circulation.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
demande aux conseillers communaux d'écouter M. Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP) *rappelle qu'il a été question d'aménager une place de stationnement pour les personnes à mobilité réduite devant la pharmacie du Fousbann. Les gens lui en parlent souvent. Ne pourrait-on pas instaurer une sorte de « fact checks » pour informer les conseillers communaux de ce qui a été réalisé et de ce qu'il reste à faire? Les gens posent constamment des questions aux conseillers communaux, qui ne savent pas quoi répondre.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond que si la place pour personnes à mobilité réduite avait été aménagée, elle aurait été approuvée par le conseil communal. Mais il sera question de la circulation sur le plateau du Funiculaire lors de la séance du 17 juillet.*
(Interruption de M. Bertinelli)
Georges Liesch précise que le collègue échevinal veut aménager de telles places, mais que ce n'est pas encore fait.
(Interruption de M. Bertinelli)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. D'Drénglechkeetsreglementer sinn an der Rei. Ech hätt just eng drénglech Ufro, déi mer opgefall ass a sécherheetsméisseg net drobar ass. An der Avenue Parc des Sports hu mer déi Bornë gesat, fir dass d'Autoen net méi op dem Trottoir parken, wat eng ganz gutt Saach ass.

Leider ass do e Feeler geschitt. Déi Bornen, déi gi viru bis op de Busarrêt. An d'leschte Kéier hat eng Fra mat der Kutsch probéiert, aus dem Bus erauszeklappen, déi ass dann un déi Bornë gestouss. Do ass e Busarrêt op der Héicht, wou et op de Chantier eropgeet. Do e bëssen decaléiert ass e Busarrêt. Duerch déi Bornen ass et net méiglech, mat enger Kannerkutsch aus dem Bus erauszeklappen. An och fir de Foussgänger, deen den Arrêt wëll benotzen, ass et zimlech problematesch a geféierlech. Ech wier frou, wann do eppes géif geschéien. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir huelen dat mat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nach ëmmer zu den Zirkulationen. Här Bertinelli, Dir hutt d'Wuert.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt de Verkéiersschäfte froen, ob et net méiglech wier – well soss maache mer dat an all Gemengerot –, datt Dir mech um Lafenden haalt fir déi Geschichten, wou mer elo schonn zwee- oder dräimol mat erageholl hunn, zum Beispill bei der Apdikt um Fousbann, wou mer jo e Parking fir Personnes à mobilité réduite maache sollten.

Ech ginn andauernd ugeschwat, datt een iergendeppes schaaft wéi e Faktencheck, datt mer am Gemengerot aviséi-

ert ginn, wann dat gemaach ass. Och fir déi Afaart, Einbahnstrooss oder Kreesverkéier, an deem Quartier. Ob et gemaach gëtt oder net.

Well soss gëtt een andauernd vun de Leit gefrot. An ech froen Iech dann all Gemengerotssitzung erëm, wéini dat dann elo geschitt. Well dat mat deem Parking à mobilité réduite, dat ass elo fir d'véiert oder fir d'fënneft, datt ech vun de Leit ugeschwat ginn. An ech froen Iech dann ëmmer hei. Et wier vläicht méi einfach, wann et esou gemaach géif, datt Dir eis einfach sot, dat an dat ass geschitt. Dat ass eng Fro, déi mer hätten.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et ass nach net geschitt, soss hätte mer et jo hei am Gemengerot gehat. Dat muss hei gestëmmt ginn. Um Funiculaire ass et esou, dass mer jo kucken an de Sens, wéi d'Leit am Moment ronderëm fueren, dréien. Dat bréngen ech an de Gemengerot de 17. Juli, mat all den Upassungen. Dat heescht, mir wëllen et maachen. Mä et ass nach net geschitt, soss hätte mer et schonn hei gestëmmt. Et muss jo hei fir d'éischt gestëmmt ginn.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Okay.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Madamm Richartz, w.e.gl.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, fir nach eng Kéier op d'Bornen zrëckzekomme bei der Sportshal. Mir hate gëschter rieds an der Versammlung, dass d'Leit do gesot hunn, d'Bornë wieren ze déif am Trottoir. Si misste méi op d'Strooss, well d'Autoe sech nach ëmmer géifen

4. Règlements communaux

dohinner parken. Gëschter hate mer doriwwer rieds. Da geet dat jo an engems, wann do den Arrêt problematesch ass. Den Här Liesch weess dat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, wgl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Um Kiermerchen, um Plateau ass eng Creos-Statioun opgeriicht ginn. Ech wollt froen, wat do den Hannergrond ass, firwat déi elo do opgeriicht ginn ass.

(Interruption)

Um Vesquenhaff, jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Um Vesquenhaff, do, wou d'Douane war.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ah jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi ass schéin am Holz agekleet. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dat ass am Kader vun der Renovéierung vun der Creos hire Reseauen. Dat huet elo net direkt mam Wandpark eppes ze dinn. Dat war jo wahrscheinlech Är Suggestioun. Mä dat huet näischt domadder ze dinn. Et ass einfach an der Renovéierungsarbecht vun der Creos, wou si do eng nei Trafostatioun gebaut hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass net, wéi wann Der muer de Moie géift opstoen an da géifen déi dräi Piliere do stoen. Dat wier ze schéin. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Merci. Vun de Kommissiounen ass näischt erakomm. Da géife mer déi ëffentlech Sitzung zoumaachen a mir géifen zur netëffentlecher kommen.

Georges Liesch ajoute que de telles décisions doivent être approuvées par le conseil communal.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

a discuté des bornes près du centre sportif avec M. Liesch hier. Les gens se plaignent du fait qu'elles ne sont pas assez proches de la bordure du trottoir. Les automobilistes continuent de se garer à cet endroit. (Interruption)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rappelle que M^{me} Richartz-Nilles a la parole.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

répète que M. Liesch est au courant.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

cède la parole à M. Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate qu'une station de Creos a été installée au Kiermerchen. Pour quelle raison?

(Interruption de M. Traversini)

Gary Diderich précise qu'il s'agit du Vesquenhaff.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que c'est à l'endroit où se trouvait la douane.

(Interruption)

Roberto Traversini précise que la station est enveloppée de bois.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

explique que ces travaux ont eu lieu dans le cadre de la rénovation des réseaux de Creos. Cela n'a rien à voir avec le parc d'éoliennes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que si les trois éoliennes pouvaient être installées demain, ce serait bien beau.

(Vote)

Roberto Traversini clôture la séance publique.

CARTE D'INVALIDITÉ

Les personnes atteintes d'une infirmité d'au moins 30 % et qui résident au Grand-Duché peuvent bénéficier de l'octroi d'une carte d'invalidité délivrée par le ministère de l'Intérieur. Les titulaires de cette carte profitent gratuitement des transports publics. Les demandes sont à remplir en double et doivent être accompagnées de deux photos. Les formulaires de demande sont disponibles à l'administration communale ou en version imprimable ci-dessous.

Pour des renseignements supplémentaires, n'hésitez pas à contacter le service Biergeramt.



SENIOR ART WEEKEND

14-20 OCTOBRE 2019

15h-19h AU HALL O

OBERKORN

ENTRÉE GRATUITE



L'ESSENTIEL DURIRE

DIFFERDANCE
COMEDY FESTIVAL



AALT STADHAUS
DIFFERDANCE

4-10 NOVEMBRE 2019

- DEDO . PE .
- ELODIE POUX .
- GUILLERMO GUIZ .
- FUNKY FAB . FARAH .
- FREDDY TOUGAUX . AHIR SHAH .
- FLORENCE MENDEZ . DOULLY .
- MARINE BAOUSSON . MARIE RENO .
- DENIS RICHIR . MANON LEPOMME .
- HARRIET KEMSLEY . LAURA DOMENGE .
- DEEPU DILEEPAN . CHRISTINE BERROU .
- ... ET BEAUCOUP D'AUTRES

INFOS, TICKETS & ABONNEMENTS
WWW.LESENTIELDURIRE.COM

ORGANISATION



PARTENAIRE PRINCIPAL



AUTRES PARTENAIRES



BNP PARIBAS

